n°5 /2023









# GEMENGENINFO

RAPPORT DU CONSEIL COMMUNAL
DU 26.05.2023

# maville

DUDELANGE,
ON DIRAIT
LE SUD

LIEWE WÉI AM SÜDEN


DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

# COMPOSITION DU CONSEIL COMMUNAL


Dan Biancalana,
bourgmestre LSAP


Loris Spina,
échevin LSAP


René Manderscheid,
échevin LSAP


Josiane Di Bartolomeo-Ries,
échevine LSAP


Claudia Dall'Agnol,
échevine LSAP


Martine Bodry-Kohn,
conseillère LSAP



Romain Zuang,
conseiller LSAP


Bob Claude,
conseiller LSAP


Alain Clement,
conseiller LSAP


Walter Berettini,
conseiller LSAP


Michèle Kayser-Wengler,
conseillère CSV


Jean-Paul Gangler,
conseiller CSV


Jean-Paul Friedrich,
conseiller CSV



Claude Martini,
conseiller CSV


Françoise Kemp,
conseillère CSV


Monique Heinen,
conseillère Déi Gréng


Semiray Ahmedova,
conseillère Déi Gréng


Thessy Erpelding,
conseiller Déi Lénk


Victor Haas,
conseiller indépendant

Éditeur responsable: Collège des bourgmestre et échevins de la Ville de Dudelange
Résumé français: Patrick Bausch / Retranscriptions: Christiane Colbett
Photos: Standart, Ville de Dudelange
n°5 / 2023 - Parution: septembre 2023
Imprimé sur du papier recyclé et certifié FSC.

# SOMMAIRE


Rapport sommaire en français 04

**1. CORRESPONDANCE** 07

**2. CIRCULATION** 08
2.1. Approbation du règlement temporaire de la circulation à l'occasion de l'activité « Velosummer 2023 »
2.2. Approbation du règlement temporaire de la circulation dans l'avenue Grande-Duchesse Charlotte

**3. APPROBATION DU NOUVEAU RÈGLEMENT GÉNÉRAL DE POLICE** 17

**4. APPROBATION DE L'ORGANISATION SCOLAIRE PROVISOIRE 2023/2024 DE L'ENSEIGNEMENT MUSICAL** 26

**5. APPROBATION DE L'ORGANISATION SCOLAIRE PROVISOIRE 2023/2024 DE L'ENSEIGNEMENT FONDAMENTAL** 28

**6. FINANCES COMMUNALES** 42
6.1. Approbation des modifications à apporter au chapitre XXII – Salles communales – du règlement-taxes général
6.2. Approbation de cinq accords avec la Croix-Rouge luxembourgeoise pour la mise à disposition de locaux dans l'immeuble 37, rue du Commerce dans le cadre de l'accueil de personnes fuyant l'Ukraine
6.3. Approbation du contrat de bail avec la société Gymnase Group s.à r.l. relatif à l'exploitation de la buvette de la piscine en plein air
6.4. Approbation d'un contrat de bail de sous-location avec la société Wild Shops s.à r.l. pour la location d'une partie du local commercial, sis 77, avenue Grande-Duchesse Charlotte
6.5. Approbation d'un contrat de fermage avec Monsieur Nicolas Peter et son épouse Madame Sandy Hoffmann concernant une parcelle de terre labourable au lieu-dit « Bei Ribeschpontergriecht »
6.6. Acquisition d'emprises – approbation d'actes de vente notariés
- 6.6.1. Époux Charles Strock et Jessica Classen, terrain sis route de Boudersberg
- 6.6.2. Monsieur Nijaz Kalac, terrain sis route de Volmerange
- 6.6.3. Société en nom collectif « TOP MC », terrain sis rue de la Libération
- 6.6.4. Madame Marie-Paule Wilhelm, terrain sis rue Alphonse Benoît
- 6.6.5. Monsieur Jean Paul Marie Wallenborn, terrain sis route de Burange
- 6.6.6. Copropriétaires Braquet, terrain sis rue Jean Friedrich
- 6.6.7. Copropriétaires Madame Marlyse Sartorius, Madame Alice Schmit, les époux Anne Schmit et Gustave Hippert, Madame Marlyse Sartorius, Madame Alice Schmit, les époux Anne Schmit et Gustave Hippert, Madame Danielle Schmit, les époux Isabelle Schmit et Nicolas Brettner, les époux Jean Claude Schmit et Mady Schram, les époux Joseph Schmit et Jacqueline Schoenhofen et Madame Marie Claire Schmit, terrain sis route de Noertzange

6.7. Échange de terrains avec Monsieur Stefano Gigante
- 6.7.1. Reclassement des terrains appartenant à l'administration communale du domaine communal public en domaine communal privé en vue de leur échange
- 6.7.2. Approbation d'un acte notarié d'échange de terrains avec Monsieur Stefano Gigante au sujet de parcelles dans la rue du Commerce et dans la rue de la Libération en échange de parcelles dans la rue de la Libération

6.8. Subsides ordinaires à allouer aux clubs et associations locales

**7. AMÉNAGEMENT COMMUNAL** 50
Approbation d'un projet de lotissement/morcellement à Boudersberg présenté par la société TERRA G.O. pour le compte de la société Active Invest

**8. PERSONNEL** 51
8.1. Création de trois postes d'employés communaux à tâche complète, groupe d'indemnité C1, éducatif et psycho-social pour le service éducation et accueil
8.2. Création d'un poste d'employé communal à tâche complète, groupe d'indemnité B1, éducatif et psycho-social pour le service éducation et accueil

**9. QUESTIONS AU COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS** 51

# RAPPORT SOMMAIRE

Présents : Messieurs Dan Biancalana, bourgmestre ; Loris Spina, René Manderscheid ; Mesdames Josiane Di Bartolomeo-Ries (à l'exception du point numéro 6.1. de l'ordre du jour) et Claudia Dall'Agnol, échevins. Madame Semiray Ahmedova (à l'exception du point numéro 6.6. de l'ordre du jour) ; Monsieur Walter Berettini ; Madame Martine Bodry-Kohn ; Messieurs Bob Claude, Alain Clement ; Madame Thessy Erpelding (à l'exception du point numéro 6.6. de l'ordre du jour) ; Messieurs Jean-Paul Friedrich, Jean-Paul Gangler ; Mesdames Monique Heinen, Michèle Kayser-Wengler (à l'exception des points numéros 7 et 8 de l'ordre du jour), Françoise Kemp (à l'exception du point numéro 6.6. de l'ordre du jour) ; Monsieur Claude Martini et Romain Zuang, conseillers. Patrick Bausch, secrétaire communal. Absent : Monsieur Vic Haas, conseiller communal, excusé. Délégation : Monsieur Vic Haas, conseiller communal, a conféré une délégation de vote à Monsieur Bob Claude, conseiller communal, pour l'ensemble de la séance.

Début de la séance publique à 08.00 heures.

**1 – CORRESPONDANCE**

Monsieur le bourgmestre exprime ses remerciements aux membres sortants du conseil communal qui ne se sont pas portés candidats aux prochaines élections communales, à savoir Monsieur Bob Claude, conseiller communal pendant deux sessions et Monsieur Vic Haas, conseiller communal pour la session en cours, pour la bonne collaboration au sein du conseil communal et pour leur engagement envers la Ville de Dudelange. Monsieur Bob Claude prend alors la parole, retrace son parcours au conseil communal et remercie à son tour tous les membres du conseil pour la bonne collaboration. Toutes les fractions politiques félicitent et remercient Messieurs Claude et Haas pour leur engagement. A la suite, Monsieur René Manderscheid informe que la Ville s'est vu attribuer en date du 5 mai 2023, la certification de base (41%) comme « Naturpakt Gemeng », certification établie au vu du niveau de performance atteint par la Ville par rapport aux mesures mises en œuvre à partir d'un catalogue.

**2 – CIRCULATION**

2.1 Le conseil communal approuve à l'unanimité le règlement temporaire de la circulation à l'occasion de l'activité « Velosummer 2023 » allant du samedi, 29 juillet 2023 au dimanche, 27 août 2023, tous les jours entre 14.00 et 06.00 heures ;

2.2 avec 14 voix et 5 abstentions, est approuvé le règlement temporaire de la circulation à l'occasion de l'ouverture de l'avenue Grande-Duchesse Charlotte après la fin du chantier « Shared Space », phase 3. Ainsi, à partir du lundi, 29 mai 2023, jusqu'au samedi, 30 septembre 2023, tous les jours entre 14.00 et 6.00 heures, la circulation est interdite dans l'avenue Grande-Duchesse Charlotte et dans une partie de la rue du Commerce.

**3 – NOUVEAU RÈGLEMENT GÉNÉRAL DE POLICE**

L'entrée en vigueur de la loi du 27 juillet 2022 relative aux sanctions administratives communales et à l'élargissement des compétences des agents municipaux a constitué l'élément déclencheur pour retravailler le règlement général de police modifié du 16 juillet 2010. Il a ainsi été profité d'intégrer les règlements suivants dans le nouveau règlement de police : le règlement communal « öffentliche Wege » du 4 juillet 1983, le règlement communal du 23 décembre 1988 sur les chiens, le règlement communal du 9 septembre 1992 sur le trafic et les activités récréatives dans les forêts et les parcs et le règlement communal du 12 novembre 2010 relatif à la protection contre le bruit.

Le règlement général de police a été revu de fond en comble et ses dispositions ont été actualisées. Conformément aux dispositions de l'article 1er de la loi du 27 juillet 2022 relative aux sanctions administratives communales et à l'élargissement des compétences des agents municipaux, le conseil communal a, dans son règlement de police générale, érigé en infractions les faits prévus à l'article 3 et décidé de les sanctionner par des amendes administratives, à moins que des peines ou des sanctions administratives soient établies par ou en vertu d'une loi ou d'un règlement grand-ducal pour les mêmes infractions.
Ainsi, ont été érigés en infractions punies de sanctions administratives, les faits suivants (art. 73 ss.) : le fait d'occuper la voie publique pour y exercer une profession, une activité industrielle, commerciale, artisanale ou artistique, sans y être autorisé par le bourgmestre ; le fait d'user de tondeuses à gazon, de scies et généralement de tous autres appareils bruyants, les jours ouvrables avant 08.00 heures et après 20.00 heures ; les samedis avant 08.00 heures, entre 12.00 et 14.00 heures et après 18.00 heures ; les dimanches et jours fériés avant 10.00 heures et après 12.00 heures ; le fait de lancer ou de faire éclater des matières fumigènes, fulminantes ou explosives, puantes ou lacrymogènes dans les rues, voies et places publiques ; le fait de charger et de décharger des marchandises sans autorisation du bourgmestre ou en dehors des horaires de livraison définis par le règlement général de la circulation ; le fait de faire usage, sur la voie publique et dans les lieux accessibles au public, de radios et autres moyens électroniques dépassant le niveau de bruit ambiant de la rue sans autorisation du bourgmestre ; le fait de dérégler le fonctionnement de

l'éclairage public et des projecteurs d'illumination ; le fait d'allumer un feu sur la voie publique sans autorisation du bourgmestre ; le fait de manipuler les conduites, canalisations, câbles et installations publiques ; le fait d'endommager les plantations ornementales installées sur la voie publique et dans les lieux accessibles au public ; le fait pour le détenteur d'un chien de ne pas enlever de la voie publique les excréments provenant de son chien ; le fait d'introduire les chiens sur les places de jeux, écoles ou autres lieux publics non autorisés aux chiens ; le fait d'exécuter des travaux sur toute sorte de chantiers du lundi au samedi entre 20.00 et 7.00 heures ; le fait pour les établissements du secteur HORESCA d'installer des terrasses de café ou de restaurant au-delà du périmètre défini par le conseil communal conformément aux annexes 1 et 2 du règlement ; le fait d'occuper des aires de jeux publiques en dehors des horaires d'ouverture définies par le conseil communal ; le fait de déposer sur la voie publique les poubelles ou sacs destinés à la collecte publique avant 17.00 heures le jour qui précède le jour de la collecte ; le fait pour les entreprises de construction et de transport d'encombrer la voie publique aux abords de chantiers et des lieux de chargement et de déchargement ; le fait de descendre sur la glace des canaux, bassins, étangs et cours d'eau, sauf autorisation du bourgmestre. Dorénavant, les faits énumérés ci-dessus sont sanctionnés d'une amende administrative de 25,- € à 250,- € alors que les infractions aux autres dispositions du présent règlement sont punies d'une amende de police. Finalement, le nouveau règlement général de police est approuvé à l'unanimité.

## 4 – ÉCOLE RÉGIONALE DE MUSIQUE DE DUDELANGE

Le conseil communal arrête d'un commun accord l'organisation scolaire provisoire pour l'année scolaire 2023/2024 de l'école régionale de musique de Dudelange. Les cours sont dispensés à Dudelange, Bettembourg, Roeser, Weiler-la-Tour et Kayl/Tétange.

## 5 – ENSEIGNEMENT FONDAMENTAL

Le conseil communal, approuve, avec les voix de tous les conseillers communaux, l'organisation provisoire de l'enseignement fondamental pour l'année scolaire 2023/2024.

## 6 – FINANCES

Les points numéros 6.1 à 6.7 sont approuvés à l'unanimité des voix

6.1 les modifications au chapitre XXII – Salles communales – du règlement-taxes général prévoyant sub f) les droits de location de la salle des fêtes du nouveau Hall polyvalent, route de Bettembourg suivants : (Les associations et a.s.b.l. ayant leur siège social à Dudelange ainsi que les fédérations et associations caritatives sont exemptées du paiement des droits de location.)

| Bénéficiaires | Droit de location de base en € par journée pour les occasions suivantes: réunions et congrès, expositions, concerts, spectacles, matinées dansantes, réceptions, déjeuner buffet sans préparation de denrées alimentaires sur place, fêtes familiales | |
|---|---|---|
| | sans droit d'entrée | avec droit d'entrée |
| Clubs et associations non locales (avec siège social autre que Dudelange) (pour l'organisation d'un événement en relation avec les activités de l'association) | 400,- € | 800,-€ |
| Personnes privées résidentes à Dudelange | 300,- € | |
| Administrations publiques | 500,- € | |
| Sociétés commerciales | 1'000,- € | |

Les droits de location par local pour une location s'étendant sur plusieurs jours d'affilée sont déterminés comme suit :
1,5 X le droit de location de base pour 2 journées d'affilée ;
2 X le droit de location de base pour 3 journées d'affilée ;
2,5 X le droit de location de base pour 4 journées d'affilée ;
3 X le droit de location de base pour 5 journées d'affilée ;
3,5 X le droit de location de base pour 6 journées d'affilée.
Priorité est toujours donnée aux demandes des associations et a.s.b.l. ayant leur siège social à Dudelange ;

6.2 cinq accords avec la Croix-Rouge luxembourgeoise pour la mise à disposition de locaux dans l'immeuble 37, rue du Commerce dans le cadre de l'accueil de personnes fuyant la guerre en Ukraine ;

6.3 le contrat de bail, portant sur une année, avec la société Gymnase Group s.à r.l., relatif à l'exploitation de la buvette de la piscine en plein air ;

6.4 le contrat de bail de sous-location avec la société Wild Shops s.à r.l. pour la location d'une partie du local commercial, sis 77, avenue Grande-Duchesse Charlotte en vue d'y exploiter un pop-up store ;

6.5 le contrat de fermage avec Monsieur Nicolas Peter et son épouse Madame Sandy Hoffmann concernant une parcelle de terre labourable au lieu-dit « Bei Ribeschpontergriecht » ;

6.6 les actes de vente notariés suivants pour l'acquisition d'emprises de terrain en vue de leur intégration dans le domaine public communal : avec les époux Charles Strock et Jessica Classen pour un terrain sis route de Boudersberg ; avec Monsieur Nijaz Kalac pour un terrain sis route de Volmerange ; avec la société en nom collectif « TOP MC » pour un terrain sis rue de la Libération ; avec Madame Ma-

rie-Paule Wilhelm pour un terrain sis rue Alphonse Benoît ; avec Monsieur Jean Paul Marie Wallenborn pour un terrain sis route de Burange ; avec les copropriétaires Braquet pour un terrain sis rue Jean Friedrich, et avec les copropriétaires Madame Marlyse Sartorius, Madame Alice Schmit, les époux Anne Schmit et Gustave Hippert, Madame Marlyse Sartorius, Madame Alice Schmit, les époux Anne Schmit et Gustave Hippert, Madame Danielle Schmit, les époux Isabelle Schmit et Nicolas Brettner, les époux Jean Claude Schmit et Mady Schram, les époux Joseph Schmit et Jacqueline Schoenhofen et Madame Marie Claire Schmit, pour un terrain sis route de Noertzange ;

6.7 l'acte d'échange avec soulte en faveur de l'administration communale, aux termes duquel la Ville de Dudelange cède à titre d'échange à Monsieur Stefano Gigante, une parcelle de terrain sise rue de la Libération, place, contenant 15 centiares, d'une valeur totale de vingt-deux mille cinq cents euros. En contrepartie, Monsieur Stefano Gigante cède à titre d'échange à l'administration communale de Dudelange, deux parcelles de terrain sises rue du Commerce, place voirie, contenant 16 centiares et rue de la Libération, place voirie, contenant 16 centiares, d'une valeur cumulée de deux cent vingt-quatre euros. En amont de l'approbation de l'acte d'échange, les terrains à céder par la Ville sont reclassés du domaine communal public en domaine communal privé en vue de permettre leur cession ;

6.8 les subsides ordinaires à allouer aux clubs et associations locales sont approuvés avec 14 voix et 5 abstentions.

## 7 – AMÉNAGEMENT COMMUNAL

Le conseil communal approuve unanimement le projet de lotissement/morcellement présenté par la société TERRA G.O. pour le compte de la société Active Invest au sujet d'un terrain sis au numéro 59, route de Noertzange en vue de la construction de deux immeubles à trois appartements.

## 8 – PERSONNEL

Les décisions suivantes sont prises à l'unanimité :

8.1 la création de trois postes d'employés communaux à tâche complète, groupe d'indemnité C1, éducatif et psycho-social pour le service éducation et accueil ;

8.2 la création d'un poste d'employé communal à tâche complète, groupe d'indemnité B1, éducatif et psycho-social pour le service éducation et accueil.

## 9 – QUESTIONS

Des questions ont été soumises au collège des bourgmestre et échevins de la part de la fraction « CSV » au sujet du de la gestion du hall « VeWa » NeiSchmelz, la maison des jeunes et de la part de la fraction « Déi Gréng » sur la maison des jeunes. Il est répondu aux questions séance tenante.

La réunion se poursuit ensuite à huis clos.
Fin de la séance vers 13.45 heures.

# GEMENGEROTSSËTZUNG VUM 26.05.2023



## I. KORRESPONDENZ

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot, ech géif Iech ganz häerzlech hei begréissen. Ech begréissen och eis Gäscht, déi zou eis gestouss sinn de Mueren, och d'Vertrieder vun der Press. Haut ass de leschte Gemengerot deen taagt virun de bevirstoende Gemengewalen.

Wat d'Formalien ugeet, do hu mer eng Procuratioun fir den Droit de vote vum Här Haas, deen entschëllegt ass, an deen huet déi Procuratioun dem Här Bob Claude ginn. Dat zu der Form. Vu dass dëst de leschte Gemengerot ass virun de Walen ass et och sou, dass zwee Memberen net méi mat an d'Wale ginn, dat ass den Här Haas an den Här Claude. Ech wéilt vun dëser Plaz hinne Merci soen. Den Här Haas war eng Mandatsperiod hei am Gemengerot an den Här Claude war der zwou. Ech wéilt hinnen da Merci soe fir hiert Engagement am Interêt vun der Stad Diddeleng. Et ginn eng Rei Grënn, déi se motivéiert hunn, net méi mat an d'Walen ze goen. Dofir nach eng Kéier Merci fir dat Engagement fir d'Stad Diddeleng. An ech géif do gär och direkt dem Här Claude d'Wuert ginn, well hien awer nach e puer Wuert un de Gemengerot hei adresséiere wollt.

BOB CLAUDE (LSAP): Merci Här Buergermeeschter fir déi léif Wierder. Wéi ech virun 12 Joer gefrot gi si fir op der LSAP-Lëscht mat an d'Gemengewalen ze goen, wéi ech dann och dank de Stëmme vu villen Diddelenger Bierger direkt gewielt gi sinn, war ech immens frou an dankbar. Ech hunn d'Méiglechkeet kritt, fir bei all den Decisiounen an deem Gremium, deen sech ëm d'Gestioun vun eiser Stad këmmer dobäizesinn. Bei deene ronn 145 Sitzungen, bei deenen ech, bis op eng informell Sitzung, ëmmer present konnt sinn, hunn ech wierklech vill bäigeléiert. Well ausser dem Schoulberäich, vun deem ech wéinst mengem Beruff eng gewëssen Anung hat, si vill Beräicher wéi Stadtplanung an Ëmwelt éischter Neiland fir mech gewiescht. Ech hunn ëmmer erëm gemierkt, wéi komplex de Fonctionnement vun de Gemengeservicer ass. Dobäi si besonnesch de Buergermeeschter mat senge Schäffinnen a Schäffen net ze beneiden. Ech mengen awer behaapten ze kënnen, datt wärend de leschten 11,5 Joer gutt Aarbecht geleescht ginn ass.

Grouss Projekter, wéi déi nei Sportshal, de Quartier Lenkeschléi mat senger Schoul, d'Maison -Relaisen am Quartier Italien an op dem Ribeschpont, d'Vergréisserung vun der Schoul Gaffelt souwéi de Shared Space si fäerdeggestallt ginn. Net ze vergiessen, eng Rei Uschafunge vu sozialem Wunnengsbau, d'Renovatioun vum Festsall vum Kiosk a vum Butschebuerger Schoulhaff, den Ëmbau vun Halen op NeiSchmelz souwéi den neien Hall polyvalent. Mee och de Bau vum neie Sportkomplex mat Sportsäll a Schwämm um Strutzbierg ass voll am Gaang. Alles an allem hat ech d'Chance, bei de sëllegen Deliberatiounen hei am Gemengerot dobäi gewiescht ze sinn. Meng Fraktioun, awer och d'Oppositiounsparteien, hu sech ëmmer beméit, d'Stad Diddeleng weider ze moderniséieren an den aktuellen Erausfuerderungen unzepassen. Ech hoffe perséinlech, e klenge Bäitrag dozou geleescht ze hunn. An deem Sënn kucken ech optimistesch an d'Zukunft a freeë mech, hei zu Diddeleng, wou et gutt liewen ass, meng definitiv Pensioun ze genéissen. Ech soen Iech alleguer Merci.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Merci fir d'Wuert. Et sief mer just nach erlaabt, och vun der LSAP-Fraktioun, hei nach e puer Wierder bäizefügen, fir och eisem ganz häerzleche Merci un de Bob hei Ausdrock ze ginn. Well de Bob war e ganz wichtegen a konstruktive Mataarbechter an eiser  Fraktioun. Hien huet ëmmer mat ganz vill Kompetenz d'Dossiere komplettéiert, an hien huet eis sécher an eiser Ekipp beräichert. An ech mengen domadder och Diddeleng beräichert. Dofir e ganz, ganz décke Merci vun der LSAP aus, an ech sinn iwwerzeegt, e geet eis jo och net ganz verluer. Villmools Merci op alle Fall nach eng Kéier. Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert.

CLAUDE MARTINI (CSV): Mir vun der CSV soen dem Bob dann och Merci fir déi flott an ënnerhalsam Joren hei. Et war ëmmer ganz interessant, wann s De d'Wuert ergraff hues. Du hues ëmmer d'Geschichtsbicher ausgepaakt an e groussen Deel vun der Geschicht erwäänt, wou mer net woussten, wou mer vergiess haten, notamment vun der oppener Schwämm deemools, dat war e ganz flotte Bäitrag, wou's De gemeet hues. Nodeems De mäi Schoulmeeschter waars, nodeems mer an der Waldschoul zesumme geschafft hunn, hu mer effektiv e groussen Deel vun eisem Liewen zesumme gemeet, an ech hoffen, dass mir eis och nach gesi fir e Patt ze drénken. An dofir all Guddes Bob a Merci fir Däin Engagement hei.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Jo Merci fir d'Wuert. Och vun der grénger Fraktioun wëlle mer en  häerzleche Merci soe fir déi gutt Zesummenaarbecht. Ech hunn de Bob perséinlech kennegeléiert, wou de Bob nach hei an der Gemeng den Erni Ferrari war. An hien huet wierklech vill Kompetenzen, alles wat d'Schoul ass. Awer wou ech wierklech ëmmer bewonnert hunn, dat ass dat grousst Wëssen, alles wat de Sport hei ugeet. An ech hoffen, dass mer eis dann och nach ëmmer op ville Sportsevenementer hei erëmgesinn. A mir wënschen him dann och alles, alles Guddes fir déi definitiv Pensioun.

THESSY ERPELDING (DÉI LENK): Jo, d'Fraktioun vun Déi Lenk schléisst sech dann och dem Merci un an och dem Luef fir de Bob. Ech muss soen, ech ginn dann och

e bëssen an d'Geschicht. Meng éischt Kontakter, déi ech perséinlech mam Bob hat, dat war wéi hien effektiv den haitegen Erni war. A wéi ech an der Museksschoul ugefaangen hu mat schaffen, deemools, wou mer nach um Strutzbierg waren, an eis hu misse Schoulklassen deelen, dat heescht, Schoulen an d'Museksschoul. Ech kann Iech soen, dat war net ëmmer ganz lëschteg. Heiansdo lëschteg, mee net ëmmer ganz flott an do huet de Bob sech agesat fir d'Schoulen, an ech fir d'Museksschoul, an dat war eisen éischte Kontakt. A mir hunn dat ëmmer gutt geléist kritt déi Konflikter, a mëttlerweil ass dat jo fäerdeg mat där neier Museksschoul um CCRD. Merci Bob, an alles Guddes fir d'Zukunft.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – SCHÄFFEN): Merci Här Buergermeeschter. Dir wësst, d'Stad Diddeleng huet virun annerhalleft Joer den Naturpakt mat ënnerzeechent. Wéi och am Klimapakt gëtt een do dann heiansdo engem Audit ënnerzunn an et gëtt een zertifiéiert. An ufanks dës Joers war dann eisen éischten Audit, an de 5. Mee, beim Naturpaktdag zu Beetebuerg, si mer dann och mat 41% aus där Course erausgaangen, an Dir gesitt hei de Präis, dee mer kritt hunn. Dat ass sou e Blat mat 40%. Dat ass dann den Depart fir d'Gemeng Diddeleng. A wa mer dann avancéieren, da kréie mer ëmmer e Blat bäi, bis mer da 4 Stéck zesummenhunn, da si mer bei Gold. Dir gesitt, et ass nach e bëssen drun ze schaffen. Dat wäerte mer dann och maachen, wéi Dir dat gewinnt sidd. An deem Sënn wësst Der: 41% fir d'Gemeng Diddeleng, Stand haut. Da kucke mer wéi et weidergeet.



# 2. CIRCULATIOUN

**2.1. Approbatioun vun engem temporäre Verkéiersreglement fir d'Aktivitéit „Velosummer 2023"**

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Jo villmools Merci fir d'Wuert Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen. Den Tourismusminister, déi haten am November 2022 erëm eng Kéier en Opruff gemaach un alleguerten d'Gemengen, fir bei hirem Projet Vëlosummer 2023 vum 29. Juli bis de 27. August ass dat, dëst Joer matzemaachen, well dat d'lescht Joer e grousse Succès war, wollte se dann dëst Joer dee Projet nach eng Kéier relancéieren.

Et war hei am Gemengerot deemools d'Remark komm, fir dat eventuell zu engem spéideren Zäitpunkt ze maachen, zum Beispill bei der Schoulrentrée, also net zu deem Datum, wou si Io proposéieren, vum 29. Juli bis de 27. August. Mee et ass en nationale Projet, wou den Datum vum Ministère festgeluecht gëtt an net vun eis als Gemeng, respektiv vun de Gemengen.
Mir hunn du 4 Projeten eragereecht, déi selwecht wéi d'lescht Joer: den autofräien Zentrum, de Vëloswee tëschent Diddeleng a Beetebuerg, déi provisoresch Vëlospist an der Rue Mayrisch de St. Hubert an d'Ribeschponterstrooss. Mir kruten dunn och vum Ministère gréng Luucht fir all déi 4 Projeten a si wäerten deemno och déi Proposen, déi mir eraginn hu mat promouvéieren. Wat heescht dat? Si maache Reklamm fir eis 4 Projeten.

Fir dee Projet Vëlossummer awer ze realiséieren, an ech mengen dat wësst Dir, well dat ass net déi éischte Kéier, wou mer matmaachen, muss e Verkéiersreglement geholl ginn, an op dat wäert ech dann elo agoen.
Fänke mer u mam autofräien Zentrum. Par rapport zu 2022 ännert sech näischt um Vëlosummer. Trotzdeem hei e klenge Recapitulatif: Gespaart sinn tëschent dem 29.07. an dem 27.08. fir den Autosverkéier jeeweils vu mëttes 14:00 bis den Dag drop moies 06:00 d'Avenue Grande-Duchesse Charlotte tëschent der Rue Dominique Lang an der Gemengeplaz. D'Rue du Commerce, dat heescht d'Place Kinnen, d'Rue Jean Jaurès tëschent der Niddeschgaass an der Rue de l'Etang, déi ganz Gemengeplaz an d'Rue de la Libératioun tëschent der Gemeng an der Rue du Commerce.

Ech weess, dat geet ëmmer e bësse schnell, wann ech dat hei opzielen, mee ech mengen Dir hat dat an Ärem Dossier an Dir hutt et och virun Iech. Sou kënnen da moies och d'Geschäfter an d'Leit déi do wunnen, beliw-

wert ginn an am Nomëtten an owes ass se just eebe fir d'Foussgänger respektiv och fir d'Vëlosfuerer op. Zousätzlech zum Späre ginn dës opgezielte Stroossen an eng Zone de rencontre ëmgewandelt, sou dass d'Foussgänger sécher vun där enger Stroossesäit op déi aner kënne goen. A wa gespaart ass kënnen d'Awunner vun der Niddeschgaass bei der Kierch ofbéien. De Chantier Shared Space, deen ass jo lo endlech eriwwer. Dat zielt da fir d'Awunner aus der Rue du Commerce an aus der Rue Jean Jaurès tëschent der Niddeschgaass an der Entrée Post. D'Awunner vu Place de l'Hôtel de Ville, de Rescht vun der Jean Jaurés an der Liberatiounsstrooss, déi kënnen iwwert d'Rue Jean Jaurès oder iwwer d'Rue Karl Marx dann erafueren.

Well d'Busser vum TICE a vum RGTR no 14:00 net däerfen duerch d'Niddeschgaass fueren, fuere se duerch d'Rue de l'Etang bei d'Gemeng an den Arrêt Niddeschgaass fält dann also wärend dem August komplett ewech. D'Automobilisten aus der Rue de l'Etang, déi musse bei der Barrière an d'Rue Jean Jaurès ofbéien, ausser natierlech, et ass een Awunner. An d'Fournisseuren an d'Busser, déi däerfen awer no lénks ofbéien.
Och un de Cyclist selwer hu mer awer geduecht. Et ass e Vëlosummer. Wann et ronderëm d'Gemengeplaz geet, well et aktuell net méiglech ass vum ale Vagabond Richtung Joker mam Vëlo iwwert d'Strooss ze fueren, gëtt déi lénks Spuer laanscht d'Gemengeplaz fir de Vëlo gespaart. Dës Spuer geet bis bei 22, Rue de la Libération, gëtt déi verlängert. An d'Parkplaze kënnen dann och als Terrass hei ëmgewandelt ginn. Fir dann awer och de Schwéierverkéier aus dem Zentrum ze kréie gëtt e Sens recommandé fir Gefierer iwwer 3,5 Tonne bei der Rue de l'Etang a bei der Kräizung Keel-Lëtzebuerg-Gaffelt opgestallt, deen dann duerch d'Gaffelt féiert.

An da sinn ech scho beim Ribeschpont ukomm. Mir spären och d'Ribeschponterstrooss tëschent der Näerzengerstrooss an der Schoul Ribeschpont fir de motoriséierten Trafic. Genau also och wéi d'lescht Joer. A fir datt all Mënsch sech drun hält, gëtt d'Strooss mat schwéiere Bléck gespaart an esou opgestallt, datt de Vëlosfuerer natierlech problemlos laanscht kënnt, mee den Autosfuerer awer hei keng Chance huet fir do laanscht ze kommen.
An den Accès fir d'Ambulanz ass ëmmer vu Säite Schoul Ribeschpont garantéiert, respektiv natierlech och iwwert déi Nieweweeër. D'Autosfuerer ginn an der Rue Soibelkaul wärend dëser Zäit ëmgeleet. Fir d'Awunner vum Quartier Soibelkaul ze schütze gëtt dann och e Fuerverbuet, en C2, opgestallt mat „Excepté bus, riverains et fournisseurs", sou dass d'Awunner awer nach bei hir Haiser kommen, respektiv de Bus natierlech och kann duerch de Quartier fueren. An dës Mesure ass och genau déi nämmlecht wéi d'lescht Joer. Iwwert déi provisoresch Vëlospist an der Rue Madame Mayrisch de St Hubert mengen ech brauch ech elo näischt méi ze soen, well se ass entretemps permanent gereegelt. Wou mer awer deemools d'Demande un de Ministère gemaach hunn, du war se nach net gestëmmt hei am Gemengerot, an dofir hu mer se deemools mat ugefrot gehat. Dat huet sech eigentlech dann elo erleedegt.
Fir de Projet Vëloswee tëschent Diddeleng a Beetebuerg mam Titel „Family Tour am Süden" vun 2022, e Parcours ass dat vu ronn 14 Kilometer, do muss och kee Reglement geholl ginn. Hei gëtt den Tracé duerch Schëlder a Marquage gezeechent an e féiert iwwert déi zwee bestoend Vëlosweeër, eeben duerch déi zwou Gemengen. Voilà, dat war lo Villes vu mär a fir d'Detailfroen, respektiv déi technesch Saache sinn eis Servicer hei, notamment och de Pit Demuth aus dem Service Circulation, déi de Projet ausgeschafft hunn.
Merci vu menger Säit.

CLAUDE MARTINI (CSV): Villmools Merci. Wou ech de Moie erofkomm sinn, do si mer eng ganz Rei Saachen opgefall, déi dann awer net sou evident si wéi se solle sinn. Wann s de mam Vëlo wëlls z. B. vu Butschebuerg an den Zentrum fueren. De Vëlosummer ass ëmmer erëm flott. Et kann ee mam Vëlo op Vëlosweeër fueren, wéi se am Fong soss net do sinn, wéi z. B. am Ribeschpont. Et kann ee sech am Summer wärend engem Mount méi sécher mam Vëlo deplacéieren. Et entsti Pop-up-Vëlosweeër, wou Potential besteet, dass de Pop-up-Wee och iergend eng Kéier en definitive Vëloswee gëtt oder mol fir eng länger Zäit bestoe bleiwe kann. Dat passéiert awer an eisen Aen net oft genuch. Et wier flott wann nieft dem Vëlosummer, wéi s De gesot hues, dofir soen ech elo „nieft dem Vëlosummer", effektiv géif eng Rentrée ugebuede ginn, dass mer d'Leit e bësse kéinte motivéieren, d'Kanner sécher mam Vëlo an d'Schoul ze schécken. An awer och vläicht fir méi aktiv un der Campagne vum Ministère matzeschaffen, déi lo lancéiert gouf, „Mam Vëlo op d'Schaff" a „Mam Vëlo an d'Schoul". Et kann een eng Campagne lancéieren, mee wann dann awer d'Infrastrukturen et net hiergi fir et och ze maachen, dann ass et wierklech schwiereg. Et ass och schued. Well et geet mir virun allem ëm déi Leit, déi hei zu Diddeleng schaffen oder fir déi, déi an de Gemengerot kommen. Dat kéint ee jo dann awer sou arrangéieren, dass een dat kéint méi promouvéieren a méi flott gestalten.

D'lescht Joer nom Vëlosummer ass de Pop-up-Wee an der Le'h fir eng länger Zäit installéiert ginn. An do muss ech awer soen, dass mer an de leschte Joren, a vläicht och elo an de leschte Woche vill Invitatioune krute fir eng Aweiung, fir op d'Spillplazen, fir och emol méi kleng Projeten. Mee sou e Vëloswee, wat e staarkt Zeeche wier am Fong, dat gouf net ageweit. An dat fannen ech schued. Well dat wär am Fong e staarkt Zeeche vum Här Buergermeeschter awer och vum Schäfferot, fir ze soen, dass ee wierklech hannert engem Projet steet, fir ze weisen, dass een dat wierklech och wëll weider fërderen an dass ee sech net schummt, fir sou e Vëloswee ze maachen. Well et kënnt mir e bësse sou vir, wéi wann et sou wier „Sou, da maache mer dee Vëloswee lo, dann hu mer eppes gemeet." Mee sou richteg dohannert stoen, dat hunn ech e bësse vermësst. Och wann de Vëloswee net fir definitiv, net fir ëmmer ass. Ech mengen e Geschäft am Duerf, wou mer och wëssen, dass et nëmmen e puer Méint bleift, dat weie mer jo och an. Do maache mer jo och eng Promotioun dofir. Mee mir hu jo nach Zäit bis den 11. Juni oder vläicht nach duerno, dass mer da vläicht dann nach eng Kéier eng kleng Invitatioun no kréien.

Dass mer Terrassen hei am Zentrum maachen op Parkplazen, dat war jo och sou eng Iddi oder eng Propos, déi ech eng Kéier lancéiert hat, dass ee Pop-up-Terras-

sen am Zentrum mécht fir d'Restauratioun ze fërderen. Dat fannen ech am Fong eng ganz flott Iddi.

De Family Tour, dee wäerte mer dann och eng Kéier kënne probéieren. An effektiv, wat mer en Dar am A ass, dat ass de Wee op Ribeschpont. Well vu Ribeschpont erof, et sinn och aner Leit hei, déi zu Butschebuerg gewunnt hunn oder do wunnen, déi wësse wéi geféierlech et ass, fir do erof ze fueren. A lo wärend dem Summer kënne mär eroffueren. Ech soe „mär", well ech do uewe wunnen. Mee wann de Vëlosummer eriwwer ass, da gëtt et nees vill méi komplizéiert. An et ass awer am Fong eng Haaptachs fir de Vëlo, well s de gutt an den Zentrum kënns, du kënns gutt an d'Sportshal, an ech mengen do kéint een dat vläicht iergend eng Kéier e bësselchen ausbauen. Villmools Merci.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Jo Merci fir d'Wuert. Déi Gréng freeë sech, dass eise Schäfferot och 2023 beim Vëlosummer matmaache wëll. Mir bedaueren allerdéngs, datt keng Verkéierskommissioun war wéi déi Jore virdrun, fir eis ze informéieren. An och op engem Plang hätt een dat jo kéinte kucken. Da muss een dat alles liesen, an da fënnt een eraus, dass et dat selwecht ass wéi d'lescht Joer. Ech hu Gott sei Dank mäi Plang vum leschte Joer nach gehalen. An da wollt ech awer mol froen: Ass d'lescht Joer e Bilan gezu gi vun deem Ganzen? Déi Pop-up-Lane, dat ass jo eng gutt Saach, mee déi huet beim Fischer do iergendwou opgehalen, an da wousst een net wouhin. A si war voller Blieder. An och mat deene rout-wäisse Këschten, dat huet elo éischter ausgesi wéi eng Baustell. An ech mengen dass och vill Leit guer net woussten, dass een do kéint mam Vëlo derduerch fueren. Vläicht kann een dat nach e bësse verbesseren dëst Joer. Bon, de Rescht vum Joer, do fueren d'Leit jo meeschtens iwwer d'Gemengeplaz. A lo hu mer jo de Mëtten och d'Aweiung vun der Rue du Commerce. Do ass deemools gesot ginn, et ass net genuch Plaz, fir eppes fir d'Vëlosfuerer ze maachen, si sollen am Fong hei ënnen duerchfueren, laanscht de Match, laanscht d'Gemeng, duerch d'Passerelle.

Mee dat ass och nach ëmmer net dat Gielt vum Ee hei zu Diddeleng. Et weess kee richteg, wéi e fuere soll, och wann elo verschidde Stroosse fir den Double sens op sinn. Op der Kräizung Rue de la Libération – Rue du Commerce, wou jo och déi Pop-up-Lane elo do ugeet, do wou d'Luuchte sinn, do ass elo nodréiglech eng Ofbéiméiglechkeet fir d'Vëloen ageriicht ginn op Demande vu Vëlo Diddeleng. Op dëser Kräizung ass erëm net bei der Planung matgeduecht ginn am Virfeld fir de Vëlo. Den nächste Schäfferot ass op jiddwer Fall gefuerdert, well eis Ziler betreffend d'Mobilité douce am neie Plan de mobilité vum Grupp SUMP sinn ambitiéis an de Vëlo wäert jo dann hoffentlech och seng Plaz an der 4. Phas vum Shared Space kréien. Dann awer bei allem, wat ech ze beanstanden hunn eppes Erfreeleches. D'lescht Joer hat de Geschäftsverband dee Concours hei gemaach. Dat hu mer eng gutt Iddi fonnt, a mir encouragéieren de Geschäftsverband dann, de City Manager ass jo och hei, vläicht op de Wee ze goen, fir och op deem Wee de Vëlo ze promouvéieren – a firwat net vläicht och mat de Geschäftsverbänn vun den Nopeschgemengen. Dat wier vläicht nach eng Iddi. Also mir stëmmen dat op jidde Fall mat.

THESSY ERPELDING (DÉI LENK): Jo Merci fir d'Wuert. Et ass lo scho Villes gesot ginn, an ech loossen dann och deene Leit d'Haaptwuert, wat d'Detailer ugeet, déi selwer vill Vëlo fueren. Déi wëssen am beschten aus hiren Erfarunge matzedeelen. Effektiv, wéi d'Madame Heinen seet, ass et ëmmer schwiereg, wa mer sou Saache kréie wou iwwer Stroossen an Direktioune geschwat gëtt. Wa mer do bei den Dokumenter net e Plang dobäi hunn, dann ass ee wierklech e bësselche méi laang am Gaangen fir dat alles z'analyséieren. Mir begréissen natierlech ausdrécklech, dass dës Initiativ och dëst Joer weidergefouert gëtt. Et ass wichteg a gutt, dass d'Foussgänger an d'Cycliste méi an de Mëttelpunkt gesat ginn a méi Plaz am ëffentleche Raum kréien. Den Auto soll net iwwerall bevirdeelegt ginn an och net ze vill Plaz fir sech an Usproch huelen. Et ass zwar nëmme fir ee Mount. Mee ëmmerhin dat. An doraus – wéi et scho gesot ginn ass – ka jo awer trotzdeem spéider och méi entstoen. Mir brauche méi, besser a sécher Vëlosweeër. Woubäi e Vëloswee net just e Stréch op der Strooss ass. Et muss ee sech wierklech vläicht net schumme wann ee sou eppes mécht, mee et muss een op alle Fall de Courage hunn, wann een dem Auto Plaz ewechhëlt a fir déi douce Mobilitéit dann ze verbesseren. Déi Lenk stëmmen dat Reglement op alle Fall mat. Merci.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Jo Merci. Ech mengen, zu deenen dräi Riedner, also mir schummen eis weeder, dat ass souwisou eppes, wat ech ganz wéineg maachen, a Courage hu mer och. Däers hunn ech och ganz vill, fir déi, wou mech kennen. Dat heescht, dat loossen ech wierklech guer net gëllen. Firwat? Ma well mir déi lescht Jore ganz vill an eis Vëlosinfrastruktur gestach hunn. Wann der wësst, wou mer ugefaangen hunn an der wësst, wou mer haut sinn, da wësst der, wat hei zu Diddeleng alles geschitt ass. D'Madame Erpelding sot selwer „Et geet net duer, e Stréch op d'Strooss ze molen", wéi dat ganz dacks an der Stad Lëtzebuerg geschitt ass. Dat mécht kee Sënn. Mee mir sollen eis awer och net hei dem Wonschdenken higinn, datt mer iwwerall hei an Diddeleng muar ofgetrennten a sécher Vëlosweeër hunn. Dat wësst Der, fir déi Leit, déi Diddeleng kennen, ech huelen ëmmer d'Beispill vum Quartier Italien oder och vun der Gaffelt, wou d'Leit praktesch keen Trottoir hunn. Do kënne mir net vun haut op muar ofgetrennte Vëlosweeër maachen. Dat kënnt der zwar de Leit erzielen, an et sinn och vläicht Leit, déi dat gleewen, mee dat ass Wonschdenken, wat ni wäert Realitéit ginn. Dat wat mir hei maachen ass dat, wat mer kënne maachen. Ech hunn Iech eng Kéier gesot, dat ass wéi e Puzzel. A mir setzen déi Puzzelstécker déi mer kënne maache sou séier wéi méiglech zesummen.

Et ass och hei vun der Gemengeplaz geschwat ginn. Ech mengen Dir wësst datt de Shared Space mat deem Deel, dee mer de Mëtteg endlech aweien net fäerdeg ass, mee et soll nach e véierten Deel kommen. An dat wäert deen Deel sinn hei ronderëm d'Gemeng, an domat wäert dee Problem hei och endlech geléist ginn. De Vëloswee aweien. Jo, mir hätten dat natierlech kéinte maachen. Mee wa mer dat gemeet hätten, dann hätte mer hei gesot kritt, virun allem vun der Oppositioun: „Oh, dir weit dat an, well elo Wale sinn." Et ass jo net, wéi wa mer eis Leit hei net géinge kennen. Ech kann Iech

awer garantéieren, datt mer hannert deem Vëloswee stinn an datt mer do dem Auto Plaz ewechgeholl hunn, datt mer do Parkplazen ewechgeholl hunn. An datt, wann dee Vëloswee definitiv wäert fäerdeg sinn, datt mer dee mat Pomp wäerten aweien, an Dir wäert dann och alleguer invitéiert sinn, och déi Leit, déi da vläicht net méi hei bei eis am Gemengerot si wann e fäerdeg ass. Mir wäerten un déi denken alleguerten, well dat betrëfft jo vläicht och mech selwer. A mir ginn dann alleguerten dohinner a weien dat zesummen an. Gëtt dat Iech Satisfaktioun? Gutt.

Dann awer: Firwat war keng Verkéierskommissioun? Ma Dir hutt Iech u sech d'Äntwert selwer ginn: Well et dat nämmlecht ass wéi d'lescht Joer. Dofir, an dat soen ech och all Kéiers hei, mir maache keng Verkéierskommissioun fir just ze kucken, ob den Zeebrasträifen op Haus Nr. 5 oder op Haus Nr. 6 kënnt. Mir maache Verkéierskommissiounen, wann et wierklech eppes ze diskutéieren, ze decidéiere gëtt an net eppes, wat mer d'lescht Joer de long et en large wierklech diskutéiert hunn, mat deenen nämmlechte Leit, déi nach emol ëmmer Member an där Verkéierskommissioun sinn.

De Butschebuergerwee ass ugeschwat ginn. Bon, ech soen dat all Kéiers. Dir wësst, dass dat eigentlech e Wee war, wou 90 km/h hätt dierfe gefuer ginn an Dir sot hei, de Courage géif feelen. Ech muss Iech soen, Dir kënnt Iech guer net virstellen, wéi vill Courage ech deemools hat. Ech hat mech bal missen uketten, fir datt mer doraus 50 km/h kruten. Dat war de Maximum, wou mer bei der staatlecher Verkéierskommissioun, respektiv de Ponts & Chaussées erausgeschloen hunn an domat hu mer scho ganz, ganz Villes kritt, well wéi gesot, virdru konnt een op deem klenge Wee do 90 km/h fueren. A mir wäerten natierlech dohannert bleiwen, fir dat nach méi sécher kënnen ze maachen. Mee wéi gesot, dat läit leider net hei eleng an eiser Hand. Weeder am Schäfferot senger, nach am Gemengerot senger. Merci. Et waren dann och nach e puer technesch Detailer, wou de Pit kéint drop agoen, respektiv de Mica.

PIT DEMUTH (SERVICE CIRCULATION): Merci fir d'Wuert. Da ginn ech elo dorop an. Zum Här Martini sengen Interventiounen ass elo alles gesot ginn, da kommen ech bei d'Madame Heinen. Déi huet gefrot: „Wat war d'leschte Kéier, wou mer déi Spuer gespaart hu mat deene wäiss-rouden kalifornesche Mauer gemaach?" Aus deem ganz einfache Grond, hätte mer einfach nëmmen Däpper op de Buedem geluecht, da wieren d'Autoen awer nach driwwer gefuer. Mir musse jo iergendeng physesch Saach maachen, fir dass d'Autoen net méi driwwer fueren. Dir kënnt Iech net virstellen, wéi oft mer an der Circulatioun ugeruff kréien, dass op eemol Barrièrë verschwonne sinn, well d'Leit gemengt hunn, si géifen hiren eegene Wee maachen. Dat ass leider sou, an dofir musse mer do e bësse méi haart Mesuren ergräifen, fir dass mer och de Vëlo an de Foussgänger kënne schützen, fir dass deen och ka sécher do trëppelen. Wat mer kënne maachen, mir kënnen nach vläicht e bësse méi Schëlter dohinner stellen „Opgepasst Vëloswee" fir dass een dat dann och besser gesäit.

Dir hutt dat lo och e bëssen „reprochéiert", dass mer lo déi Vëlosofbéispuer Enn Rue de la Libératioun/Rue du Commerce gemaach hunn. Dir hutt Recht, et war am Ufank vum Shared Space Phas 3 net ageplangt. Mee ech mengen dat ass awer och e schéint Zeechen, wou ee gesäit, dass mer awer net stuer no Plang plangen, mee dass mer och oppe si fir sou Recommandatiounen an dass mer au fur et à mesure déi kënnen noschéissen, fir dass herno de Vëlo awer nach säin eegene Wee do kritt, fir besser an d'Rue du Commerce ofzebéien. Ech mengen do ware jo och d'Kolleegen, den Här Thill vun der Lenk huet dat jo och ëmmer gefuerdert. Lo hu mer et jo schéin ëmgesat, dass dat de Fall ass.

Ech menge mam SUMP, Dir hutt dat ugeschwat, dat gëtt jo da meng nei Bibel hei zu Diddeleng. Dat ass d'leschte Kéier am informelle Gemengerot sou gesot ginn. D'Vëlosweeër gi jo do ervirgehuewen an och d'Vëlosweeër am Shared Space Phas 4 wäert de Vëloswee och an d'Planung mat erakommen. Fir dass mer dann endlech dee Wee tëschent der Niddeschgaass an dem Schwaarze Wee kënnen uerdentlech fir de Vëlo zoumaachen, dass deen awer elo e proppere Wee huet an net muss duerch d'Rue du Commerce fueren, fir kënne vun A op B ze kommen. Dat wär et elo vu menger Säit aus gewiescht.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass hei mat deem Verkéiersreglement fir de Vëlosummer 2023 averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci.

**2.2. Approbatioun vum temporäre Verkéiersreglement an der Avenue Grande-Duchesse Charlotte**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): An da gi mer op dat nächst Verkéiersreglement iwwer an ech ginn och do dem Claudia d'Wuert.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Mir bleiwen am Zentrum. Net méi spéit wéi de Mëtten ass déi offiziell Aweiung vum Shared Space Phas 3 an der Kinnensplaz. Lo musse mer dann awer e Verkéiersreglement huele fir nom Chantier, ech soen nom Chantier, well et sinn nach e puer kleng Detailer ze maachen, wa mer haut mat der Aweiung fäerdeg sinn. Mir mussen also elo tranchéieren, wéi mer an der Niddeschgaass mam motoriséierte Verkéier wëlle weider ëmgoen. Mir waren awer der Meenung, datt dëst eigentlech eng politesch Fro ass, a mir wëssen, datt déi eenzel Parteien och ënnerschiddlecher Meenung zu eiser Niddeschgaass sinn an dofir proposéiert Iech de Schäfferot, awer net de Gemengewale virzegräifen an haut eng Entscheedung direkt hei am Gemengerot ze huelen, wou eventuell deen neie Gemengerot oder deen neie Schäfferot enger anerer Meenung wär.

Mir géifen Iech dofir proposéieren, en temporäert Verkéiersreglement ze huelen, vum 1. Juni bis den 30. September dëst Joer. Bis dohi misst jo dann den neie Schäffen- a Gemengerot stoen, an déi kéinten dann déi definitiv Decisioun huelen, wéi et virugeet. Konkret heescht dat lo Folgendes: Mir géifen Iech proposéieren, wéi wärend dem Chantier a wéi lo virdrun och scho bei dem Vëlosummer festgehalen, d'Niddeschgaass vun dem 1.6. bis den 30.9. dëst Joer just nach vu

moies 06:00 bis mëttes 14:00 déi ganz Woch fir de motoriséierte Verkéier opzemaachen. Domadder kënnen dann déi verschidde Geschäfter moies beliwwert ginn an d'Caféen an d'Restaurante kënne mëttes hir Terrassen opmaachen ouni dass allze vill Trafic doduerch fiert. Just nach een Deel vum ëffentlechen Transport, dat heescht d'City-Buslinnen 8 an 9, de Flexbus an den Adapto. Och nëmmen da wa se Clienten hunn an der Niddeschgaass, géingen dann doduerch fueren. De Rescht vun de Busser, 4 a 5, a Richtung Gemeng, déi fuere, wéi haut schonn de ganzen Dag dann duerch d'Rue de l'Etang. Um 14:00 géifen dann d'Polleren ënne bei der Parfümerie a bei der Kierch automatesch eropgoen, sou datt kee méi an d'Niddeschgaass kënnt. Raus kënnt een natierlech ëmmer. D'Parkplaze sinn och dann ab 14:30 spéitstens fräi. De Moien drop ginn d'Polleren automatesch erëm ëm 06:00 erof. Dëst gëtt alles programméiert, do brauch also keen hinzegoe wéi fréier an dëst mam Schlëssel ze dréinen.

Mam FCAD, eisem Geschäftsverband, gouf dëst Reglement och ofgekläert. Si hunn och Verständnis dofir opbruecht. Domat hu mer e Komproméss tëschent permanentem Shared Space an enger Foussgängerzon. Wann d'Geschäfter zesumme mat eis als Stad Diddeleng weiderhin un engem Strang wäerten zéien, da wäert déi Niddeschgaass och an Zukunft eng attraktiv an animéiert Strooss sinn. An ech widderhuelen et nach eemol: Dëst Reglement geet just vum 1.6. bis den 30.9. an duerno dierf dann deen neie Schäffen- a Gemengerot driwwer entscheede wéi et virugeet. A fir all Froe sinn de Service Circulation, eise Service Travaux publics an natierlech och de Claude Leners, eise City Manager hei. Merci.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Merci fir d'Wuert. Ech versti lo d'Remark vun der Madame Dall'Agnol net sou wierklech. Also ech weess, wat gemengt ass, awer ech verstinn net sou wierklech, mir wëllen de Walen net virgräifen an duerno kann een decidéieren. Mir hu jo hei stänneg vill Decisioune geholl, déi iwwert d'Walen erausginn an da gülteg sinn, dofir hunn ech dat elo net ganz richteg verstanen, oder et war vläicht och sou e Wénk un déi eenzel Parteien. Also Déi Lenk begréissen natierlech dës Moossnam a fannen et gutt, dass mer lo mol direkt mat där Foussgängerzon ufänken, mëttes. Dir wësst all, dass mir absolut fir eng Foussgängerzon sinn an der Niddeschgaass. An ech hunn hei méi wéi eng Kéier gesot, dass et och fir d'Majoritéit keng Schan wier, fir hir Meenung nach nodréiglech ze änneren a mat op dee Wee ze goen. Et geet an déi richteg Richtung a mir hoffen nach ëmmer, dass mir dat geschwë wäerte sou iwwert d'ganzt Joer hunn. Dat gesi mer dann no de Walen ab September.

Mamm Modell dass d'Strooss moies op ass fir Liwwerungen an da mëttes zou, do kënne mer eis ganz zefridde ginn. Allerdéngs froe mer eis, firwat dass d'Strooss réischt ab 14:00 zou ass fir d'Autoen an net schonn ab 12:00? Wann d'Liwwerunge bis 12:00 misste gemaach ginn, da maache mer jo domat eigentlech de Geschäftsleit e klenge Cadeau, da komme mer hinnen e bëssen entgéint. Déi eng, déi hätten an der Mëttesstonn Zäit, fir hir Wuer ze raumen, éier de Buttek erëm opgeet an déi aner, d'Caféen an d'Restauranten, déi profitéiere sécher dovun, dass hir Cliente kënne roueg ouni Autoskaméidi an Ofgase kënnen op der Terrass sëtzen. Dat ass vill méi angeneem, wéi wa stänneg Autoen duerch d'Strooss fueren. Déi Lenk proposéieren dofir, dëst Reglement ze änneren an d'Niddeschgaass schonn ab 12:00 zouzemaache fir d'Autoen an hoffen dass et dann och ab September sou weidergeet. Merci.

FRANÇOISE KEMP (CSV): Merci fir d'Wuert. 2008 war d'CSV als éischt Partei fir dee Shared Space an der Niddeschgaass. 2015 huet d'LSAP-Majoritéit dem Gemengerot e Projet an déi Richtung virgeluecht an 2017 ass et endlech Realitéit ginn. Am Shared Space ass geduecht, op Verkéierszeechen, Signalzeechen a Fuerwemarkéierungen ze verzichten an an engem gläichberechtegte Matenee vu Verkéiersdeelhueler ze agéieren. Mëttlerweil ass déi 3. Phas vum Shared Space ofgeschloss a mir sollten haut iwwert d'Reglement temporaire ofstëmmen. An an deem Zesummenhang hu sech eis e puer Froe gestallt. Wéi ass et virgesinn, dass ee Mount méi laang wéi de Vëlosummer d'Foussgängerzon gëllt? Gëtt et dofir e Grond?

A laut dem Tageblatt vum 4. Oktober 2021 huet d'Realiséierung vum Shared Space ronn 16 Millioune kascht. Deen Invest hu mir matgedroen a mir stinn och weiderhin hannert deem Konzept. Dofir bedauere mir et eigentlech, dass et elo eng Foussgängerzon gëtt vu 14:00 bis 06:00 moies. D'LSAP war eigentlech och ëmmer géint eng Foussgängerzon. Dofir ass d'Zoumaache vum Shared Space fir eis e bëssen en Zick-Zack-Cours. En plus bedauere mer et eigentlech, dass keng Verkéierskommissioun war, fir iwwert dëse Punkt ze diskutéieren. Merci am viraus.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Ech gräifen dat do awer elo op. Dat wär awer vläicht eppes ze diskutéiere gewiescht an der Verkéierskommissioun, effektiv. Bon, also vum 29. Mee bis den 30. September tëschent 14:00 a 06:00 gëtt d'Niddeschgaass an déi nei Strooss laanscht d'Kierch an d'Place Kinnen fir de motoriséierten Trafic gespaart, ausser fir d'Bussen. An et ass Stationnement interdit. Wat sollen déi Gréng dann elo dozou soen? Ech maachen et spannend. Mol eng Kloerstellung, zu deem wat am Bliedche steet. Mir hätten d'Modernisatioun vun den Infrastrukturen am Zentrum net matgestëmmt. Dat wëll ech awer net sou stoe loossen. Mir hunn ëmmer betount, datt mir déi architektonesch Verännerungen a Verschéinerunge gutt fannen. Mir sinn och net géint d'Verkéierskonzept Shared Space en général. Am Géigendeel. Et gefält eis op ville Plaze ganz gutt, do wou et Sënn mécht. Zanter iwwer 30 Joer – mengen ech mol – froen déi Gréng konsequent no enger Foussgängerzon am Zentrum. Haut freeë mer eis op déi feierlech Aweiung am Nomëtteg. Et gëtt jo effektiv e klengt Stéck vun deem ganze Shared Space eng richteg Foussgängerzon ouni Parkplazen. An zwar dat klengt Stéck, ech maache lo Schleichwerbung, mee da weess jiddweree wat gemengt ass, tëscht dem Safe an dem Joker Café, dat gëtt jo lo richteg Foussgängerzon. Dat begréisse mer ausdrécklech. Iwwert dëst Verkéiersreglement, dat mer lo solle stëmmen an dat och sou an Ärem Walprogramm steet, hu mer eis als éischt e bëssi gewonnert. Mat awer och enger gewësser Portioun Satisfaktioun, fir éierlech ze sinn.

Mat der Aweiung vun der 3. Phas vum Shared Space stelle mer e Revirement fest bei der Majoritéitspartei. De Credo iwwer déi leschte Joren huet ëmmer sou geklongen: „Dir musst der Saach eng Chance ginn. Wann alleguer d'Etappe vum Shared Space fäerdeg sinn, musse mer kucken, ob de Konzept Shared Space gräift, dat heescht, ob och d'Foussgänger an d'Vëlosfuerer gläichberechtegt Partner am ëffentleche Raum wieren." Wat jo de Sënn ass vum Shared Space. An Dir hat ëmmer d'Hoffnung, datt duerch déi nei flott Infrastruktur, mat Bänken, Vëlosstänneren, Beem, modernem Stadmobilier, wat wéi gesot ganz schéin ass a mir och dat ganz gutt fannen. An dat huet och eng immens Opwäertung bruecht fir de ganzen Zentrum an d'Geschäftsstrooss an och fir d'Geschäftsleit. An Dir hat ëmmer d'Hoffnung, datt den Duerchgangsverkéier net méi de Wee duerch d'Niddeschgaass siche wäert an och net méi wéi wëll doruechter géif geparkt ginn, wou iwwerhaapt keng Parkplaze sinn. Also eis Agents municipaux waren do oft gefuerdert.

Mee et huet ee schonn no der éischter Phas an der zweeter Phas konnte feststellen, datt dat Konzept net opgaangen ass. Den Duerchgangsverkéier ass net erausbliwwen. D'Parkplazsich an der Niddeschgaass war méi lackeleg, wéi an de Souterrain ze fueren. Den Auto weise virun den Terrassen a kucken, wien do sëtzt, dat ass scho bal eng Diddelenger Traditioun. Schnell mol hale bleiwe fir bei de Bäcker oder op de Bancomat, dat ass kee Witz. Mir war bal eng Kéier eng Camionnette iwwert d'Zéiwe gefuer an deen huet dat mol guer net schlëmm fonnt. An net vill Leit hate Loscht, sech op déi schéi Bänken ze setzen an enger Autoskolonn nozekucken. Abee mir spieren op jidde Fall en neie Moment eraus mat dësem neie Verkéiersreglement, nämlech datt Dir mol net d'Aféierung vun der 3. Phas ofwaart, fir ze kucken ob d'Konzept dann elo vläicht gräift.

Dir gitt op de Wee vun enger zäitlech begrenzter Foussgängerzon, wou dann awer moies normalen Trafic ass an de ganzen Dag nach ëmmer vill Bussen duerchfueren. An ech soen et direkt, éier ech et virgeworf kréien, eppes géint de Bus ze soen: Mir si fir e staarken ëffentlechen Transport, wëlle kee Bus ofschafen, awer eng nei Organisatioun, wéi d'Bussen duerch den Zentrum kommen, wier net vu Muttwëll. Dëst Reglement ass dann Enn September eriwwer, wat mer schued fannen. Mir hu jo lo d'Erklärunge kritt. An et sinn och bestëmmt ganz vill Diddelenger Biergerinnen a Bierger, déi dat da schued fannen. Mir hoffen datt aus deem hallwe Joer ee ganzt fir ëmmer gëtt, aus dem hallwen Dag e ganzen, fir ëmmer an aus deem hallwe Courage e ganze Courage fir deen nächste Schäfferot dann. Deemno gi mer d'Hoffnung net op, datt an Zukunft nach Verbesserungen nokommen. Mir haten déi 3. Phas vum Shared Space deemools net matgestëmmt, et war iwwregens meng éischt Stellungnam am Gemengerot, well mer eebe fir d'Foussgängerzon waren a besonnesch och, well déi Kräizung virum Safe eis Suerge gemaach huet an eis och nach ëmmer mécht.

Merci dann awer dem zoustännege Service fir de Marquage fir de Vëlo op de Buedem ze molen. De Vëlo huet och elo nach en Dräiecksschëld kritt, obscho keng Schëlter am Shared Space sollte sinn. Dat versti mer elo net ganz, vläicht kann den Här Demuth eis do dat dann erklären. Mir kënnen dëst Verkéiersreglement awer matstëmmen, well et an déi richteg Richtung geet. Merci.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Merci Här Buergermeeschter. Ech muss hei op e puer Saachen agoe vun der LSAP-Säit. Well entgéint deem, wat mer lo grad héieren hu vun der Oppositioun, gesi mir dat natierlech e bëssen anescht. Also mir gesinn dat net als eng Schan a mir gesinn dat och net als en Zick-Zack-Kurs an och kee Revirement. Mee fir eis war dat Ganzt e participative Prozess. Dat wat elo grad gesot ginn ass, d'Madame Heinen hat et elo grad virgelies, dat ass genau dat, wat mir wollte maachen, nämlech deem Ganzen eng Chance ginn an am Dialog mat der Geschäftswelt an och mat de Bierger dobaussen dee grousse Projet, deen eis Stad wäert definitiv veränneren, ugoen. A wa mer den Artikel am Wort gesinn, wou d'Leit gefrot gi sinn, elo virun zwee Deeg, wat d'Leit da vun hirem Shared Space halen, dat ass kee bestallten Artikel. Dat ass een, wou d'Leit gefrot gi sinn um Terrain, an ech kann do nëmmen hei zitéieren: „Der ganze Stress und der Platz vor der Kirche wurde aufgewertet. Es ist deutlich angenehmer geworden, hier zu gehen. Er freut sich bereits auf die 4. Phase des Shared Space in deren Zuge unter anderem der Rathausplatz neugestaltet werden soll. Wenn alles fertig ist, haben wir eine deutliche Aufwertung des Zentrums erreicht. Auch begrüßt er die Idee, das Stadtzentrum lediglich morgens für den Autoverkehr geöffnet zu lassen, am Nachmittag aber zu sperren. So eine Mischlösung finde ich besser als eine reine Fußgängerzone. Letzteres finde ich persönlich nicht optimal." Dat ass zum Beispill eng vun de Stëmme vun de Leit dobaussen, déi de Shared Space notzen. A mir waren net der Meenung, datt een am Ufank vu sou engem Prozess soll eng Léisung imposéieren. Mee am Dialog mat de Leit mol ofwaarden a sech austauschen. An dat ass och ganz intensiv geschitt mat der Geschäftswelt. Dat ass ganz intensiv geschitt mat de Leit um Terrain. An dofir huet dee Shared Space eeben elo déi Form kritt, déi mir hei lo proposéieren.

An ech mengen et bedeit och Courage, fir lo hei ze soen: „Jo, da kucke mer elo mol." A fir eis ass dat net eppes wat de September ophält. Neen, de September geet et weider. Mee mir proposéieren awer elo mol hei eppes um Dësch, fir datt och am Respekt vun der Demokratie net elo hei eppes séier virun de Wale gemaach gëtt, well dann hätte mer dat erëm virgeworf kritt. Mee Dir schéngt Iech net gutt unzefrënde mat sou demokratesche participative Prozesser, fir dat dann no de Walen zesummen ze kucken. Mee op alle Fall, mir sti voll a ganz hannert deem Shared Space, sou wéi et elo um Dësch läit. Dat ass keen Zick-Zack-Kurs, mir hunn dat vun Ufank u sou gesinn a sou ugaangen an dofir begréissen ech dat, wat de Schäfferot hei proposéiert. Merci.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci fir d'Wuert. D'Madame Kemp huet jo scho gesot, wéi mir dat gesi mat deem Zick-Zack-Cours. An d'Thessy Erpelding huet och Recht, wa se seet, hei si jo awer Decisiounen, déi de Schäfferot proposéiert, wou Decisiounen am Gemengerot geholl ginn, déi wäit iwwert d'Legislaturperiod erausginn. Also mir waren op jidde Fall ganz baff erstaunt, dass mer net méi déi eendeiteg pro Shared Space Vue

gesinn. A wann ech elo d'Madame Kohn héieren, d'LSAP seet da kloer an däitlech, am September hält et net op, mee am September geet et weider. Bon, weider mat wat? Dat ass dann d'Fro. Stitt Der nach hannert dem Shared Space oder stitt Der net méi hannert dem Shared Space? Natierlech ass et elo e bëssen einfach fir ze soen: Ma jo, mir loossen dat deen nächste Schäfferot decidéieren. Mee ech fannen et muss een awer och eng kloer Positioun hunn. Mir stinn nach ëmmer hannert dem Shared Space a mir fannen dat och gutt, an et ass e bësselchen eng Propos, qui peut semer la zizanie. Et muss ee sech eindeuteg positionéieren, wéi hätt een et gär. D'CSV war ëmmer fir de Shared Space. Mir haten nach am Gemengerot, dat war 2021, do hate mer am Fong fir d'lescht iwwert de Shared Space rieds an du hu mir gesot: Mir gleewen nach ëmmer un déi gutt Iddi, a mir sinn och zouversiichtlech, dass wann déi 3. Phas fäerdeg ass an d'Verkéiersféierung anescht gëtt, dass dann de Shared Space och nees e Succès huet.

Mir haten deemools monéiert, dass déi vill Bussen, déi duerch de Shared Space fueren de Succès vum Shared Space och aschränken. Mir haten dat gekuckt. Do ware pro Stonn 18 Busser duerchgefuer. Lo héiere mer hei, dat fanne mer eng ganz gutt Iddi, dass de Bus 4 an de 5, dass déi awer weider hanne laanscht op d'Gemeng fueren. Dass just nach de City Bus 8 an 9, de Flexbus an den Adapto derduerch solle fueren. An d'Schoulbussen, do ass meng Fro, ginn déi och ronderëm geleet? Well déi waren och een Deel vun deenen 18 Bussen, déi duerch de Shared Space gefuer sinn. Also Dir sot, Dir hutt dat mam FCAD ofgekläert. Mir kruten awer och aner Messagen. D'Madame Kemp hat et och schonn ugedeit, dass awer verschidde Geschäftsleit iwwerhaapt net frou sinn, dass awer erëm soll mëttes zougemaach ginn. Ech mengen, do misst een da scho kloer soen, wéi vill Leit waren dofir, wéi vill Leit waren dergéint? Einfach ze soen: „Mir hunn dat mam FCAD ofgekläert", dat ass einfach gesot.

Als Allerwichtegst fannen ech och, dass een dat onbedéngt hätt missen an enger Verkéierskommissioun diskutéieren. Bon, dat war vläicht och gewollt, dass mer eis hei e bësselche sou zermaulen, dass dat dann an der Place publique ass. Dat ass dann ëmmer e bësse méi spannend, wéi wann s de dat elo an enger Verkéierskommissioun diskutéiers. Ech hunn awer och hei zum Reglement eng Fro: Rue du Commerce, Circulation interdite entre numéro 1, rue du Commerce et l'avenue Grande-Duchesse Charlotte, excepté cyclistes. Do war jo awer ugeduecht, dass do sollt eng Verbindung sinn tëschent der Rue du Commerce an hannen an der Jean Jaurèsstrooss. Firwat ass dat elo einfach och opgehuewen? Dat ass eng Fro, déi sécher berechtegt ass. Mir sinn natierlech elo hei an enger Zwéckmillchen, dat muss een och hei eindeuteg soen. Éischtens fanne mer et onlogesch, dass et bis de September ass. Dann hätt een och kënne soen, den 1. September fänke mer un et sou als Shared Space ze amenagéieren, wéi et geduecht war, an dann hätt ee jo och eng Vergläichsméiglechkeet gehat. Mee lo einfach ze soen, mir maachen dat lo mol zou an da kucke mer, wéi den nächste Schäfferot dat decidéiert. Also mir fannen et e bëssen onglécklech. A virun allem hätt een dat do misse propper an enger Verkéierskommissioun missen diskutéieren. Dann hätt ee sech duerno kënnen a senger Fraktioun, a senger Partei, bei senge Membere kënne mat austauschen. Also mir fannen, mir kënnen dat hei lo net matstëmmen. Mir sinn awer net dergéint. Dir wësst lo, mir wäerten eis enthale well mer awer nach ëmmer fir de Shared Space sinn.

Et si verschidden Elementer hei an deem Reglement, wat mer net gutt fannen, wéi gesot vun der Dauer onlogesch. Dann eeben déi Geschicht mat de Bussen. Jo, ob sech lo doru gehale gëtt, dass wierklech just déi Bussen do derduerch fueren. Ob dat och sou klappt mat deene Polleren, déi dann all Bus kann eroffuere loossen, dat sief dohigestallt. Wichteg ass virun allem, och d'Madame Heinen huet et gesot gehat, dass een och mol eng Kéier e Relevé mécht: Wéi ass et da gewiescht wéi et virdru war? Mir mussen och onbedéngt da kucken, wéi ass et dann duerno? A fir ze soen: Jo, an engem Artikel am Wort do steet, d'Leit sinn all frou. Wann s de aner Leit gefrot häss, déi wäre vläicht net frou gewiescht. Also dat ass ëmmer sou eng Geschicht. Dofir ass meng Fro: Wéi vill Leit hunn da gesot: Ma jo dat do, dat ass super, dat ass eng megagutt Iddi, dass mëttes awer keng Cliente kënne bei eis mam Auto fueren, déi et awer vläicht néideg hunn  oder Leit, déi eng Mobilité réduite hunn. Firwat geet dat net?

Wéi gesot, mir fannen et däerf een dat net sou op déi liicht Schëller huelen, dee Riseninvest, deen dee Shared Space hätt an déi ganz Philosophie, déi dee Shared Space huet, dass dat einfach e bësse sou: Jo, maach e bësse Foussgänger, hm, da kucke mer wéi et geet. Et ass sou e bëssen eng Anbiderung fannen ech vis-à-vis vun de Leit dobaussen. Also et ass nicht Fisch nicht Fleisch.
An dofir fanne mir eng Enthalung ass och nicht Fisch nicht Fleisch, dat passt da bei dëst Reglement.

THESSY ERPELDING (DÉI LENK): Merci fir d'Wuert. Just ganz kuerz. Entgéint deem, wat d'Madame Kayser seet, hunn ech zwar eng eendeiteg Positioun hei vun der Madame Bodry héieren am Numm vun der LSAP. Wa si seet, nom 30. September geet et weider, dann ass dat fir mech e kloert Wuert. Geet et weider mat deem, wat mer haut hei stëmmen? Wann ech dann nach do sinn, da wäert ech lech beim Wuert huelen. Dann ass et fir d'Foussgängerzon. Voilà. Just e ganz kuerze Saz zur Demokratie, Madame Bodry. Natierlech si mer dofir. Ech hat dat just einfach nëmme bemierkt, firwat mer grad bei dësem Sujet dat hei sou betounen, dass mer keng Decisioun iwwert d'Legislatur raus huelen. Anerer huele mer och. An déi musse mer huelen. Natierlech. Soss kéinte mer jo net fonctionéieren, wa mer alles nëmme géinge bis den 30. September decidéieren. Voilà. Et war einfach nëmmen esou gemengt. A voilà, ech weess net, firwat dat sou betount gëtt, ob dat da vläicht sou eng Handreechung fir d'CSV ass, wann een se vläicht brauch no de Walen.

Mee och ech gräifen de Walen net vir. Wat den Invest ugeet, ech mengen deen ass net verluer. Dat gesäit och als Foussgängerzon sou gutt aus. A mir si wierklech einfach frou, ech hu méi wéi eng Kéier gesot, dass et keng Schan ass, seng Meenung eng Cours de route ze änneren. An d'LSAP huet dat gemaach mat deem hei-

ten Deel, awer zum Deel geännert. An doriwwer si mer ganz frou. Merci.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter. Vu dass sech d'Gemidder lo hei ganz erhieflech erhëtze wollt ech lo vläicht emol e bësse rëm zréck op de Buedem kommen an déi Saach rationell ugoen.
Wat wollte mer mam Shared Space maachen? Mir wollten eng Berouegung vum Zentrum. An ech muss soen, mir hunn déi. Mir hunn elo zum Beispill dee Poller beim Safe, deen et fir d'Autoe scho guer net méi sou einfach mécht, fir einfach duerch d'Niddeschgaass ze jauwe fir da bei d'Stadhausplaz ze kommen a bei de Match oder virun an d'Liberatiounsstrooss. Wann d'Leit lo och nach musse riets ofbéien an dann an d'Rue Jean Jaurès fueren, wann dann duerno op där Plaz och nach e Shared Space ass, wou se erëm grad sou gestéiert ginn, da mengen ech huele mer den Autosfuerer schonn allgemeng ganz vill de Courage, fir nach mussen duerch dee Shared Space ze fueren. An dat ass dat, wat mer wollten hunn. Mer wollten déi Verkéiersberouegung hei hunn a mir mussen et einfach maachen, dass d'Autoe vu sech aus drop kommen, fir deen Zentrum do sou ze ëmgoen.
An da kommen ech mer e bësse vir wéi de Senator Cato 200 viru Christus am Réimesche Senat, deen ëmmer do gesot huet, mir mussen oppasse mat Karthago, déi falen eis eng Kéier hei op de Kapp (Ceterum censeo Carthaginem esse delendam).

Ech hu lo scho méi oft hei gesot, dat wär eng gutt Iddi. Dann huet den Här Buergermeeschter gesot: Jo mee dat ass net Är Iddi, déi hate mer alleguer, dass mer d'Rue de l'Étang misste ganz duerchgeeënd an eng Richtung maachen, dass d'Leit vun der Dudelange-Ville, vun der Barrière, direkt kënne Richtung Match oder Liberatiounsstrooss oder dee ganze NeiSchmelzquartier, laanscht den Zentrum fueren. An ech mengen dann hu mer erreecht, wat mer wollten. Mer wollten eng Berouegung vun deem Zentrum. An dofir fannen ech, dass et fir eis och keng Schan ass, fir weider nach un deem Shared Space festzehalen. Et ass eng Kompromëssléisung a mir sinn éischter méi fir Kompromësser wéi fir sech d'Käpp anzeschloen. An ech mengen d'Leit alleguer profitéieren dovun, wann dee System bis richteg gräift. An do muss ech de Leit vun der Majoritéit natierlech Recht ginn: deen Aussproch, mer musse mol kucken, wéi et gräift.

A mengen Aen ass dat nëmme wann ee bis gesäit, dass all déi Erschwéierungen do fir de Verkéier gesat sinn. Da gesäit een och, dass et gräift, dass manner Autoen duerchfueren. An dofir ass et net fir lo schonn d'Pan ze klaken an ze soen, op allgemengen Drock misste mer iergendwou un eng Foussgängerzon denken. Mir vun der CSV stinn nach ëmmer hannert deem Konzept a mir gesinn, dass et eng gutt Saach war, déi mer deemools decidéiert haten. Merci.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Jo ech maachen dann d'Einleitung, ier d'Servicer dru kommen. Ech fänke vläicht vun hannen un. Den Här Gangler sot et richteg. Mir wollten eng Verkéiersberouegung am Zentrum. An ech mengen, déi hu mer och heimadder erreecht. A wann de Shared Space 4 bis fäerdeg ass, da wäert et ëmsou méi Foussgänger- a Vélosfuererfrëndlech sinn a manner attraktiv, fir mam Auto derduerch ze fueren. A wat d'Rue de l'Étang ubelaangt, do muss ech mengem Buergermeeschter Recht ginn, deen Iech ëmmer äntwert, et ass net Är Iddi eleng, et ass eiser aller Iddi. An ech mengen, soubal dat iergendwann eng Kéier kann ëmgesat ginn a gudde Konditioune wäert dat och gemaach ginn. Mee ech mengen, dat hunn ech schonn e puer Mol gesot. Da méi allgemeng. Also wéi een et mécht, mécht een et net richteg hunn ech erëm eng Kéier haut hei eraushéieren. Ganz am Ufank ass vun der Madame Erpelding gesot ginn, si géif net sou richteg verstoen, firwat ech gesot hätt, mer géifen der definitiver Decisioun net virgräifen. Bon, ech weess net, Madame Erpelding, mee ech hunn déi verschidde Walprogrammer, déi ech bis elo kritt hunn alleguerte gelies, an do sinn d'Positiounen net alleguerten déi nämmlecht. A wann ech lo hei en definitiivt Verkéiersreglement virgeluecht hätt, sou wéi mär als Majoritéit, déi Majoritéit, déi haut do ass, et gesäit, dann hätt ech genau vun Iech gesot kritt, Dir sidd net demokratesch, keen Dialog, an alles dat, wat ëmmer sou kënnt.

Voilà. Lo hu mer et ëmgedréit gemaach, da kréien ech dat eebe virgeworf. Mäi Gott, ech hunn e breede Réck.
Et ass gesot ginn d'Mëttesstonn, firwat déi net mat dran ass, firwat réischt ab 14:00? Dat ass och e Kompromëss, dee mer mam Geschäftsverband also mam FCAD fonnt hunn. Wéisou? Well si eis gesot hunn, datt awer ganz vill Leit an der Mëttesstonn, déi hei ronderëm schaffen, hir kleng Kommissiounen an Diddeleng maache kommen. An dat wär e Pourcentage, deen net ze negligéieren ass an dofir hu mer de Kompromëss op 14:00 gesat. D'Madame Kemp sot: Wisou ass et e Mount méi laang wéi de Véloswee? Bon, dat ass déi Decisioun déi lo de Gemengerot hei muss huelen. Mir hätten och kéinte 15. September draschreiwen. Mir hätte kéinten 1. Oktober draschreiwen. Mir waren einfach der Meenung, wann d'Gemengeréit bis den 1. September musse stoen, also d'Schäfferéit, d'Gemengeréit musse stoen, da muss de deene Leit och nach eng Preparatiounsphas ginn an eng Gemengerotssitzung aberuffen an e Reglement stëmmen. An dofir hu mer den 30. September drageschriwwen. Et gëtt also elo net onbedéngt e Grond, firwat et den 30. ass an net de 15. Et war eis eigentlech wichteg, datt deen neie Schäffen- a Gemengerot Zäit hätt, fir sech kënne virzebereeden an e Verkéiersreglement wat Kapp a Fouss huet dee Moment och kënnen ze stëmmen a sech och, wéi gesot, hir Iddien ze maachen, wéi si sech dat an Zukunft wëlle virstellen.

Dann ass vun zwou Parteie gesot ginn et wär keng Verkéierskommissioun gewiescht zu deem doten Thema.
Also ech hunn e bëssen d'Impressioun, wéi wann ech hei am Krees dréien a wéi wann Der et net wëllt verstoen. Dat hei ass en temporäert Verkéiersreglement vun e puer Méint. Natierlech kann den nächste Schäffen- a Gemengerot, wann en en definitiivt Reglement huet, da wäert deen och eng Verkéierskommissioun, wa se da steet, dat muss een nach kucken, wéi séier dat geet, wäert deen déi bestëmmt zesummeruffen. Ech kann do lo just fir dës Majoritéit schwätzen, déi aner wäerten dat awer sécherlech och maachen. An ech widderhuelen et nach eng Kéier: Et huet kee Wäert, eng Verkéierskommissioun zesummenzeruffe fir ze diskutéieren, ob

s de d'Rieslingspaschtéit lénks oder riets op den Teller lees. Wann s de eng Verkéierskommissioun zesummeriffs, mat Experten, mat ville Leit aus de Servicer, an du léiss Leit dohinner kommen, da solls de och Decisiounen huelen, déi eng gewëssen Drowäit hunn. Nämlech déi: Wat geschitt an Zukunft mat eisem Shared Space? Oder wéi soll et definitiv herno sinn? An net eppes wat nëmme gülteg ass fir een oder zwee Méint.

Ech hunn et virdru scho gesot, mir hu se net zesummegeruff fir de Vélosummer, well mer genau dat nämmlecht diskutéiert hätte wéi d'lescht Joer. Mir hunn och natierlech d'Rapporte geholl vun deene leschte Joren a mir hu gekuckt, wat déi Leit gesot hunn an dat ass och mat eragefloss. A sou wäert zumindest emol dat an Zukunft fir dës Majoritéit de Fall si wa misste Kommissiounen zesummegeruff ginn. Well et soll een déi Leit och eescht huelen. Et soll een net nëmme Leit zesummeruffe fir se zesummenzeruffen. Dann, wat hat ech nach? Jo, den neie Moment, wéi gesot, d'Madame Heinen huet gesot, et wier en neie Moment. Neen, en neie Moment, dat ass deen, wann dat definitiivt Verkéiersreglement wäert geholl ginn, nämlech am Hierscht vum neie Schäffen- respektiv Gemengerot. Dir hutt och gesot, Dir wiert fir e staarken ëffentlechen Transport. Dat gleewen ech Iech souguer als Gréng. Mee Dir sidd fir e staarken ëffentlechen Transport net do, wou d'Leit an d'Geschäftsleit e brauchen, nämlech am Zentrum.

Mir hunn Iech gesot, datt mer de Bustrafic reduzéieren, mee mir brauchen awer Busser, déi d'Leit an den Zentrum bréngen. Virun allem eis City Busser. Wa mer soen, datt d'Leit solle bei eis zu Diddeleng akafen an net mat hirem Auto oder hirem Vëlo op d'gréng Wiss fueren, da musse mer d'Leit och an den Zentrum bréngen. An dat ass genau dat, wat mer heimadder ustriewen.
An dann, Dir sot, Dir géift den TICE reorganiséieren. Do sinn eng Partie Gemengen, déi wäerten do nach vill matschwätze fir den TICE ze reorganiséieren. Gleeft mer dat, datt dat net sou einfach ass, wéi Dir Iech dat lo hei virstellt.

Jo, eng kloer Positioun sot d'Madame Kayser. Kloer Positioun huet all Mënsch a sengem Walprogramm geholl, Där sou gutt wéi mär. Dat ass déi kloer Positioun. An da muss een eeben no de Wale kucken, wéi et weidergeet. D'Madame Kohn hat gesot, am September geet et weider. Jo, also ech hoffe mol. D'Welt wäert jo nom 30. September net ënnergoen. Et ass just ze kucken, wéi wäert et am Shared Space weidergoen? An ech soen et nach eng Kéier: Dat ass déi Decisioun, déi den neie Schäfferot a Gemengerot hëlt. Et ass gesot ginn, firwat ass mam FCAD geschwat ginn, mam Geschäftsverband? Well Dir hat och mat Leit geschwat, déi do net dofir waren. Jo, dat ass esou. Dat ass och souguer an de Parteie sou. Net all CSV-Member ass mat all Positioun d'accord déi Där hutt a warscheinlech net all LSAP-Member mat der Positioun, déi mär hunn. A sou ass et och mat de Geschäftsleit. Mär mussen awer mat der Vertriedung vun de Geschäftsleit diskutéieren. An dat hu mer gemaach, a mir hunn hei e Kompromëss fonnt.
An dann halen ech et och mam Här aus der Zeitung, mir freeën eis op déi 4. Phas vum Shared Space. A wann et am Wort stoung kann et jo net sou falsch sinn.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo Merci. Ech hunn awer eng ganz tricky Fro nach. Dat hei ass elo en temporäert Verkéiersreglement. A wann elo den 30. September nach keng Gemengerotssitzung vum neie Gemengerot war an nach keng nei Reglementer geholl gi sinn, et weess ee jo net, wéi dat zäitlech organiséiert gëtt, wat spillt dann dann? Da kënnt jo rëm dat aalt Reglement, dat spillt, dat heescht, dann ass et e Shared Space nees? E richtege Shared Space?

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Et gëtt och e Règlement d'urgence, wann s de net wëlls virgräifen an du sees, du géifs dat do lo gäre weidermaachen, da kéint deen neie Schäfferot e Règlement d'urgence huelen, wéi mer dat jo och heiansdo hei hunn, wa muss séier eng Decisioun geholl ginn. An da muss dat am nächste Gemengerot, an der nächster Sitzung vum Gemengerot, guttgeheescht ginn, datt dat fir déi Zäit gutt war. An da kéint awer och an där nämmlechter Gemengerotssitzung schonn en definitiivt Reglement gestëmmt ginn. Dat just zur Prozedur. A wann ech mech lo do verhaselt hunn, wat ech net mengen, well de Pit wénkt mer „Jo", da géif hie mech verbesseren.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Jo, ech hunn et jo wärend menger Interventioun gesot, dass ech dat net wëll virgeworf kréien. Also dat mat de Bussen, dat mécht mech awer elo e bësse rosen. Natierlech wëlle mer, dass d'Bussen nach duerch d'Niddeschgaass fueren. Besonnesch d'City Bussen, de Flexbus, an d'Leit sollen natierlech an d'Niddeschgaass kommen a mir hu jo och do dee wonnerschéine Busarrêt an dat soll natierlech genotzt ginn. Ech sinn elo ganz éierlech. Ech hat dat net matkritt, dass de 4 an de 5 net méi derduerch fueren. Dat sinn 8 Bussen an der Stonn. An da soen ech awer och, dat wier z.B. an enger Presentatioun an enger Verkéierskommissioun, do hätt een dat awer anstänneg kënne presentéiert kréien, da wier mer dat elo net duerch d'Latte gaangen. Merci.

PIT DEMUTH (SERVICE CIRCULATION): Ech wollt nach just op déi puer technesch Froen agoen. Et ware jo lo zwou technesch Froe gestallt ginn, eng Kéier vun der Madame Heinen mam Dräieck am Shared Space beim Safe. Dat war am Verkéiersreglement festgehale gi wéi mer iwwert de Shared Space Phas 3 geschwat hunn, dass de Vëlosfuerer aus enger Strooss kënnt, wou e keng Virfaart méi huet an dat do ass einfach als Hiweis drop, dass e muss de Verkéier, deen aus der Rue du Commerce kënnt oder aus der Niddeschgaass selwer muss oftrieden, dass e muss waarden. Dass en net einfach wann e vum Optique Quaring, Safe kënnt, net einfach riicht duerch briedere kann an net oppassen, wie vu riets do kënnt. Dofir steet den Dräieck do.

An déi zweet Saach war den C2, Rue du Commerce, Place Kinnen. Wa mer d'Niddeschgaass spären, dann ass och de Parvis bei der Kierch an d'Place Kinnen mat betraff an dofir ass och do den C2 am Verkéiersreglement mat dran. Dass d'Awunner kënnen nach ëmmer dohi kommen, mee dass déi aner net sollen dohi kommen, dat war am Fong den Hannergrond, firwat do den C2 geholl ginn ass.

An d'Schülerbusser, ech nennen et bewosst Schülerbusser, well e Schoulbus hu mer eigentlech hei zu Diddeleng net richteg méi. D'Schülerbusser, déi fueren och duerch d'Rue de l'Étang an net duerch d'Niddeschgaass.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Ech wollt nach eng kleng Saach bäiflécken, et gëtt hei sou vill op deen nächste Schäffen- a Gemengerot verlueden, mir hunn eng virsichteg Positioun hei geholl. Ech huele jo dann un, wann deen nächste Schäffen- a Gemengerot, ech weess net, Déi Gréng, Lenk an Demokraten ass, da kënnt et warscheinlech guer net méi zu der 4. Phas vum Shared Space, well wa se dogéint sinn, da wäerte se dee warscheinlech och net stëmmen. Ech weess et net.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): ***Da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass mat deem Verkéiersreglement, wéi et hei presentéiert gouf averstanen? D'Stëmme vun Déi Gréng, LSAP, Déi Lenk. Wien ass dogéint? Wien enthält sech? Dat ass dann d'CSV.***

Villmools Merci. Och eise Mataarbechter, den Här Da Silva, den Här Demuth an den Här Leners, och Merci fir hir Presenz.



## 3. APPROBATIOUN VUM NEIEN ALLGEMENGE POLICE-REGLEMENT

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Da géif ech proposéieren, dass mer op den nächste Punkt iwwerginn, dat ass eis neit Police-Reglement, dat mer hei presentéieren. Ech mengen Dir wësst, dass dat aktuellt Police-Reglement, dat mer hunn, dat ass vun 2010, wou déi ganz Refonte gemeet gouf. An am Fong den Ausgangspunkt fir et ze iwwerschaffe ware jo déi sougenannte „Sanctions administratives communales", déi jo säit dem 01.01.2023 a Kraaft sinn, wou d'Gesetz a Kraaft ass. An dat war den Ulass, fir eng ganz Refonte ze maache vum Polizeireglement an och fir weider eng Rei aner Modifikatioune virzehuelen.

Just nach eng Kéier fir e bëssen ze erkläre par rapport zu der Prozedur. D'Diskussioun ass jo haut am Gemengerot, et gëtt e Vott geholl. Da muss natierlech d'Polizeireglement an den Interieur geschéckt ginn an e muss a punkto Legalitéit iwwerpréift ginn. A sou laang wéi den Interieur säin Accord nach net ginn huet par rapport zu den Dispositioune bleift dann d'Polizeireglement vun 2010 a Kraaft. Firwat soen ech dat? Well et awer e fundamentalen Ënnerscheed gëtt entretemps. Dat Polizeireglement, wat mer 2010 an den Interieur agescheckt hunn huet den Interieur just brauchen ze aviséieren, dat heescht zur Kenntnis huelen. Lo säit dem neie Gesetz iwwert d'Sanctions administratives communales muss en neit Polizeireglement, wann dat an engem Gemengerot gestëmmt gëtt, vum Interieur approuvéiert ginn. Dat ass also eng fundamental, komplett aner Approche, an déi Approbatioun fousst natierlech dann och op der Legalitéit vun den Dispositiounen, déi geholl ginn. Also integral, den Ënnerscheed tëschent aviséieren an approuvéieren, dat ass dann eng kloer Differenz. Dat ass net dat selwecht.

Ech muss soen, dass fir dat neit Polizeireglement auszeschaffen hate mer am Virfeld och en intensiven Austausch mam Interieur, mat senge Juristen. Mir sinn och proaktiv un den Interieur erugetrueden, fir mat hinnen ze diskutéieren. Mir haten och en Austausch mat eisem Hausaffekot, dem Maître Helminger, an ech wëll och dem Patrick Bausch an dem Serge Binz och Merci soe fir hir intensiv Aarbecht am Kader vun der Ausschaffung vun deem neie Polizeireglement. A vu dass dru geschafft gouf hate mer och zwou Sécherheetskommissiounssitzungen, wou mer d'Polizeireglement virgestallt hunn an och diskutéiert hunn. Souwuel dëse Volet vun de Sanctions administratives communales wéi dann och de Volet vun deenen anerer Modifikatiounen, déi mer virhuelen.

Ech wollt kuerz drop agoen an hannenno ginn ech op deen een oder aneren Artikel an.

Also mir hunn engersäits, wat dat Polizeireglement ugeet vun 2023 en Toilettage général gemeet, well mer am Reglement vun 2010 Dispositiounen dran hu vu Gesetzer vum Code pénal, vum Code civil, vu Loi spéciale, vum Code de la circulation, déi am Fong net méi brauchen an engem Reglement ze sinn, well e Gesetz ëmmer eng Norme supérieure ass an een ëmmer dorobber referéiert. Dat heescht den Toilettage général huet mat sech bruecht, dass mer do eng ganz Rei Dispositioune carrement erausgeholl hunn an déi fënnt een dann hei am Projet vun 2023 net méi erëm. Et ass an deem Sënn superfétatoire, well e Gesetz ëmmer eng Norme supérieure ass. Mir sinn awer och higaangen an hunn eng Rei Reglementer, déi mer hunn, déi ginn och hei abrogéiert, well mer hunn eng Rei Dispositiounen iwwert d'Hondsreglement, iwwert de Kaméidi, respektiv iwwert d'ëffentlech Weeër, déi hu mer carrement och hei an d'Polizeireglement eragesat. An, wat mer natierlech och gemeet hunn, mir haten am aktuelle Polizeireglement Dispositiounen dran, dass de Buergermeeschter d'Méiglechkeet kritt huet, d'Mendicitéit um Territoire anzeschränken, déi Dispositioun, ech wäert herno drop agoen, hu mer och komplett erausgeholl. Dat aus nationalen an och internationale Consideratiounen, respektiv dann och well mer eng nei Verfassung hunn. Do ginn ech nach e bësse méi am Detail drop an. An de véierte Volet, dat ass, dass déi 17 Sanctions administratives communales, déi d'Gesetz virgesäit, dass mer déi integral an d'Polizeireglement eriwwerhuelen. Wëssend, dass vläicht vun deene Sanctions administratives déi eng oder déi aner méi oder manner ugewannt gëtt.

Déi Sanctions administratives si jo entstanen, well d'Demande war am Gemengesecteur, vis-à-vis vu verschidden Incivilitéiten déi een am Alldag bemierkt, dass een déi ka méi schnell sanktionéieren an administrativ sanktionéiere iwwert eng Amende administrative an net iwwert déi geriichtlech Prozedur. An och do si mer higaangen – déi Diskussioun hate mer och an der Sécherheetskommissioun, do hu mer jo verschidden Dispositiounen am Polizeireglement gehat, déi nach penal strofbar waren, déi mer awer elo carrement administrativ strofen. Nom Prinzip vum Code pénal „Non bis in idem". Eng Incivilitéit oder eppes wat geschitt, kann een net zweemol strofen, net administrativ a penal. Mee entweeder penal oder administrativ. Dofir, dat ass de Prinzip vum „Non bis in idem". Dat par rapport zu deenen e bësse méi generelle Consideratiounen, déi eis geleet hu wat d'Iwwerschaffe vun dësem neie Polizeireglement ugeet. An dofir war och deen Austausch, dee mer am Virfeld och hate mam Interieur, wou mer och proaktiv gesicht hunn, ganz wichteg, well déi eis och op eng Rei Punkten opmierksam gemeet hunn. An nieft dem E-mails-Austausch hate mer och Reuniounen am Interieur selwer fir dat Ganzt duerchzekämmen.

Ech géif op deen een oder aneren Artikel agoen an dësem Polizeireglement. Ech géif mam Artikel 2 ufänken. Do definéiere mer, an dat war och an der Diskussioun, déi mer mam Interieur haten, do definéiere mer wat Rassemblementer en plein air oder Lieux accessibles au public, wat Cortègen ugeet, eng gewësse Prozedur fir déi unzefroen. Dass een dat op der Gemeng ufreet, op d'mannst 5 Deeg am Virfeld. An dass een do och eng Rei Informatioune gëtt iwwert den Ufank an d'Fin vum Rassemblement de personnes, déi ee kann identifizéieren. An dass de Buergermeeschter dann do kann eng Autorisatioun ginn. Oder wann eng Menace grave à l'ordre public ass, dass een d'Autorisatioun dann effektiv net ka ginn. Dat ass e bëssen en neie Moment, dee mer dragesat hunn. En anere Moment ass den Artikel 9, well mer do och aus Erfarungswäerter – an ech hat vergiess hei ze begréissen, de Serge Binz, deen herno hei nach op Froe kann äntweren, eise Bannhidder. Et gouf Situatiounen, wou wann et geschneit huet oder wa Frascht war, dass Stalaktitte sech gebilt hunn, déi op eemol op de Buedem gefall sinn op d'Voie publique. Dat hu mer hei mat erageholl, fir  fir dat nach eng Kéier ganz kloer hei ze preziséieren.

Dann och den Artikel 13, do hu mer dragesat mat de 40 Dezibel tëschent 07:00 an 22:00 an 30 Dezibel tëschent 22:00 a 07:00 wou ee bei sech doheem oder wann een an engem Appartement wunnt, déi net däerf iwwerschreiden. Ech mengen dass dat net onwichteg ass, och am Kader vu Miessungen. An natierlech gëllt dat och fir Caféen ausserhalb vun hiren Zäite wou si op sinn. Dat ass och eng Recommandatioun, déi den Interieur eis gemeet huet am Echange dee mer mat hinnen haten. Da war den Artikel 15. Dat ass de sougenannte Repos nocturne. Deen ass gereegelt vun 22:00 bis 07:00, ganz kloer definéiert, ausser wann e Cas de force majeure wier. Wann zum Beispill Aarbechte missten op der Voie publique gemeet ginn, well, soe mer mol eng Gasleitung futti ass oder e Waasserrouer geplatzt wier oder eis Servicer missten intervenéieren, wéi gesot, da kann een dat maachen. Oder wann Travaux d'utilité publique d'urgence wieren, da kann déi Nuetsrou opgehuewe ginn, mee si gëllt am Fong vun 22:00 bis 07:00.

De Repos nocturne concernéiert net d'Fräi Nuechten, dat wëll ech awer hei nach eng Kéier preziséieren. Dann den Artikel 18. Dat war och eng Diskussioun, déi mer och an der Sécherheetskommissioun haten, wou mer och Adaptatioune virgeholl hu wat d'Auerzäiten ugeet. Dat ass am Fong alles wat Aarbechten ugeet, déi een, wann een zum Beispill méit oder wann een Hobbyaarbechte mécht oder bei sech doheem, déi Kaméidi maachen, sougenannte Bricolage-Aarbechten, Handwierksaarbechten doheem, dass een dat ka maachen, mee am Fong Jours ouvrables, net virun 08:00 an net no 20:00. Samschdes net virun 08:00. Net tëschent 12:00 a 14:00 an no 18:00. A Sonndes a Feierdeeg net virun 10:00 an net no 12:00. Mer hunn eis do alignéiert och un déi doten Horairen, wou an der Kommissioun och d'Diskussioun war, dass een deem och ka Rechnung droe wann ee seng Wiss méit oder Hobbyaarbechten doheem mécht. Dann hu mer nach en neien Artikel 21 agefouert. Dat ass eise Bannhidder, deen oft sollicitéiert gouf, wann de Repos nocturne tëschent 22:00 a 07:00 moies konnt opgehuewe ginn. Dat ass virun allem wann d'Bauere musse schaffen a wann awer schlecht Konditioune wäre wat d'Wieder ugeet, dass een dat kéint ophiewen, fir dass si awer hirer Aarbecht kënnen nogoen, wa si hir Recoltë maachen.

Dann ass natierlech den Artikel iwwert d'Mendicitéit. Deen ass komplett raus. De Buergermeeschter hat d'Méiglechkeet säit 2010 op verschidde Plazen um Territoire vun der Stad Diddeleng d'Mendicitéit ze limitéieren. An e konnt dann d'Konditiounen an d'Modalitéit selwer fixéieren. Hätt also da ganz groussen Ermiessungsspillraum. Et muss een awer soen, dass déi doten Dispositioun, och wa se säit 2010 an d'Reglement komm ass, am Fong ni geholl gouf. An och am Kader vun den Diskussiounen, déi an de leschte Wochen a Méint stattfonnt hunn iwwert d'Heescherei, mer an dësem Projet hei d'Mendicitéit komplett erausshuelen. An do ginn et eng ganz Rei Consideratiounen. Engersäits ass d'Mendicité simple säit 2008, laut dem Gesetzgeber jo och net méi strofbar. An d'Mendicité en réunion, dat gesäit de Code pénal vir, do sinn natierlech och Strofen dran. Do ass et dann och un der Police, respektiv un de Geriichter, wa Mendicité en réunion ass, wann dat kann nogewise ginn, an och Traite des êtres humains kann nogewise ginn, da sinn dat déi Instanzen, déi ze agéieren hunn. An, wat awer och en neie Moment ass, dat ass dee vun der neier Verfassung. Wann hei eppes ageschränkt gëtt oder wann e Mënsch ageschränkt gëtt a senger Beweegungsfräiheet, da spillt mat Akraafttriede vun der iwwerschaffter Verfassung den Artikel 37, an dee seet: „Toute limitation de l'exercice des libertés publiques doit être prévu par la loi et respecter leur contenu essentiel dans le respect du principe de proportionnalité, des limitations ne peuvent être apportées que si elles sont nécessaires dans une société démocratique et répondent effectivement à des objectifs d'intérêt général et au besoin de la protection des droits et libertés d'autrui.»

Ech mengen dass deen Artikel ganz kloer ass, a wann dat dote schonn eng Valeur constitutionnelle huet, kann et net sinn, dass een iwwert e Gemengereglement, e Polizeireglement Fräiheeten aschränkt, wou nëmmen d'Gesetz Fräiheete kann aschränken. Ech menge mir komme jo aus enger Period eraus, wou eis Fräiheeten ageschränkt waren. Dann denke mer un d'Covid-Pandemie. An et kann am Fong nëmmen e Gesetz dat maachen. A wann déi nei Verfassung kloer Prinzippie setzt, soll ee sech natierlech och un déi halen. An Dir hutt jo och matkritt an den Diskussiounen, dass et jo och e Geriichtssproch gëtt vun der Cour Européenne des Droits de l'Homme, dass d'Mendicitéit e Recht ass, dass e Mënsch dat ka maachen, dass e Mënsch seng Détresse och ka weisen. An ech mengen dass et an eiser Gesellschaft net drëms geet, déi Aarm ze stigmatiséieren, mee dass een natierlech och alles soll vu Moossnamen huele fir d'Aarmut ze bekämpfen. An dat kann een net iwwert eng repressiv Schinn maachen, respektiv iwwert eng Schinn, wou een d'Fräiheeten aschränkt. Ech mengen dass do insgesamt, au Sens large, eng staark Sozialpolitik néideg ass, wou sécherlech d'Gemeng, mee virun allem och ganz vill staatlech Acteure kënne mat agräifen. An dofir och d'Propos hei fir d'Dispositioune ronderëm d'Mendicitéit hei aus dem Polizeireglement carrement ganz erauszehuelen.

Dann hu mer nach den Artikel 24 wou gesot gëtt, dass et verbueden ass, d'Presenz vun der Police an iergend enger Form ze signaléieren. Dann hu mer den Artikel 25 wou och drasteet, dass et verbueden ass – am Artikel vun 2010 stoung dat dran – dass et verbueden ass, Decheten ze verbrennen. Bon, d'Gesetz iwwert d'Dechete gesäit dat vir, also hu mer et och hei erausgeholl. Eppes wat nei drakomm ass, well mer och do eng Rei Reklamatioune kritt hunn, virun allem eise Bannhidder huet déi kritt, dat ass den Artikel 30, déi sougenannte Kompostkierf/-backen. Dass mer do och drasetzen, dass do op d'mannst eng Distanz vun 3 Meter par rapport zum Noper soll gehale ginn, well awer do mol Gerécher entstane sinn, déi net onbedéngt sou agreabel waren, an deem mer och hei Rechnung droen.

A wat mer och dragesat hunn, dass natierlech jidderee säin Terrain muss propper halen. Wann dat net de Fall ass, kann d'Gemeng de Proprietär uschreiwen, et ze maachen. Wann de Proprietär et net mécht, kann d'Gemeng et maachen an natierlech déi Fraise vun där Aarbecht dem Proprietär dann och facturéieren. Am Leitartikel 35 sinn d'Terrassereglementer. Dat huet weider net geännert. Dann den Artikel 39, deen och dran ass. Dat war e bëssen eng cocasse Situatioun. Am Artikel vun 2010 hate mer dra stoen, ech drécken et mol sou aus: wann e Gemengebeamte bei engem Bierger un der Dier klappt, dass en d'office muss eragelooss ginn. Bon, dat ass net méi ganz konstitutionell an zäitgeméiss. Wann een dat ka maachen ënner verschidde Konditiounen, da kann dat d'Police maachen. Effektiv, wann ee vun der Gemeng bei engem uklappt an een net eragelooss gëtt, dann ass dat e Recht vum Bierger, een net eranzeloossen, ausser et ass d'Police. An och bei der Police ginn et verschidde Mesuren, wou een dat ka maachen, respektiv net ka maachen. Déi Dispositioun hu mer erausgeholl. Dann hu mer eragesat eng Dispositioun ronderëm den Artikel 44. Dat ass och eng Recommandatioun vun der Diskussioun, déi mer mam Interieur haten. Dass mer eng Zone de liberté pour chiens aféieren. Dir wësst, dass mer eng Hondsspillwiss hunn am Park Casino, op der Schmelz. Dass mer dat och hei erabréngen. Et ass jo eng Clôture, an do kënnen ouni Problem d'Hënn fräi do lafen.

Dann den Artikel 45, dat ass och eng Dispositioun mat Referenz op d'Hondsgesetz, dass de Gemengerot à titre exceptionnel ausserhalb vun der Agglomeratioun, awer op Plazen, wou ganz vill Leit sech ophalen a wou am Interieur vun där Plaz Leit sinn, dass een do kann eng Plaz definéieren, wou d'Hënn an der Léngt solle sinn. A mir hunn hei en neie Moment agefouert, dass mer dat sollen an der Le'h maachen, also an der Enceinte vum Park, net déi Weeër ronderëm de Park, mee am Park selwer, well och do eng Mëschfunktioun ass. Do si Spillplazen, do ass de Kannerwanderwee, do ass de Buerféisswee, do ass de Restaurant. Well awer och eise Bannhidder sief et mëndlech, iwwert Telefonsuriff respektiv och iwwer E-mail ganz vill Beschwerden erakomm sinn, wou effektiv Leit gebass goufen. Wou mer gesot hunn, OK, wann dat de Fall war, de Moment kënne mer an deem Sënn näischt maachen, well d'Reglement dat net hiergëtt, dass den Hond an der Léngt ass. Mee da maacht eng Plainte bei der Police, respektiv da spillen och d'Assurancen. Dofir hu mer och déi Dispositioun hei erabruecht, dass wann een an d'Enceinte vum Park erageet, den Hond an der Léngt soll halen. Wann een natierlech aus dem Park raus geet an déi Weeër ronderëm d'Le'h, do kann een dann och ouni Problemer den

Hond erëm fräi lafe loossen. An et ass jo normalerweis dem Proprietär seng Responsabilitéit, Här Gangler, dat ze wëssen.

Dann den Artikel 50. Do hu mer och agefouert am Polizeireglement, dass wa mer Hënn opfannen, déi errant sinn, da kann d'Gemeng déi an d'Déierenasyl féieren.
Da kommen, dee Volet, wou ech virdru gesot hunn, d'Artikelen 72 bis bal 91. Dat sinn dann déi sougenannte Sanctions administratives communales. Dat sinn déi 17 Sanktiounen, déi administrativ geahndet kënne gi mat enger Amende administrative vu 25 Euro, sou wéi d'Gesetz et virgesäit. Dat ass Folgendes: engersäits wann een iergendeng Aktivitéit op der Voie publique mécht, ob déi artisanale ass, artistique oder commerciale ass oder industrielle, brauch een d'Autorisatioun vum Buergermeeschter. Dann den Artikel 74. Alles wann ee wëll seng Wiss méien oder Kaméidi maachen, Beem schneiden, Entretiensaarbechte maachen, à titre d'exemple, dass een dat ka maachen an der Woch tëschent 08:00 moies an 20:00 owes, samschdes ka maachen tëschent 08:00 an 12:00 an 14:00 an 18:00, a sonndes, respektiv Feierdeeg, tëschent 10:00 an 12:00. Dat war och dat, wat d'Sécherheetskommissioun proposéiert huet.

Dann den Artikel 75. Alles wat Matières fumigènes, fulminantes, explosives ugeet, dass dat verbueden ass. Dass een net ouni Autorisatioun Saachen op der Voie publique ka chargéieren an dechargéieren. Virun allem am Kader vu Livraisounen. Respektiv wann een en Eclairage public géif dereegléieren, och dat kann eng Sanction administrative sinn. Feier op der Voie publique maachen, dat gehéiert och dozou, dat ass Artikel 79. Artikel 80, „Conduites, canalisations, câbles et installations publiques", wann een déi géif manipuléieren, dat fält och drënner. Et si ganz vill Grénganlagen, déi vun eise Servicer ënnerhale ginn, oder och Blummen, Blummebeeter, wann een déi muttwëlleg futti mécht, och dat kann administrativ geahndet ginn. Ech wollt nach preziséiere bei de Sanctions administratives, dat gëllt net, wéi d'Gesetz et och virgesäit fir d'Mineuren. Dat ass alles nëmme fir déi Erwuessen. A bei de Mineure sinn natierlech ëmmer déi Erwuessen zivil haftbar. Dat changéiert net, do spillt dann de Code civil. Dann ass den Artikel 82, dat sinn déi méi brongelzeg Kéip, déi een op der Voie publique fënnt. Do kann och elo dann an Zukunft den Agent municipal, respektiv de Bannhidder, oder awer och d'Police, well dat sinn am Fong déi dräi Acteuren, déi eng Sanction administrative kënnen ausstellen, kënnen do e Knëllche ginn. Natierlech, wann Hënn op d'Spillplaze ginn oder an de Schoulhaff eran, wat net autoriséiert ass, dann Aarbechten ze maachen tëschent 20:00 a 07:00, dat ass wéi gesot de Repos nocturne.

An dann den Artikel 85, dat war eng Sisyphusaarbecht, dofir wollt ech och hei nach eng Kéier dem Binze Serge Merci soen. Do ass natierlech och dran, dass de Gemengerot am Fong de Perimeter definéiere soll, wou Terrasse kënnen installéiert ginn. Bon, do ware mer och an der Diskussioun déi mer mam Interieur haten, mat de Mataarbechter, wéi definéiert de Gemengerot de Perimeter? Ech soen ee Beispill vun där gréisster Stad am Land, déi mécht e Cloutage. Mir hu gesot, mir maache lo kee Cloutage um Buedem, mee mir huelen éischter déi aner Approche, mee ech mengen Dir gesitt an den Annexen hannendrun déi Sisyphusaarbecht, déi gemeet gouf. Mir definéiere pro Café, pro Restaurant, déi mer de Moment hunn eng maximal Surface a Meterkareeën, dat ass de Perimeter, mir halen dat hei als Gemengerot fest. An den Exploitant, ob dat elo vum Restaurant oder vum Café ass, däerf dee maximale Meterkaree net depasséieren. E kann och manner hu wann e wëllt, mee en däerf net méi hunn, ulässlech der Diskussioun, déi mer virdrun hei haten, ronderëm d'Verkéiersreglement am Kader vum Shared Space loosse mer natierlech eng gewësse Latitüd walten, wann ee seng Terrass e bësse méi grouss wëll maachen. Do kënnt een engem entgéint. Mee ech mengen et muss een einfach e Kader hei setzen. An Dir gesitt unhand vun deenen, ech gi se net alleguerten duerch, Dir hat d'Méiglechkeet, fir se ze kucken, do ass eng Opléschtung wat alleguerten déi Restauranten a Caféen ugeet, wou mer déi maximal Surface och hei definéieren. Dat ass dozou.

Da wär ech op alleguerten déi Sanktiounen agaangen. Wéi gesot, op Sanktiounen. Op déi stinn natierlech eng Amende administrative vu 25 Euro bis 250 Euro. Dat ass integral, wat jo och d'Gesetz virgesäit, dat iwwerhuele mer 1:1, do hu mer och weider kee Spill. Déi do Sanktioune kënne vun eise Bannhidder, Bannhidder vun der Police an och vun Agents municipaux gemaach ginn. An eis Leit sinn och de Moment a Formatiounen, déi den Interieur organiséiert, fir dat heiten och kënnen ëmzesetzen, fir dat och kënnen ze exekutéieren. Alleguerten déi aner Dispositiounen, déi hei am Polizeireglement sinn, dat changéiert net par rapport zu deem aktuelle vun 2010. Do ass da wéi gesot, an dat ass och den Artikel 91, do ass eng Amende de police vu 25 bis 250 Euro. Dat ass mengen ech de klassesche Prinzip, wann do eppes geahndet gëtt oder e Constat gemeet gëtt, do muss e Procès verbal geschriwwe ginn, dee geet dann un d'Police. D'Police gëtt dat weider un de Parquet, de Parquet decidéiert, entweeder klasséieren ech et oder ech ginn et weider un d'Geriicht fir dann eng Amende de police. Dat ass d'Polizeigeriicht, wou dann eng Stroof ka schwätzen. Dofir hei och eng ganz kloer Trennung tëschent deenen zwee. Dat waren déi Ausféierungen, déi ech wollt gi par rapport zum neie Polizeireglement. Wéi gesot, mir haten dat och a längere Sëtzungen an der Sécherheetskommissioun diskutéiert an d'Diskussioun ass elo op. Merci.

JEAN-PAUL FRIEDRICH (CSV): Merci fir d'Wuert Här Buergermeeschter. Ech wollt als alleréischt soen, dass ech et natierlech begréissen, dass zwou Sécherheetskommissioune waren. Well dat war extreem wichteg, well et ass souwisou en Thema, wat immens grouss war. A wann een dann awer zwou Sécherheetskommissiounen huet iwwert d'Gemengereglement an d'Policereglement, da konnt dat Ganzt Artikel fir Artikel duerchgekuckt ginn a jiddwereen hat d'Méiglechkeet, den Här Buergermeeschter war och selwer dobäi, de Serge Binz war dobäi, an och déi eenzel Membere vun der Kommissioun konnten dann hir Meenung dozou soen, wat zu all Artikel eventuell hir Doleancë wieren. An deementspriechend ass och all Artikel ugepasst ginn. An dat war extreem wichteg.

Well fir an engem Gemengerot eppes kënnen ofzestëmmen, wann da virdru schonn zwou Sécherheetskommissioune waren, dann ass dat méi wichteg an och ganz zäitintensiv. Dofir ass et immens gutt gewiescht, dass déi zwou Kommissioune waren, an da konnt Artikel fir Artikel duerchgepléckt ginn an och deementspriechend all Meenung erageholl ginn. An do sinn och verschidde Leit, déi zu engem Thema eppes gesot hunn, wou s de gesot hues: „Effektiv, Du hues Recht". An deementspriechend ass dat och am Artikel mat erageholl ginn. All Iddi war gutt, an dofir war et extreem wichteg, dass déi zwou Sécherheetskommissioune waren, fir kënnen haut iwwer dat Reglement ofzestëmmen. Dofir war dat ganz begréissenswäert an dat war absolut tipptopp esou.

Dann, wat d'Kompetenze vun eisen Agent municipauxen ubelaangt. Ech mengen Dir hutt et och gesot, déi ginn a Formatiounen. Si musse léieren, mat deenen neie Reglementer ëmzegoen. Dat ass eng Saach, déi ganz wichteg ass. Et ass natierlech ëmmer sou e Balanceakt, well si jo net selwer – an dat hate mer jo scho gesot – zum Beispill wann en Hond seng Exkrementer mécht an de Proprietär hieft et net op, dann ass et ëmmer sou e bësse schwiereg fir den Agent municipal fir dann ze soen: „Ma da kriss de en Avertissement taxé." De Problem ass, hie kann dat soen, de Problem ass just, hie ka keng Carte d'identité froe vun deemjéinegen. Den Hond weist se souwisou net. An dann op där anerer Säit ass dann dee Männchen oder déi Madame, déi dann d'Carte d'identité net wëll weisen, ass dann den Agent municipal praktesch drop ugewisen, d'Police ze ruffen. De Problem ass just, wann déi Persoun dann hirer Wee geet, dann ass deen anere praktesch forcéiert, deem hannendrun ze goe fir ze soen, wou ass en nach. An dat ass ëmmer sou e Grad, wou een da seet, wou geet dat hin?

Op där anerer Säit geet et jo net nëmmen drëm, fir hei Avertissementer auszeschwätzen, mee et geet och virun allem drëm, dass d'Leit sech bewosst sinn, dass och deen Agent municipal e bësse méi Kompetenzen huet an dass dann doduerch och d'Leit sollen e bëssen ofgeschreckt ginn, wa se een do gesinn, respektiv e bësse méi Respekt sollen hunn am allgemengen. Well et geet jo net drëm, fir nëmmen do déi Pretekollen auszeschreiwen, mee et geet virun allem drëm, fir effektiv de Leit ze weisen, hei ass eng Presenz a pass e bëssen op wat s de méchs. An dat ass jo dat wat mer wëllen erreechen. Wann et heiansdo zu engem Avertissement kënnt, dat ass selbstverständlech. Mee de gréissten Deel muss awer sinn, dass virun allem d'Ofschreckung gëllt. An dat ass dat, wat soll erreecht ginn.

Dann hutt Der et richteg ugeschwat mat den Terrassen. Ech menge wa wonnerbar Wieder ass an et ass effektiv en Deel gespaart vum Shared Space, da soll et och sou sinn, dass d'Terrasse kënnen hire Perimeter e bësse méi grouss maachen. Da sinn déijéineg, déi dann d'Restauranten oder d'Caféë bedreiwen, och sécher immens Preneur fir dat ze maachen. Well et ass net sou oft gutt Wieder hei, a wann et dann ass, da solle se och kënnen dovu profitéieren. An ech mengen da sinn och déi Leit frou, déi op deene Plaze kënne sëtzen, fir an enger roueger Zon ze sëtzen.

Ech hat nach e leschte Punkt, deen net direkt an d'Police-Reglement kënnt. Ech hat dem Claudia an och dem Serge et scho gesot. Wa mer scho vun engem Police-Reglement schwätzen, dat ass an der Industriezon Wolser, si Samschdes a Sonndes an och d'Feierdeeg do Motorrieder, déi sech do austoben. Do si Leit, déi komme mat engem Unhänger, déi loossen do d'Motorrieder erof, si sinn net immatrikuléiert, näischt. A si loossen dann déi Awunner, déi do ronderëm an der Géigend wunnen, déi ginn terroriséiert praktesch vum ganze Kaméidi. Dat samschdes, sonndes an och d'Feierdeeg. Dat heescht, déi hunn am Fong eng rise Flemm do, well se andauernd déi Motorrieder do héieren an do hat ech de Serge elo grad gefrot, respektiv och d'Gemeng. De Serge sot, mir sinn net ëmmer do kompetent, respektiv ass et de Staat. Mee vläicht kann ee sou e Wénk un d'Police eng Kéier maachen, vun der Gemeng aus, fir ze soen: Maacht e bësse Kontrollen. Fir déi Leit, wann déi hir Feierdeeg oder hir Sonndeger oder Samschdeger permanent deem Kaméidi ausgesat sinn, dat ass keng Freed. Ech fuere selwer e bësse Moto, mee ech hale mech un d'Limitten. Mee bei deenen do, ech mengen do sinn der e puer, déi iwwerdreiwen. Si hu souguer Filmer gedréit, wou déi op engem Rad fueren an dat ass eng eenzeg Katastroph fir déi Leit, déi do ronderëm wunnen. Dat ass dat, wat ech wollt soen. Merci nach eng Kéier, dass déi Kommissioune waren. Ech mengen do war am Virfeld ganz vill ofgekläert an deemno ass et och kee Problem, fir dat do matzestëmmen Merci.

THESSY ERPELDING (DÉI LENK): Merci fir d'Wuert. Als éischt wëll ech soen, dass et Zäit war, dëst Reglement op de Leescht ze huelen an ze komplettéieren, respektiv nei ze schreiwen. Villes ass méi detailléiert erkläert a méi kloer. Och d'Befugnisser vum Buergermeeschter sinn ugepasst ginn an den Här Buergermeeschter ass jo och op alles am Detail agaangen. Allerdéngs muss ech soen, dass et schwiereg war a vill Zäit an Usproch geholl huet, fir dat ze preparéieren. Fir dat aalt Reglement mat deem neien ze vergläichen. Zemools well d'Kapitelen nei opgedeelt gi sinn, wat awer sënnvoll ass a wat elo wierklech méi kloer ass. Mee bon, et ass een hin an hir siche gaangen an dat huet wierklech vill Zäit an Usproch geholl fir d'Ännerungen erauszefannen. Et hätt d'Aarbecht erliichtert, wa mer en Dokument gehat hätte mat den Ännerungen dran. Dann e klenge B-Mol zu der Virgoensweis. Et ass ugeschwat ginn, et ass ze begréissen, dass dat neit Reglement an der Sécherheetskommissioun um Ordre du jour stoung an och do virgestallt an diskutéiert ginn ass. Bon, leider konnten Déi Lenk an der éischter Sitzung net vertruede si, d'Vertriederin war kuerzfristeg verhënnert. Mee vun der zweeter Kommissiounssitzung ass mer bericht ginn, dass et wierklech schwiereg war fir d'Kommissiounsmemberen, fir d'Ännerungen am neie Reglement kënnen nozevollzéien, vu dass si guer näischt Schrëftleches zur Verfügung haten.

D'Carole Thoma, d'Vertriederin vun Déi Lenk hat dat an der Versammlung och gesot. De Buergermeeschter huet hir Recht ginn an et gouf versprach, dat Dokument géif dann den Dag drop un all Member verschéckt ginn. Leider ass dat net gemaach ginn. An och op eng Nofro per Mail e puer Deeg duerno ass du guer keng Äntwert méi komm. Dat war just zur Virgoensweis. Zum Text sel-

wer ginn ech elo och net op all Ännerung an. Wéi gesot, si sinn diskutéiert ginn. Vläicht just e puer eenzel Punkten. Déi Lenk begréissen natierlech dass den Artikel 29 aus dem ale Reglement suppriméiert ginn ass. Do wou et drëm gaangen ass, dass de Buergermeeschter ka Leit, déi heesche vun der Plaz verweisen. Dëst ass jo, wéi scho gesot ginn, aktuell eng grouss Diskussioun, virun allem an der Stad. A wéi gesot, si mer frou, dass dat net méi an eisem Reglement steet.

Den Här Buergermeeschter ass am Detail dorobber agaangen a mir sinn do ganz d'accord domat. Ech perséinlech begréissen den neien Artikel 45, no deem d'Hënn an der Le'h mussen an der Léngt sinn. Ech hu bis elo ëmmer gemengt, dat wär scho sou, an ech hu verschiddene Leit dat och scho heiansdo gesot. Ech sinn einfach ängschtlech Hënn géintiwwer, an dann hunn ech de Leit och ëmmer gesot: Du muss Däin Hond an der Léngt halen. Ups! Ech war am Onrecht. Ech hoffen dann, dass d'Leit sech drun halen. Et ass elo e bësse schued, wann ech héieren, et ass just an der Enceinte vum Park Le'h, dat heescht d'Enceinte vum Park Le'h ass warscheinlech do wou d'Beem stinn, sou dass mer dorobber d'Le'h limitéieren, wann ech dat richteg verstinn. Et ass e bësse schued, dass déi Weeër ronderëm net dozou zielen, mee bon. An ech wär och frou gewiescht, wann dat och fir de Ginzebierg an d'Haard géing zielen. Wéi gesot, ech hu bis elo gemengt, dat wär esou. An et ass awer net evident. Wou vill Foussgänger sinn an zemools mat klenge Kanner, also wéi meng Kanner kleng waren an et koum en Hond, dee sou grouss war wéi d'Kanner, eleng ëm d'Kéier gelaf, ech hunn dat net appreciéiert. An och d'Véloen. Bon, jidderee muss op deen anere Récksiicht huelen.

Am Artikel 47 steet, dass d'Hënn net dierfen an d'Magasins de produits alimentaires eragoen. Ech hunn do just eng Fro, ob dat just d'Butteker sinn oder ob dozou och Restaurante mat zielen? Ech hu bis elo e Restaurant net als Magasin bezeechent, mee ech wollt einfach nëmmen nofroen. An da froen ech mech, ob een do an deem Artikel net misst dobäi schreiwen, dass eng Ausnam géing gëlle fir Assistenzhënn. Well souwäit ech weess, mussen déi iwwerall kënne matgoen. Dëst wär e klengen Ajout just. Soss hunn ech keng prezis Froen, an d'Reglement ass zimmlech komplett an detailléiert, a mir stëmmen dat natierlech mat. Merci.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert a Merci och alle Bedeelegten, déi beim Opsetze vun dësem neie Police-Reglement geschafft hunn. Dat ass bestëmmt vill Aarbecht gewiescht. Et ware jo och zwou Sécherheetskommissiounen. Also ech selwer si lo net an där Sécherheets-kommissioun, mee dat ass jo do diskutéiert ginn, dat ass jo dann och fir eis an der Rei, mir wäerten dat och matstëmmen. Och déi Upassungen un d'national Gesetzgeebung, déi si jo néideg. An de Schäfferot huet jo och proposéiert, déi 17 Sanktiounen, déi de Staat virgesäit, an d'Police-Reglement opzehuelen. Do hätt ech eng Fro. Do sti Saachen dran, Infraktiounen, déi éischter owes geschéien. D'Agents municipaux, schaffen déi och owes? Oder de Bannhidder?

An dann hunn ech nach eng Fro mat der Hondsléngt. Do sinn ech awer och erstaunt. Also ech war och iwwerzeegt, dass op der Haard missten d'Hënn an der Léngt sinn. Dat steet dach och op de Schëlter sou. An dann hat ech mer nach opgeschriwwen, dat ass elo net hei am Police-Reglement, mee mir kréie ganz vill Kloe vun de Leit iwwert d'Zigarettestëmp, well dat och en Ëmweltproblem ass. An dat ass jo am Fong just d'Police, déi do zoustänneg ass. Ech mengen dat klappt awer net sou. Well d'Leit genéiere sech fir d'Police ze ruffen, wann ee seng Zigarett op de Buedem geheit. D'Police kënnt jo dann och net direkt. Mir fannen et e bësse schued. Dat misst dann och vläicht national gereegelt ginn, fir dass dat och nach bei déi aner 17 dobäikéim, als 18. da vläicht. Dat mat den Zigarettestëmp, dat ass jo Police, dat ass jo net den Agent municipal, deen dat ka sanktionéieren. Dat ass e bësse schued. Dat misst jo dann national gereegelt ginn, fir dass och de Bannhidder oder den Agent municipal dat kéint sanktionéieren. Also mir stëmmen dat mat. Merci.

CLAUDE MARTINI (CSV): Et ass keng Stellungnam, et ass just e klengen Hiweis, deen ech lech wëll ginn. Merci fir Deng gutt Aarbecht déi's De gemeet hues, virun allem mat den Terrassen. Dat ass sécher keng einfach Aarbecht. Ech sinn ëmmer frou wann d'Terrasse grouss sinn, well dann hunn och ech Plaz, fir mech drop ze setze fir eppes drénken oder iessen ze goen. Et ass just eng Plaz, déi mer ëmmer erëm opfält, wou et wierklech ganz kriddeleg ass an ech dës Woch nees drop ugeschwat gouf. Beim leschte Gemengerot hate mer eng Kéier ënner véier Aen oder sechs Aen hei geschwat, dat ass bei der Kräizung beim Kierfecht, dat ass Äre Slide 39, wou déi Terrass gemeet ass vu 35 m². Dir hutt do en Ofstand zur Strooss bis bei d'Terrass geholl, ech weess de Meter genau lo net méi, Dir hutt de Minimum geholl, dee muss agehale ginn. Dee gëtt awer menger Meenung no net richteg agehalen. D'Leit hunn do e gréngen Teppech op den Trottoir geluecht mat enger klenger Barrière nach ronderëm, wou et wierklech aluedend ass fir driwwer ze falen. Du kënns net richteg mat de Kutsche laanscht, et komme keng zwee Leit laanschteneen. An dat ass wierklech eng ganz geféierlech Plaz. Wann et elo op enger anerer Plaz wier, do ass et mer egal, ob d'Leit elo e Meter méi Terrass hunn oder net, do géif ech net driwwer klape kommen. Mee dat do ass eng geféierlech Plaz, do fueren d'Autoe schnell laanscht, et ass vill Trafic do. De Bus bleift en plus do stoen, an déi 35 m² si menger Meenung no, net fir lo géint de Restaurant ze schwätzen, mee déi sinn einfach ze vill a mir mussen dat do aneschters reegelen, soss geschitt do eng Kéier eng. Lo hunn ech et eng Kéier ëffentlech gesot an da musst der lo kucken, wéi mer dat hei gemeet kréien.

WALTER BERETTINI (LSAP): Merci fir d'Wuert. Léiwe Schäfferot, léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot, d'Sécherheet am ëffentleche Secteur ass ëmmer erëm en Thema, dee mir als LSAP mat equilibréiertem Mooss uginn an dat wäert an Zukunft sou bleiwen. A genau an dësem Kontext schreift sech dëse weidere Schratt, dee mir haut hei traitéieren an.
Als President vun der Sécherheetskommissioun, an et gouf och scho gesot, hate mir mat de Membere vun der Kommissioun bannent engem Mount zwou Reunioune gehat, wou mer iwwert dëse Sujet „Mise à jour du règlement de police" an eeben „Sanctions adminis-

tratives" déi mat do dru gebonne sinn am Detail scho mol eng éischte Kéier presentéiert an diskutéiert hunn. Haut krute mer nach eemol en intensiven Iwwerbléck iwwert d'Mise à jour an och d'Sanctions administratives, déi en Deel vum neie Reglement sinn. Folgendes sief gesot: Nodeems an der Reunioun vum 17. Abrëll déi 17 Sanctions administratives laang a breet detailléiert an och nawell interessant Froen dozou gestallt goufen, wéi awer och verschidde Persoune beäntwert goufen, hu mir dann och de Membere matgedeelt, dass wann dës Sanktiounen haut positiv vum Gemengerot gestëmmt ginn an ons Agents municipaux, wéi Bannhidder an awer och Police an Zukunft déi 17 administrativ Sanktioune wäerten dierfen applizéieren.

Wat bedeit dat? Ma ons Agents municipaux wéi awer och d'Bannhidder an d'Police kënnen am Fall wou e Matbierger op frëscher Tat bei enger vun deene 17 Moossnamen, déi net agehale ginn, ertappt gëtt, eng Amende administrative aushännegen an der Héicht vu 25 Euro, déi awer bis 250 Euro goe kann. Et geet jo finalement hei drëms, géint Incivilitéite virzegoen, déi am Alldag als stéierend empfonnt ginn. Wat sécher net falsch ass. Et ass awer och wuel kloer, dass et hei net un éischter Stell drëm geet, de Matbierger Geld aus der Täsch ze knäppen, an och guer net, dass mir als Gemeng eis finanziell Situatioun wéilten domadder opbesseren. Loin de là. Mir sinn iwwerzeegt, dass ons Agents municipaux wéi och Bannhidder an d'Police mat vill Fangerspëtzegefill net direkt wäerte bei der éischter Dot sanktionéieren, mee éischter d'Leit drop uweisen, also sensibiliséieren. Wat och den absolut richtege Wee ass.

De Gedanken ass, dass d'Leit eeben duerch dës Aart vu Sensibiliséierung wëssen, voire matgedeelt kréien, dass bei enger Widderhuelungsdot, de Matbierger mat engem Avertissement taxé misst rechnen. Et ass och kloer, dass ons Agents municipaux a Bannhidder, dës Aufgab an Zukunft kënnen ausüben, wéi och scho vum Här Buergermeeschter erwäänt gouf. Si un enger Formatioun, déi um INAP gehale gëtt matmaache mussen oder eebe scho gemeet hunn. Dës Sanktioune sinn natierlech feste Bestanddeel vun der Mise à jour vum Police-Reglement, welche fir d'lescht den 10. Juli 2010 erstallt gouf an eeben elo de 26. Mee 2023 um Ordre du jour steet a komplett iwwerschafft gouf. Dëst war dann och beim 2. Treffe vun der Sécherheetskommissioun de 5.5. op der Dagesuerdnung um Programm. Dat ganzt Reglement gouf grad wéi haut op de Leescht geholl. An dat gouf och ëffentlech betount. Wann ech soen „op de Leescht", da kann ech lech soen, dass ech mat verschidde Persounen déi eng oder aner Stënnche mat hinne verbruecht hu fir d'Iwwerschaffe vun dësem Reglement. Ech kann lech awer och soen, dass déi selwecht Leit an nach e puer aner, stonneweis investéiert hu fir de Reglement sou ze gestalten, wéi en eeben elo ass.
Ech ka mir gutt virstellen, dass baséierend op nëmmen dat, wat ech gesinn hunn a matgemaach hunn et eng mega detailléiert Aarbecht war.

Vun Entferne vun Artikelen, well se entweeder an anere Gesetzer respektiv anere Reglementer virkommen, iwwer Ofkierzen oder Prezisiounen, zu eenzelen Artikelen bäifüge bis hin zu erëm à jour setze vun der Reiefolleg vun den Artikelen, eng Wansinnsaarbecht. Ech hunn e Beispill aus dem Police-Reglement vum 16. Juli geholl an zwar den Artikel 29 iwwert d'Mendicité, dee supprimméiert gëtt. Ech erspueren lech den Text, deen am Reglement steet. Mee ech ginn lech e puer Detailer iwwert den Artikel, fir éischtens lech kuerz ze weisen, wéi vill Aarbecht dohanner stécht an och d'Erklärung, wisou dësen Artikel net mee Deel ass vun eisem Police-Reglement. Éischtens sollt mol gewosst sinn, dass d'Mendicité simple säit 2008 net méi strofbar ass. Par contre, d'Mendicité en réunion, sou wéi de Code pénal et virgesäit, ass strofbar. Mee, fir dass et strofbar ass, muss et nogewise ginn, an dat ka sécherlech net d'Gemeng, respektiv der Buergermeeschter  oder de Schäfferot oder de Gemengerot sinn. Mee dës Aufgab opläit der Police an da gegeebenefalls der Justiz. D'Mendicité en réunion, dat heescht éischter, eng Mendicité déi organiséiert ass oder wou e Reseau ciminel hannendrun ass, respektiv och eng Traite des êtres humains ass, wou dann d'Leit ausgebeut ginn. Wou dann och e penaalt Verfare kann ageleet ginn, wann et dann noweisbar ass. Ech géif dann awer nach gäre bäifügen, den Här Buergermeeschter hat et och gesot, dass mir als LSAP net hei de Mënsch virun der Aarmut wëlle bekämpfen an och net kriminaliséieren. Wéi Der also unhand vun dësem eenzele Beispill feststelle kënnt, ass effektiv en insgesamten, generellen Toilettage gemaach ginn, deen och absolut noutwenneg war.

E grousse Merci un all déi, déi sech ëm dësen Dossier de fond en comble gekëmmert hunn. Virun allem e spezielle Merci dem Serge Binz an dem Patrick Bausch fir de redaktionellen Deel. Wichteg ass och nach ze soen, dass, wann dëst Règlement de police haut eng Zoustëmmung kritt an och duerch déi nächst Intanzeweeër d'Zoustëmmung kritt, dass d'Diddelenger Matbierger natierlech dëse Reglement zougestallt kréien, sou dass jiddereen doriwwer informéiert ass. Ech wollt awer nach kuerz agoen op eng Ausso vum Här Friedrich, bezunn op d'Vergréissere vun den Terrassen, dass am Summer kann déi méi breet gestallt gi wéi normal, dat ass warscheinlech nëmme machbar, wann eng Foussgängerzon ass. Soss géif et warscheinlech net goen. Kuerz am Rande bemerkt. Als LSAP-Fraktioun jiddefalls sti mir hannert dësem neie komplett iwwerschaffte Police-Reglement a stëmmen deem zou.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo Merci nach eng Kéier fir d'Wuert. Et ass elo e puer Mol geschwat ginn iwwert den Artikel vun der Mendicitéit, wat eng ganz wichteg Thematik ass. D'Mendicitéit ass e Recht, Dir hutt et gesot. A mir fannen eis ganz gutt erëm an deem Artikel 3. Dat ass och denken ech en Artikel, dat ass och dat, wat d'Leit rassuréiert. Well do steet eendeiteg dran: „Les distributeurs de tracts et les mendiants ne peuvent interpeller, accoster ou suivre les passants, ni entraver la libre circulation sur la voie publique." Ech denken, domadder ass alles gesot. Do ass alles dran. Dat ass dat wat d'Leit besuergt, wann et ëm d'Mendicitéit geet. Net ëm d'Mendicité simple, dat ass selbstverständlech e Recht.

Mee et ass virun allem d'Interpellatioun a wann s de och d'Leit belästegs, den Harcèlement. Dat ass jo hei och am Artikel 3 net erlaabt, an dat ass och dat, wat ganz wichteg ass. Mir sinn absolut averstane mam Här

Buergermeeschter senger Prise de position zur Mendicitéit, zur Aarmutsbekämpfung. Et ass wéi Dir sot, et si vill Leit, déi un de Rand vun der Gesellschaft gedréckt ginn aus iergendwellechen Ursaachen. An och hei zu Diddeleng, mir hunn dat och ëmmer ënnerstrach, mir maachen eng ganz gutt, eng staark Sozialpolitik an och dat ënnerschreiwe mer voll a ganz. A wat jo och wichteg ass, den Här Berettini huet et och nach eng Kéier gesot, Mendicité en réunion, dat ënnersteet dem penale Strofrecht, an dat ass d'Aufgab vun der Police, dat ze kontrolléieren.

An och do ass et wichteg, dass an Zukunft e weidere Schrëtt gemaach gëtt. Mir fannen et einfach och wichteg, dass d'Leit sech sécher kënnen duerch Diddeleng beweegen, Dag an Nuecht. D'Policepresenz ass dofir och ganz wichteg, a mir fannen och dass d'Police muss respektéiert ginn, hire Contingent muss opgestallt ginn. Mir mussen déi administrativ Tâchë vun eise Police-Leit vläicht op aner administrativ Mataarbechter outsourcen. An dann huet d'Police och erëm genuch Zäit a genuch Leit, fir Presenz um Terrain ze weisen. Mir brauchen dofir keng nei Police. Ech soen dat elo als CSV Diddeleng. Wa mir eis Police stäerken, da klappt dat schonn och esou an dann hu se och Zäit a Leit fir ze patrulléieren an da kënne si och hirer Aarbecht nogoen. An dat muss och emol hei sou gesot ginn. Merci.

FRANÇOISE KEMP (CSV): Merci. Ech hu just eng kleng Fro. Misst bei Artikel 44 d'Réserve naturelle Haard net bäigesat ginn? Well laut engem Artikel, dee publizéiert ginn ass op „On dirait le sud“ den 25. August 2021 steet, dass vu Mäerz bis September, wärend der Période de nidification vun de Villercher (Nicheurs au sol) an sou wéi de Moment, wou d'Schof do ronderëm lafen, d'Hënn missten an der Léngt gehale ginn. Muss dat do net bäigesat gi fir koherent ze sinn? Merci.

SERGE BINZ (BANNHIDDER): Merci fir d'Wuert. Et war geschwat gi vun enger Terrass 35, Route de Kayl. Dat ass eng Nationalstrooss. Dat heescht, mir sinn un d'Virgabe gehalen, déi Ponts & Chaussées eis virgëtt. Dat heescht, dee Cafetier muss och eng Permission de voirie hunn. An ënner anerem ass dodra festgehalen, dass e libre Passage vun der Strooss aus, vun 1,5 m festgehalen ass. Un dee musse mir eis reliéieren.

Eng zweet Saach, déi ugeschwat war, dat war, dass op der Haard d'Hënn missten an der Léngt gehale ginn, well et op de Panneaue steet. Dat ass an sech an där Form net richteg, well et steet net um Panneau „Tenir les chiens en laisse“. Et steet just drop „La divagation des chiens est interdite“. Eng Divagation, dat ass, si dierfen net dorëmmer Wëld opstöberen oder dass se joen. Dat ass eng Divagation. Dat ass net, dass se mussen an der Léngt gehale ginn. En Hond, deen déi Eegenschaft net huet, muss net an der Léngt gehale ginn.

FRANÇOISE KEMP (CSV): Entschëllegt, mee hei am Artikel wou ech virleien hu vun „On dirait le sud“, do steet wierklech „maintenir vos chiens en laisse de mars à septembre“.

SERGE BINZ (BANNHIDDER): Dat ass u sech eng Aktioun, déi vun der ANF gemeet gëtt. Dat ass national. D'Haard, dat ass e Règlement grand-ducal wou d'Gestioun fixéiert ass. An dat sinn Aktiounen, wou dann eeben d'ANF virgëtt, wärend där Period wou d'Feldlerche oder wou déi britt oder wou d'Orchideeën eraus sinn oder d'Schof do uewe sinn, dass d'Hënn sollen un der Léngt gehale ginn. Mee dat ass lo net, dass dat am Règlement grand-ducal vun der Haard festgehalen ass, sou dass mir dat och net mussen an eist Gemengereglement huelen, well d'Gemeng do u sech näischt dran ze soen huet.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci och fir déi doten Erklärungen. Ech géif nach op e puer Punkten agoen. Engersäits wéilt ech mol begréissen, dass all déi Parteien, déi hei vertruede si mat der Ausriichtung vum neie Polizeireglement averstane sinn. Ech wéilt insgesamt soen, dass awer am Verglach landeswäit Diddeleng awer eng ganz sécher Stad ass. A mat deem neie Polizeireglement gi mer eis hei eng Rei Dispositiounen, fir dass dat och weider sou ka bleiwen. Ech hat jo virdrun d'Prozedur erkläert, dass dat heiten nach muss an den Interieur geschéckt ginn. Mer ginn dovun aus, dass den Interieur et hoffentlech approuvéiert. Dofir hu mer jo och déi Viraarbecht gemeet fir dee ganzen Toilettage a fir déi ganz Refonte. A wann en dann zréckkënnt an och d'Applikatioun ass, dann ass et jo souwisou och d'Ausriichtung, dass mer eis Biergerinnen a Bierger iwwert dat neit Polizeireglement och informéiere wäerten op eng adequat Aart a Weis an dass sécherlech och eis Agent municipauxen, quitt dass si am Gaang sinn, hir Formatioun ze maachen, dass mer an enger éischter Phas emol, d'Biergerinnen an d'Bierger, wann et bis d'Applikatioun ass d'Polizeireglement, och sensibliséieren an informéieren an net direkt schonn hardi drasprangen. Dat ass och e bëssen déi pedagogesch Approche, déi och hei wichteg ass, grad wann een nei Dispositiounen huet.

Dat war e bëssen och wat den Här Friedrich gesot huet. Bon natierlech, an d'Gesetz setzt do och de Kader, a mir wëssen dass dat eeben déi Situatioun ass. Den Agent municipal, respektiv de Bannhidder, dee kann natierlech d'Carte d'Identité froen. De Bierger kann awer refuséieren, d'Carte d'Identité ze weisen, an da muss een d'Police ruffen. Et ass natierlech eppes aneschters bei der Police. Wann d'Police engem d'Carte d'Identité freet, da muss ee se weisen, well d'Police ass de verlängerten Aarm vun der Staatsgewalt an däerf dat effektiv och maachen, huet och déi Attributioun. Dat ass d'Gesetz, dat eis dee Kader och gëtt. Mat där Remark, déi Der gemeet hutt an de Zone industriellen, dat ass och un eis erugedroe gi vun enger Rei Firmen. An ech mengen dass mer dat engersäits wäerten un de Wirtschaftsministère an och deem, dee responsabel ass vun der Gestioun an deenen Zonen, respektiv och un d'Police, dass se dat dann am A behalen, well et schéngt jo neierdéngs e Sport ze sinn, net nëmmen an deem dote Raum, mee och op aner Plazen, e bësse méi schnell wëllen ze fueren a seng Ronne kënnen ze maachen an dat dann och ze filmen an dann och op d'sozial Reseauen ze setzen.

Par rapport zu den Ausféierunge vun der Madame Erpelding, also wéi gesot, de Chiens d'assistance. Duerch d'Gesetz kënnen déi an de Restaurant an och an de

Buttek goen, wann natierlech de Proprietär vum Buttek oder vum Restaurant en Hond zouléisst, well et ass jo och an deem sengem Ermiessen, dat och kënnen ze maachen. Do schwätze mir als Gemeng an deem Sënn net dran. Par rapport zu der Remark, déi Dir gemeet hutt, par rapport zu där zweeter Reunioun. Effektiv war et net evident. Dofir hu mir dee pedagogeschen Exercice jo och gemeet, duerch déi verschidden Artikelen ze goen. An et ass mir awer confirméiert ginn dass den 12. Mee un d'Kommissiounsmemberen dat Dokument, dat mir do duerchgaange sinn, verschéckt gouf.

Souguer den Här Friedrich huet mer et confirméiert, den Här Berettini an och den Här Bausch. Am Fong ass dat verschéckt ginn, sou dass mer dat gemeet hunn, wat mer och an der Reunioun gesot gouf. Wat effektiv net evident ass. Dofir hu mer eis och déi néideg Zäit gelooss, fir duerch dat Reglement ze goen, ze analyséieren, wou och jidderee seng Froe konnt stellen, wa Saachen net kloer waren. Mee op alle Fall den 12. Mee ass dat och verschéckt ginn.

Par rapport zu de Remarke vun der Madame Heinen, wat owes betréfft. Et ass jo sou, dass d'Sanctions administratives kënne vun den Agents municipaux geahndet ginn, vum Bannhidder, wéi jo och vun der Police. Dat heescht, wann ee Situatioune mierkt, kann een natierlech och ëmmer erëm d'Police sollicitéieren. Dat wat Dir och gesot hutt par rapport zu den Zigaretten oder Mégots. Normalerweis fält dat ënnert Littering. Et ass am Fong sou, dass an deem Gesetz iwwert d'Sanctions administratives Dispositioune geännert goufen iwwert d'Gesetz vun den Déchets, wou elo och d'Agents municipaux d'Méiglechkeet hunn, deem kënnen nozegoen.
Dat ass lo keng Sanction administrative en tant que telle wéi hei, mee do ass am Fong am Gesetz iwwert d'Sanctions administratives d'Gesetz iwwert d'Déchets geännert ginn, wou dann och d'Agent municipauxen Attributioune kritt hunn. An dat reegelt dann och de Kader iwwert d'Gesetz, fir dat da kënnen ze maachen.
Ech mengen ech hätt probéiert, op alleguerten déi Froen anzegoen.

CLAUDE MARTINI (CSV): Also d'Quadratmeter vun den Terrassen, déi bestëmmt dann den Här Binz an de Schäfferot. Ass dat richteg?

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Neen, dofir hu mer jo och deen Exercice gemaach, dofir hunn ech jo och erkläert, mer hunn den Exercice gemeet, fir de Maximum hei ze definéieren. An de Maximum hei vun enger Terrass, deen definéiert ass, hänkt natierlech och vun Dispositiounen of ronderëm d'Sécherheet. Et muss een ëmmer e Passage rechnen. Et hänkt och vum Passage of. Et muss een op alle Fall ëmmer 1 Meter Passage halen, wou ee ka laanscht goen. Dofir ass jo deen Exercice gemeet ginn, fir hei déi maximal Meterkareeszuel festzehalen, déi dann de Gemengerot hei festhält. Dat definéiert dann net méi de Bannhidder, deen et bis elo gemeet huet sur place, respektiv de Buergermeeschter. Dat ass dann duerch déi Annex, duerch de Gemengerot festgehalen. Dat ass en neie Moment. Well d'Sanctions administratives dat jo och sou virgesinn, dass de Gemengerot de Perimeter soll festhalen.

CLAUDE MARTINI (CSV): Wann een awer elo gesäit, dass déi 35 m² awer ze vill sinn, dass dat d'Sécherheet beanträchtegt, da muss een dat jo awer kënnen änneren? Obwuel den annerhallwe Meter bis bei d'Strooss jo agehale gëtt. Et geet mir just ëm d'Sécherheet vun de Leit, dass do keen iwwerrannt gëtt. Dat ass alles, wat ech wëll. Wa mir gesinn dass déi 35 m² déi mer do autoriséieren, dass déi ze vill sinn, da misst een dat awer eng Kéier nokucken. En plus gëtt jo jiddwereen eis Recht. Et ass lo keen dee seet, dat wär net wouer, dat wär iwwerdriwwen. Et stëmmt effektiv, dass do Sécherheetsproblemer sinn. A wéi mécht een dat da lo? Well mir missten dat jo lo hei stëmmen. Wann ech elo hei mat stëmmen, da sinn ech jo averstanen, dass ech do déi 35 m² Terrass hunn. Dat do war lo just deen eenzege klenge Punkt, deen ech net sou toll hei fannen. Ech fannen dat e bësse kriddeleg.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Ass dat de Fall, dass déi 35 m² sou zur Onsécherheet bäidroen? De Serge huet sech déi Aarbecht gemeet, da sollen och d'Experten sech dozou äusseren.

SERGE BINZ (BANNHIDDER): Also wéi gesot, déi 35 m², dat ass dat wat erauskomm ass op Basis vun der Permission de voirie vun der Ponts & Chaussées. Si ginn annerhallwe Meter vir, a vu que dass et eng national Strooss ass, do hu si hir Krittären. An déi ware jo op der Plaz, déi hunn dat jo gekuckt. A mir kënne lo net soen, mir maache lo 2 Meter oder 3 Meter, wann de Staat virgëtt op senger Nationalstrooss annerhallwe Meter.

CLAUDE MARTINI (CSV): Et ass d'Kräizung uewe beim Kierfecht.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Ech menge wa mer hei de Virgaben nogi vun der Ponts & Chaussées am Kader vun der Permission de voirie, dann hu mer jo e klore Kader, an deem mer eis beweegen.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Et ass souwisou eng geféierlech Plaz, well op där Kräizung hu jo schonn zweemol Leit et fäerdegbruecht, eng Verkéiersluucht ëmzerennen. Vun dohier ass déi Terrass souwisou geféierlech. Dat wëssen d'Leit dann och, wa se sech dohi setzen.

CLAUDE MARTINI (CSV): Et geet ëm déi Leit, déi laanschtginn. Well d'Terrass a scho geféierlech. Wann ech mech dohinner setze wëll, da ginn ech mech dohinner setzen. Mee et ass einfach, du kënns net gutt laanscht an et ass geféierlech. An ech perséinlech hätt manner Quadratmeter fir déi Terrass do autoriséiert.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Ech mengen hei musse mer Abstraktioun maache vun eise perséinleche Consideratiounen. Mir hunn hei eng Permission de voirie vu Ponts & Chaussées an där si e bëssen e Kader gëtt. A mat där néideger Ratio si mir un déi Refonte vun deem Polizeireglement erugaangen.

Mir applizéieren elo dat doten, wann dat hei gestëmmt gëtt. An da musse mer souwisou och déi Terrassen, sou wéi se hei agezeechent goufen am A behalen. An de Gemengerot kann zu all Moment nach eng Kéier er-



ëmkommen an Adaptatioune maache wann en dat fir néideg fënnt. Déi Fakultéit huet e jo.

CLAUDE MARTINI (CSV): Da kucke mer dat dann nom 30. Juni. Merci awer fir Ären Intérêt vu menger Doleance hei.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Da si mer fäerdeg mat der Diskussioun. Da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass mat deem neie Polizeireglement averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci fir déi sachlech Diskussioun.

## 4. APPROBATIOUN VUN DER PROVISORESCHER SCHOUL-ORGANISATIOUN 2023/2024 FIR DEN ENSEIGNEMENT MUSICAL

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Da gi mer op den nächste Punkt um Ordre du jour. Dat ass den Enseignement musical. Ech begréissen do de Bob Morhard an ech soen awer och dem Serge Binz Merci fir seng Presenz a seng Erklärungen. An ech ginn d'Wuert direkt hei weider un d'Claudia.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Jo Merci villmools. Mam neie Gesetz iwwert den Enseignement musical, dat wësst Dir, dat säit dem 1. September 2022 a Kraaft ass, huet och d'Denominatioun vun eisen Deliberatioune liicht geännert. Soss hu mer hei ëmmer vun der provisorescher an duerno vun der definitiver Schoulorganisatioun geschwat. Lo heeschen déi einfach 1ère Délibération an 2ième Délibération. Vu datt d'Aschreiwunge fir dat nächst Joer awer réischt viru kuerzem ugefaangen hunn, baséieren d'Chifferen, déi ech Iech elo wäert presentéieren op den Zuele vun dësem Schouljoer, also vun 2022/2023. Dat gouf och sou sech vum Ministère gewënscht, well et am Fong an der 1. Deliberatioun drëm geet, eng Gesamtminuttenzuel ze definéieren, also ergo dass de Ministère ka rausfannen, wéi vill Budget se mussen um nationalen Niveau fir d'Subventioune vum Enseignement musical am Land fir d'nächst Joer virgesinn.

An och wann et net méi offiziell provisoresch Schoulorganisatioun heescht, ass se awer ëmmer nach nämme provisoresch. Fir d'Schouljoer 2023/2024 hu mer 15660 Minutten, dat sinn 261 Stonne Gruppecoursë virgesinn. Dat sinn nieft de Coursë vum Eveil musical an der Formation musicale och eis Eveil à la danse an aner Danzcoursen. Do dernieft sinn 38130 Minutten, dat si 635,5 Stonnen, Eenzelcoursë virgesinn. Dat sinn dann awer haaptsächlech Instrumentecoursen. Wat d'Schülerzuel ugeet, wäerte mer 2023/2024 liicht iwwer 1500 Schülerinnen a Schüler kommen. An dat gesot, géif ech Iech bieden, déi éischt Deliberatioun, oder wéi mer fréier gesot hunn , déi provisoresch Schoulorganisatioun, ze stëmmen.Well mir kënne wéi all Joers houfreg drop sinn, sou eng gutt organiséiert a virun allem gutt fonctionéierend Museksschoul ze hunn, déi och vun eise Partnergemengen appreciéiert gëtt.

Mir haten och eng Museksschoulskommissioun d'lescht Woch, wou d'Dokument vum Bob a vum Laurent an all sengen Detailer virgestallt gouf a wou déi respektiv Memberen hei aus der Gemeng an aus den Nopeschgemenge konnten hir Froe stellen. An de Bob ass natierlech och erëm haut hei falls elo nach vum Gemengerot sollte Froe sinn. An domat géif ech schléissen a soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Mir haten an der Museksschoulkommissioun d'Zuele virgestallt kritt, déi dann éischter op Schätzunge baséieren, well et nach fréi am Joer ass an d'Inscriptioune just ugelaf sinn. Vun eiser Säit aus ass näischt ze beanstanden. Am Numm vun Déi Gréng soe mer Merci fir d'Presentatioun vun der Museksschoulorganisatioun a wënschen eis, datt déi exzellent Aarbecht, déi vun alle Bedeelegten an der Museksschoul geleescht gëtt, weider sou gutt leeft a vill Kanner an Adultë sech wäerten aschreiwen. Merci.

ALAIN CLEMENT (LSAP): Merci fir d'Wuert. Dir léif Kolleeginnen a Kolleegen, et ass u sech réischt an der 2. Deliberatioun, oder wéi et virun deem neie Gesetz geheescht huet, der definitiver Schoulorganisatioun, sënnvoll, méi an den Detail ze goen, wat eis Museksschoul an hiert ganzt Fonctionnement ugeet. De Ministère wënscht sech et säit dësem Joer, dass mer déi ze enseignéierend Minutten an eiser Museksschoul fir d'nächst Schouljoer elo op dës Aart a Weis ermëttelen an erareechen, fir dass si deen néidege Budget kënnen ermëttelen. Ob dës nei Reegelung dann zukunftsträchteg ass bleift ofzewaarden. Et ass sécher ëmmer erëm eng Erausfuerderung fir déi zwee Direkteren an hir ganz Administratioun, wa sou Neierunge kommen. A wann een déi da bis beherrscht an dat ganzt Team nees agespillt ass, a mengt, lo hätt een d'Saach nees um Rullen, da kënnt eppes Neits, fir dass et engem sécherlech och net langweileg gëtt.

Ech muss soen, all Kéiers wann déi zwee Direktere eis an der Museksschoulskommissoun Neierunge presentéiert hunn, déi se hu missen ugoen, an dat war oft de Fall, dann hat ech ëmmer den Androck, dass se trotz den Erausfuerderungen, déi dat ëmmer mat sech bruecht huet, alles mat enger gewëssener Portioun Humor geholl hunn. Ech denken dat muss een och, soss kéint een hei an do mol e bësse verzweiwelen. Egal wéi et och ass, mir wënschen Iech op jidde Fall vun der LSAP-Fraktioun aus weider vill Courage a Geléngen an ech soen Iech trotz dass et nach net déi 2. Deliberatioun ass vun eiser Säit aus lo schonns mol en décke Merci fir Äre virbildlechen Asaz.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Merci fir d'Wuert. Merci Bob, Dir an dem Laurent an Ärer ganzer Ekipp an der Museksschoul, sief et Administratioun awer och all Enseignanten, fir déi immens gutt Aarbecht, déi Dir all do dat ganzt Joer leescht. Natierlech e Merci un d'SchülerInnen, déi alles gi fir Musek ze léieren an eis mat flott Optrëtter erfreeën. Ech notéiere mer ëmmer all Evenement vun der Museksschoul, well et ëmmer flott ass, mee bon, leider kann een heiansdo net iwwerall sinn. Ech war awer ënner anerem kierzlech an der Le'h fir den Tremolo an ech hunn dat immens flott fonnt. Et war eng lass, et war lëschteg an d'Kanner wéi och d'Museker ware voll dobäi. Natierlech huet d'Wieder och matgespillt, dir hat iech sécher och gutt geschéckt, wat op sou enger Plaz ganz wichteg ass. Dat huet sou gutt geklappt, zumindest mol vu bausse gekuckt, intern gesäit een et net, mee ech hoffen awer mol. An dat ass wierklech net evident mat sou ville Kanner, virun allem kleng Kanner. Bravo.

Dann awer zur provisorescher Schoulorganisatioun, déi dëst Joer jo nach méi provisoresch ass wéi soss ëmmer. De Grond ass, dass zu deem Moment, wou se opgestallt ginn ass, d'Aschreiwungen nach guer net am Gaange waren. Mir hunn dat erkläert kritt an der Schoulkommissioun. An dat läit eeben drun, dass dëst Joer Verschiddenes méi fréi an de Gemengerot muss komme wéi soss, eebe wéinst de Walen, dat kann een net änneren. D'Administratioun hat awer dowéinst och vill méi Aarbecht, well et zäitlech net méiglech war, d'Applikatioun Edumus vum Ministère mat der Applikatioun Duonet vun der Museksschoul ze synchroniséieren. An all Donnéeë hu missen duebel agefiddert ginn, wéi mer et och erkläert kritt hunn. Dat ass schonn eng Heedenaarbecht. An dann nach zweemol. Bon, et huet eebe misse gemaach ginn. Mer mussen hei iwwert eng Organisatioun ofstëmmen, déi haaptsächlech op den Zuele vun dësem Schouljoer baséieren, an et ass jo kloer, dass do nach ganz Villes wäert änneren, bis déi definitiv Schoulorganisatioun da steet a mat der 2. Deliberatioun dann och gestëmmt gëtt. Wa mer déi Zuelen awer kucken, da kënne mer feststellen, dass mer eis keng Suerge musse maachen ëm D'Museksschoul. Bon, d'Aschreiwunge lafen nach.

Nowuess ass am Éveil musical a bis an d'véiert Joer Solfège op alle Fall do. Wat mech freet ass, dass am Solfège, am Moyen spécialisé, dass deen och gutt besat ass. Hoffe mer mol dass et fir d'nächst Schouljoer nach weider sou wäert sinn. Ech ka mech drun erënneren, wéi mer viru Jore wierklech vill dofir gekämpft hu fir genuch Schüler ze hunn a fir dass et och kann zu Diddeleng an der Museksschoul bleiwen. Dat ass jo lo erreecht. Den Danzdepartement, dee schéngt och ganz grousse Succès ze hunn, wat weist, dass et eng gutt Decisioun war, dat anzeféieren. Ech hu just eng kleng Fro, well ech meng Notte gekuckt hunn a mech net méi kann erënneren. Vläicht hunn ech net alles opgeschriwwen an der Schoulkommissioun zum Schouljoer wat lo am Gaangen ass. Et war jo gefaart ginn dass do d'Abandone kéinten eropgoe wéinst der Gratuitéit, déi agefouert ginn ass.Ass dat sou gewiescht? Hutt Der eventuell schonn Zuelen dozou am Verglach mat de Jore virdrun? Wéi gesot, et ass vläicht an der Kommissioun gesot ginn an ech hat et vergiess ze notéieren. Da feelen nach Enseignanten, wéi am Eveil musical, Hautbois a Kontrabass. Dat leeft. Sinn do vläicht scho Leit fonnt ginn oder sidd Der zouversiichtlech, déi ze fannen? Ech mengen de Rescht ass kloer. Déi Lénk stëmmen dës provisoresch Schoulorganisatioun natierlech mat. Ech freeë mech op d'Journée Porte ouverte, déi geschwënn ass a wou ëmmer immens vill Liewen an der Museksschoul ass an och den Drumming steet dann nach virun der Dier. En alljärlecht groussen Event. Ech wënschen lech vill Courage fir déi ustrengend awer och spannend a flott Wochen, déi lo nach komme bis d'Summervakanz. Merci.

CLAUDE MARTINI (CSV): Ma jo, wann een de ganzen Dag geschafft huet an et geet een heem, dann ass näischt méi relax wéi e flott Lidd ze lauschteren oder op e Concert ze goe fir ofzeschalten. A fir dass dat och gutt méiglech ass, brauch een eng Museksschoul, wou d'Kanner vu Klengem un en Instrument kënne léieren, wou se kënnen eng Passioun entwéckele fir d'Musek. An dat deet der ganzer Gesellschaft gutt. D'Musek ass gutt fir d'Entwécklung vun de Kanner. Mee et ass awer och gutt fir déi Leit, déi keng Musek maache fir ze lauschteren, fir op e Concert ze goen, fir convivial Momenter mateneen ze verbréngen. Hei zu Diddeleng gëtt eng exzellent Museksaarbecht geleescht. Déi exzellent Museksschoul, déi mer hei hunn. Et héiert een ni iergendeng Reklamatioun, et héiert een ëmmer nëmme positiv Feedbacke vun den Elteren, vun de Kanner selwer. An et ass och ëmmer wierklech flott wann d'Kanner an der Museksschoul sinn, an et geet een da mol op Besuch bei een, an da kritt een op der Gei oder um Piano oder op der Trompett doheem mol e Lidd virgespillt, wou se an der Museksschoul geléiert hunn. Dat ass ëmmer e Pleséier. An dat hunn ech an de leschte Joren ëfters erlieft. Just eng kleng Fro nach: Mir haten d'leschte Kéier e bëssen iwwert d'Blosinstrumenter diskutéiert, dass do den Undrang net sou grouss wier. Ass do eppes um Kommen? Wéi sinn d'Aschreiwungen do fir d'nächst Joer? Oder gouf schonn iergendeppes lancéiert, wat do e puer Friichte gedroen huet? Oder musse mer do an Zukunft nach e bëssen dodrunner schaffen, nach e bësse promoten? Op jidde Fall Merci fir Deng gutt Aarbecht Bob a maach weider sou.

BOB MORHARD (MUSEKSSCHOUL): Villmools Merci fir déi léif Wierder. Stand haut ëm 10:16 hu mer 915 Réinscriptioune vu 1400 Schüler. D'Réinscriptioune lafe bis Enn nächster Woch. Wéi gesot, den 10. Juni ass d'Porte ouverte. Et ass a busy Dag fir lech, mee wann Der eng Minutt fannt sidd Der wëllkomm. Ech géif och gär d'Geleeënheet ergräife fir dem ganze Gemengerot fir d'Ënnerstëtzung Merci ze soen, fir d'Vertraue vun deene leschte 6 Joer. Dat bedeit ons immens vill. D'Diddelenger Museksschoul huet Chance, sou kënnen ze schaffen. Dann zu de kuerze Froen. D'Simulatioune baséieren effektiv op den Zuele vun dësem Joer. D'Froe ware wéi et beim Moyen spécialisé ausgesäit fir d'nächst Joer. Also d'Aschreiwunge lafen nach, mee aktuell gesäit et ganz gutt aus, fir dass mer och d'nächst Joer déi zwou Klasse kënne weiderlafe loossen. Mir hu souguer eng Demande, fir nach dat drëtt Joer am Moyen spécialisé lafen ze loossen, do bräichte mer nach 8 Schüler. Do si mer am Gaang, drun ze schaffen. Mee ech mengen, dass mer dat awer hikréien.

Am Danzen ass d'Demande grouss. Haaptsächlech am ënneschte Beräich. Dat hu mer lo viru véier Joer ugefaange mat zwee Joer Pandemie, dat musse mer nach e bëssen opbauen, mee do si mer och gutt ënnerwee.
Fir d'Abandonen ass et nach e bëssen ze fréi, wierklech d'ganzt Schouljoer duerchlafen ze loossen. Dann am September mengen ech wësse mer méi. Am September kënnt och den nächsten Dekont, ob deen de Pascal Poull an ech ganz gespaant waarden. Mer mengen dass mer besser ewechkomme wéi bis elo. Wat déi nei Plazen ubelaangt, do kann dat dauere bis d'nächst Woch. Mir hunn awer schonn eng Rei Demandë rakrut. An dat gesäit am Ament gutt aus, dass mer do och den normale Wee ginn. An dann, wat d'Blosinstrumenter ubelaangt, hu mer dëst Joer eng Nouveautéit. Mir hu souwuel Schoulvirstellunge gemaach, sief et hei OpderSchmelz, wou mer Schoulkanner haten, déi just Blosinstrumenter virgestallt kruten. Mir waren och zu Beetebuerg, zu Réiser an zu Weiler. A mir hunn d'Modalités d'inscription e bësse geännert, sou dass mer den Alter fir d'Sträichinstrumenter ëm 1 Joer gehéicht hunn, sou dass een am Prinzip elo Sträichinstrumenter a Blosinstrumenter mat 6 Joer kann ufänken, fir dass dat net méi a Konkurrenz steet. An ech validéieren all eenzele Schüler dee sech aschreift an ech hunn d'Gefill, dass et besser geet. Dat als Resumé dozou. Villmools Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER):
Merci och dem Bob Morhard fir déi doten Erklärungen. Da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass hei mat der Schoulorganisatioun vun der Museksschoul averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci an och dem Bob Merci fir seng Presenz.



## 5. APPROBATIOUN VUN DER PROVISORESCHER SCHOULORGANISATIOUN 2023/2024 FIR DEN ENSEIGNEMENT FONDAMENTAL

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER):
Da géife mer op deen nächste Punkt iwwergoen. Dat ass déi provisoresch Schoulorganisatioun vum Fondamental. An do géif ech dem Josiane d'Wuert ginn.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN):
Villmools Merci Här Buergermeeschter, ech begréissen awer och den Här Joël Michaux bei eis, den Här Erni Hoffmann an och den Här Erni Ferrari. Ech géif dann iwwergoen zur provisorescher Schoulorganisatioun fir d'Joer 2023/2024. Dir hutt wéi gewinnt, wéi dat all Joer ass, natierlech ëmmer déi néideg Dokumenter virleie vun der Schoulorganisatioun, awer och de PEP an d'Circulaire awer och d'Rapporte vun deene leschte Schoulkommissiounen. D'Schoulmedezin, dee Rapport, deen hate mer schonn am Januar, mee och deen ass dobäi an och de Projet Alphabetisatioun steet an deem Rapport dran. Da géif ech op d'Schülerzuelen agoen. Dat sinn der am Mäerz 1879,5 gewiescht. Et ass lo net, dass mer hallef Kanner eranhuelen, mee dat kënnt einfach duerch d'Plagë vum Precoce, déi hallef Plagen hunn, dofir zielen déi dann och nëmmen hallef. D'lescht Joer waren et der 1877. Sou datt et eng kleng Variatioun gëtt, mee nach net terribel. Dann zum Contingent. Do krute mer am Mäerz 3773 Leçonen. Dat sinn der 5 méi wéi d'lescht Joer. Déi Zuelen, déi sinn awer op de Mäerz baséiert, déi gi warscheinlech Enn Juni nach an d'Luucht. Hors contingent krute mer 208 Leçone fir den Educateur am Precoce. 142 Leçone Remplacant permanenten, dat si 6 Posten. An 138 Leçone Cours d'accueil. Dat si 6 Posten. Do hu mer der dëst Joer 2 méi kritt. Dat hëlleft eis natierlech hei zu Diddeleng ganz vill. Bis elo hate mer nëmmen 92 Leçonen.

Dann zum Precoce. Mir hunn 144 Schüler ageschriwwen an deene verschiddene Plagen. Dat sinn der dëst Joer 6 méi wéi d'lescht Joer. Dovu sinn der 101 am SEA ageschriwwen. Do konnten der och 94 direkt opgeholl ginn a 7 sinn nach op enger Waardelëscht. Wat ee gesäit, wat opfalend ass, dat ass de Grupp „E", datt do mëttlerweil méi Schüler ageschriwwe ginn am Precoce. Do sinn et der 107, dat sinn der 28 méi wéi d'lescht Joer. D'Gruppen „A" „B", 4 mol en hallwen Dag, do geet d'Zuel erof, do sinn et der 20 manner wéi d'lescht Joer, do hu mer elo 37 Schüler. Dat läit awer dodrun, datt d'Leit wierklech ëmmer zu zwee schaffe ginn an net méi

kënnen d'Kanner nëmmen hallef aschreiwen, da meeschtens ganz. Bon, bei der Moyenne, déi geet zwar erop vun 13,4 op 15,7, awer do leie mer trotzdeem nach an enger gudder Moyenne, trotzdeem sollt een do oppasse fir d'nächst Joer. Precoce-Klassen hu mer an der Gaffelt, Italien, Lenkeschléi, Strutzbierg. Do leie mer liicht iwwer 16. Bei deenen aneren ass dat dann nach drënner. Verschidden Elteren, déi hir Kanner ageschriwwen hunn, hu mer proposéiert fir an en anert Gebai ze goen. Well mer am Ribeschpont nach Plaz haten hu mer gesot, voilà, deen do wunnt an der Comté de Bertier, dann hu mer hinne proposéiert, fir d'Kanner an de Ribeschpont ze schécken an do sinn e ganze Koup Leit déi dorop zréckgräifen och wann et net direkt virun der Hausdier läit. Dann am Ribeschpont, do wëll ech just soen zum SEA, do hu mer d'Plaze eropgesat. Bis elo hate mer der do 16. Do si mer an d'Luucht gaangen, sou datt mer kënne méi Kanner an der Betreiung ophuelen.

Dann zum C1 bis C4. D'Effektiven, déi bleiwen do plus minus d'selwecht, déi gi just liicht an d'Luucht. Mir sinn elo bei 1780 Schüler an d'lescht Joer waren et der 1774. Et muss een awer och do lo d'Entwécklung kucken, nach déi, déi iwwert déi lescht Méint bäikomme vu Mäerz bis dann eeben d'Rentrée. Wéi vill Schüler do nach bäikommen. A wéi gesot, mir kréie jo och dann do de Contingent bäi. Déi gréisste Changementer, déi mer hunn, dat ass am C2. Do hu mer dëst Joer 18 Schüler méi, awer  mir hunn der am C4 20 manner an dat kënnt duerch d'Allongementer, wou der dann awer vill eriwwerginn an de Lycée. Zu Butschebuerg, do geet d'Zuel vun de Schüler am 4.1, wat eng ganz grouss Klass war, vun 22 op 18 erof. Dat ass natierlech gutt, dat kënnt där Klass zegutt. An um Strutzbierg geet am C3.1 eng Klass vu 24 op 20 erof. Och dat ass dann eng Moyenne, déi akzeptabel ass, well 24 ass effektiv ganz vill. D'Schülerzuel vun de Klassen insgesamt läit ënner 16. Do si mer relativ gutt. Mir hunn och 2 Klasse méi dëst Joer wéi d'lescht Joer. Bon, dat war och an der Schoulkommissioun scho gesot ginn. Um Däich dee Projet CASE, dee mer bis elo haten, dee gëtt net méi virugefouert. Vläicht geet den Här Michaux duerno kuerz drop an. Do ass et awer sou, datt déi Stonnen, déi fir dee Projet do waren, elo dem Däich fir als Appui zur Verfügung gestallt gëtt.

Dann nach e puer Wuert och nach iwwert „hors contingent". Ech hunn Iech virdru schonn d'Chiffere genannt. Ech schwätzen awer virun allem iwwert déi 2 Posten am Cours d'accueil, déi mer bäikréien. Also ech mengen datt dat grad hei zu Diddeleng ganz wichteg ass, well jiddwereen dat immens vill braucht, net jiddwereen eis Sprooch schwätzt. An ech mengen datt déi Posten och e groussen Invest ware vun der Säit vum Ministère. Do wollt ech dofir mol Merci soen. Den Däich, dee wäert och besonnesch dovu profitéieren. Déi wäerten och e Posten „Cours d'acceuil" zur Verfügung gestallt kréien. Och déi 5 Stonnen IBS, déi mer méi kréien, och dat gëtt ëmmer méi wichteg. Mir wëssen alleguerten, dass eis Schoule vill Kanner hu wou Problemer sinn, an déi këmmere sech dann ëm déi Kanner. Wat och gutt ass, dat steet an der Circulaire, ech weess net, ob Der d'Circulaire gelies hutt, do solle lo 50 Leit A IBS rekrutéiert gi säitens vum Ministère, an dat geet einfach drëm, fir dem Instituteur ze hëllefen, wa Schwieregkeete sinn.

Dann zur Waldschoul. Dir wësst, datt mer eng Demande gemaach hate fir méi Stonnen ze kréien. Mir hunn déi och elo kritt. Ech sinn och ganz frou doriwwer. Vu 15 si mer op 23 Leçone ropgaangen. An och do vun eiser Säit aus e grousse Merci. Dat sinn der natierlech 8 méi wéi d'lescht Joer. Dir wësst, datt mer bis elo 2 Schoulmeeschteren drop haten, déi sech déi 15 gedeelt hunn. Lo ass et ganz flott, well mer méi Leçonen hunn, sou datt mer dee Projet da weider kënnen entwéckelen.

An dann e grousse Merci un d'Presidenten an un de Comité d'école, déi net gezéckt hu fir eis nach eng Kéier 7 Stonnen ze gi vun hiren 11 Stonnen, déi se nach Rescht haten, sou datt mer lo 30 Stonnen hu fir d'Léierpersonal. Natierlech den Invest vun der Gemeng ass jo datt mer en Educateur hunn a mir hunn och nach en Educateur ugefrot. Mee wéi gesot, mir kënnen och ënnert d'Äerm gräifen als Gemeng, wann da lo Problemer wären oder wa se méi Leit bräichten. Vill Leit vun eisem edukative Personal hunn d'Wildnispädagogik gemaach, sou datt wann een ausfält kann een aneren asprangen. Fir d'Rentrée solle jo och méi Klassen dohinner kommen. Ech verstinn dat. D'Presidenten hunn och Stonnen zur Verfügung gestallt. Mee do si mer am Gaangen, et réischt auszeschaffen, well déi Stonne sinn elo réischt verdeelt ginn. Sou datt mer Iech dann, wa mer de Plang stoen hu wäerte kënne presentéieren, wéi vill der lo dohinner kommen. Datt dee Projet wichteg ass, wichteg fir d'Schoulkanner, ech mengen Dir waart alleguerte schonn dohinner invitéiert ginn. Ech war des Ëfteren elo do. Dat deet de Kanner immens gutt. Och Kanner, déi spezifesch Besoinen hunn, déi kommen do komplett zur Rou, déi entspanen. An de Minister selwer, dee war och sur place, deen huet dat och gesinn an och matkritt. Dofir soen ech, dee Projet sollte mer op alle Fall weiderféieren an och weider ënnerstëtzen. Wat nach an der Waldschoul bäikënnt, dat ass eng Blockhütt. Mir haten zesumme mam Fieschter Reuniounen, well se en Ënnerdaach brauchen, och am Wanter. Et ass awer eng Blockhütt. An dat ware ganz flott Gespréicher an den Här Rassel huet eis och schonn e Plang gemaach. An déi gëtt selwer gebaut mat Holz aus eise Bëscher. Den Här, dee bei hinne schafft, dee baut déi selwer a si gëtt dann dohinner gesat an dat ass och fir d'Kanner ganz flott. Well am Wanter ass et schwiereg, wann s De naass a kal bass an dann de ganzen Zäit muss dobausse sinn. Do kënne se sech da mol e bëssen heiansdo ausrouen.

Dann de Projet „Sécher Schoul". Och dat ass e Projet, deen net méi ewechzedenken ass. Ech hat den Här Vaessen nach gesinn d'lescht Woch. Mëttlerweil si 5 Schoulen, déi do matmaache an deem Projet. Déi eng sinn nach e bësse méi am Ufank, déi aner si schonn e bësse méi wäit. Mee och do ass an all Gebai dee Projet, dee leeft. D'Zesummenaarbecht mat der Maison Relais, déi klappt och ganz gutt an deem Projet. Et ass jo och wichteg, datt mer gemeinsam Reegelen hunn an net deen ee moies sou an deen anere mëttes sou. Als Gemeng sti mer natierlech do hannert deem Projet. Wat awer och ganz kloer ass, et kann een net einfach nëmmen hannert Saache stoen, da muss een och Saachen investéieren an och dat wäerte mer maachen. Schellen installéieren an de Schoulen. Och Time-out-Säll, déi brauche mer och ëmmer méi. Och dat ass wichteg.

An um Strutzbierg hu mer schonn d'Schellen. Si mussen nach informatesch ugeschloss ginn, mee awer soss ass do schonn alles installéiert. An Time-out-Säll probéiere mer och iwwerall ze maachen. Mir hunn der lo zwee an der Gaffelt installéiert. An den Här Engel an ech selwer wäerten d'nächst Woch den Tour maache fir ze kucken, wat mer an all Schoul nach musse verbesseren.

Dann d'Médecine scolaire, dat ass och wichteg. Ech hunn dat d'leschte Kéier gesinn, wéi wichteg dat ass, wann ee sou e Service huet als Gemeng an net muss ausserhalb op een zréckgräifen. Do hate mer de Rapport am Januar schonn an der Schoulkommissioun. An dat war awer vun deem Joer virdrun, dat heescht vun 2021/2022. Si hunn 1120 Schüler erëm gesinn. Dat war jo laang net de Fall. 176 kruten do en Test Audio gemaach, also en Hörtest gemaach. An och den C3, déi kréien och e Faarwesehtest gemaach. Ech weess elo net, wéi dat fonctionéiert, mee ech fannen dat awer ganz wichteg. Och dat ass geschitt. Si hunn och, an do gesäit een, wéi dat e bësse fonctionéiert, si hunn am Fong den C1 an den C2 ugeschriwwen. Déi kënnen och dohinner komme wa se dat wëllen natierlech mat den Elteren, well se nach kleng sinn. Do si 433 Elteren ugeschriwwe ginn. Ech muss awer soen, mir krute 37 Äntwerten. Heiansdo ass dat dann esou. Dat ass net ganz motivant, mee trotzdeem soll een dat viruféieren. An och do Merci fir déi vill Aarbecht. An dann d'Zänndokteren, do hate mer 675 Kanner gesinn. Si hunn 42 PAIen ausgeschafft, an och de soziale Volet, deen een an der Médecine scolaire do, wou vun eisen Assistantë geleescht gëtt, deen ass net ze ënnerschätzen. Also do si ganz vill Interventiounen, och a Familien, Berodung, Problemer. Also och dat ass alles wichteg. Natierlech d'Education à la santé mam Frühstück an och de Wibbel si ganz vill Saachen, déi déi Médecine scolaire mécht. Natierlech awer och, an dat ass ganz flott, dat huet sech elo e bësse méi entwéckelt, dat ass d'Aktivitéite mat der Maison Relais an och mat der Schoul. Si fueren och mol Vëlo mat der Schoul oder si kommen an d'Maison Relais a si maachen do Aktivitéiten. An dat Ganzt zesumme mam Service des sports. Och hinnen e grousse Merci. D'Zesummenaarbecht mat der Museksschoul. Ech mengen do kann den Här Michaux vläicht herno e puer Wuert dozou soen. An der Circulaire sti jo och Saachen dran.

An dann nach den Éischt-Hëllef-Cours, dee mer am Gaang sinn ze organiséiere fir d'Enseignanten. Dat war bis elo net iwwert d'Gemeng de Fall. Eist edukatiivt Personal, déi maachen en Éischt-Hëllef-Cours, awer bei den Enseignante sinn déi Coursen ëmmer nach iwwert den IFEN gemaach ginn. A mir probéieren elo hei zu Diddeleng fir eis Enseignanten och en Éischt-Hëllef-Cours ze maachen. An da kommen ech zum leschten Deel, dat ass natierlech de PEP. Dat ass e feste Bestanddeel gi vun der Schoulorganisatioun. An dee PEP, dee weist net nëmme wat fir eng Gebaier, wat fir ee Personal an och wéi déi Leit ronderëm sinn. Mee virun allem ass dee PEP mëttlerweil sou opgeschafft ginn a sou flott gemaach ginn, datt souguer een deen näischt dovu kennt kann nokucken, wat an all Maison Relais gemaach gëtt, wat fir eng Aktivitéiten, wéi d'Inklusioun ass, wéi d'Reseausaarbecht ass. Alles dat hutt Der am Dokument virleien. Ech ginn net op d'Dokument an, well da géif ech nach eng Stonn schätzen an Dir wëllt jo alleguer och dozou schwätzen. Mee trotzdeem e grousse Merci un d'Direktioun, e grousse Merci un déi Leit, déi dat Dokument ausgeschafft hunn.

Ech hat lo scho gesot, wat och ganz wichteg ass, ass natierlech d'Elterenaarbecht. Och déi gëtt ëmmer méi wichteg. Déi ka jo rëm normal stattfannen. D'Kooperatioun mat der Schoul. Och dat ass net méi ewechzedenken. Mir hunn a verschiddenen Haiser Aarbechtsgruppen, sief et fir eng besser Koordinatioun vu Säll oder och vu Personalaustausch. Eis Leit ginn och mat an Elteregespréicher mëttlerweil an dofir wollt ech eigentlech, ouni datt ech elo ze vill aginn op dat Dokument, e grousse Merci soen. An ech wollt iwwerhaapt e grousse Merci soe fir déi lescht Jore fir déi gutt Zesummenaarbecht. Merci den Presidenten, Merci eisem Personal, Direktioun plus SEA an och Médecine scolaire. Merci.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Ëmmer e flotte Moment éischtens emol an der Schoulkommissiounssitzung, wa mer d'Presentatioun gemaach kréie vun der Schoulorganisatioun. Och e grousse Merci un all déi, déi dru matgeschafft hu fir dat auszeschaffen. Et ass fir d'Schoulmeeschteren, also d'Teams, d'Direktioun an och fir den Erni Ferrari ëmmer e groussen Challenge, fir dat och mat Zäite fäerdeg ze bréngen. An et ass all Joer méi fréi. Bon, mir hunn och héieren, dat ass och wéinst de Walen dëst Joer. Mee et ass awer e groussen Challenge, fir dat ganz seriö ze preparéieren an dofir och e grousse Merci u si. Wann een d'Schoulorganisatioun gesäit, Dir wësst, mäin Dada, dat ass ëmmer de Precoce, an do sinn ech natierlech schrecklech frou, wa mer 223 Bréiwer erausschécken, wou d'Leit kënnen hir Kanner umelle fir an de Precoce. Dann 144 Kanner maachen dat. Dat si 64,6% vun den Dräijäregen. Dat ass awer, fannen ech, en absolut grousse Succès. Mir wëssen, dass mer do an enger grousser Konkurrenz si mat de private Crèchen, déi natierlech drëm gammsen, déi Dräijäreg nach bei sech ze behalen, well fir déi ass dat och Geld. A mir sinn awer ëmmer der Meenung gewiescht, dass et awer wichteg ass, dass d'Kanner vun 3 Joer schonn an de Precoce kommen, och an der Preparatioun vun hirer Scolaritéit. An ech war net méi wéi angeneem iwwerrascht, wéi ech eng Etüd gelies hu vum Luxembourg Center for Educational Testing, dem LUCET, wou festgehale ginn ass, dass Kanner déi an der Crèche an am Precoce waren, dass dat e positiven Afloss huet op d'Schoulleeschtung. An do goufen Épreuves standardisées gemaach am Cycle 2.1, an do ass gekuckt ginn, éischtens, wéi d'Betreiung vun de Kanner ass. Natierlech awer och de sozioekonomeschen Hannergrond an och d'Sproochen doheem. An do ass festgestallt ginn, dass déi Kanner, déi an der Crèche an an dem Precoce waren, souwuel d'lëtzebuergesch Héierverstoe besser ofschléisse wéi och d'Virleeferfäegkeete vun der Schrëftsprooch an och an de mathematesche Fäegkeeten.

A wat awer och impressionant war, dat ass, vun deene Kanner, déi do getest gi sinn, sinn awer 50% souwuel am Precoce gewiescht wéi och an der Crèche. Sou dass dat awer e wichtege Punkt ass. Bon, d'Crèche dat ass ëmmer eng Diskussioun, ab wéini ass et gutt, wann e

Kand an eng Crèche geet? Dir wësst mir Pediatere mir soen ëmmer, de Priming, dat sinn déi „ersten tausend Tage" fir e Puppelchen. Dann ass et wichteg, wou et seng Bindunge mécht. Die ersten tausend Tage, dat besteet aus den 9 Méint Schwangerschaft an den 2 éischte Liewensjoer. An do ass et einfach wichteg, dass eng Relatioun mat den Elteren opgebaut gëtt an dass déi ganz verdéift gëtt. Mee ech denken, dat sprengt e bëssen hei de Rahmen, fir do weider drop anzegoen. Mee loosse mer nach beim Precoce bleiwen. Mir hunn och ëmmer gesot, firwat ass et wichteg, dass d'Kanner an de Precoce ginn? Éischtens emol fir d'Sozialisatioun. Natierlech och fir ze léieren, fir sech am Grupp ze behaapten an och frou ze ginn, et ass virun allem och dat. An awer och d'Entwécklung vun der Sprooch. Dat huet sech och an dëser Etüd vum LUCET festgestallt, dass d'Lëtzebuergesch eng Bréckefunktioun ass. An elo kënnt de „mee", awer net an der Alphabetisatioun op Däitsch, well do ass et schwiereg fir d'Kanner, wann doheem kee Lëtzebuergesch geschwat gëtt. An dofir begréisse mir explizitt, dass mir bei deem Pilotprojet matmaache mat der Alphabetisatioun op Franséisch.

Do ass meng Fro: Ech hat zoufälleg eng Spillschoulsjoffer aus dem Däich, déi mat hire Kanner bei mech koum an du hat ech se gefrot. Souwäit ech matkritt hunn, geet dat duer. Mir hu genuch Kanner, déi bei der Alphabetisatioun op Franséisch an der Spillschoul rekrutéiert gi sinn, sou dass dee Projet och definitiv ka starten. Ech weess am Ufank war e bësse geziddert ginn, ob mer wierklech genuch Kanner fannen oder Eltere fannen, déi averstane sinn, dass hir Kanner op Franséisch alphabetiséiert ginn. An hei déi Spillschoulsjoffer huet mer och bestätegt, nodeem den Elteren nach méi genau erkläert ginn ass, dass déi Kanner awer och Däitsch léieren, net nëmmen op Franséisch bis an d'sechst Schouljoer alphabetiséiert ginn, dass dat awer elo e grousse Succès huet. Dann ass natierlech och d'Fro, wann een och elo déi Etüd vum LUCET liest, wéi geet et weider? A wéi eng Richtung gi mer? Mir hu bis elo dee Pilotprojet, deen ass just um Däich. Dann ass d'Fro, wéi weide mer dat aus? Maache mer dat an all Gebai? Och fir eng gewësse Gerechtegkeet ze fannen, wann ee Léist dass d'Kanner, wou doheem net Lëtzebuergesch geschwat gëtt dann awer schlecht ofschneiden an deenen Tester op Däitsch. Dat ass eng grouss Fro, an ech denken, do musse mer eis dat och eng Kéier duerch de Kapp goe loossen. Och wéi gesot par rapport zu der Gerechtegkeet vun de Kanner an der Stad Diddeleng. Mir hunn net eng zentral Schoul, mee mir hu Quartiersschoulen. A wéi mir dat ausbaue wëllen, dat ass eppes, wat mer och fir d'nächst Joer wëllen eventuell plangen, wann och dee Pilotprojet ofgeschloss ass oder wann dee vläicht och soll erweidert ginn. A wéi eng Richtung dass mer do wëlle goen. Dat wéi gesot zum Precoce. Wat d'Schoulorganisatioun ubelaangt, ass och vläicht wichteg ze erwänen, dass d'Elterenzesummenaarbecht och ganz wichteg ass. An do ass jo och gesot ginn, wat de Projet Balzeng ubelaangt, dass do och d'Elterevertrieder an en Aarbechtsgrupp solle mat agebonne ginn.

D'Presentatioun vum Aarbechtsgrupp vun der pedagogescher Aarbecht, dat ass ee Punkt. Mee wéi gesot, mir an der CSV sinn ëmmer e bëssen traureg, dass mer nach guer keng Presentatioun kritt hu vum Bauprojet. Also pedagogesche Projet ass eng Saach, de Bauprojet ass eng aner. Dat hunn ech hei schonn e puer Molerwäänt. Et ass e bësse schued, dass mer do nach net wëssen, a wéi eng Richtung dass et geet. Ech sinn och frou, dass och op Drock vun den Elterevertrieder do eppes am Brill geschitt ass, dass do de Schoulhaff soll besser adaptéiert gi fir trotz Container awer nach genuch Plaz ze loosse fir ze spillen. Dat ass ganz wichteg. Eng flexibel Notzung ass och ugeduecht ginn. De Spillschoulshaff gëtt och mat benotzt elo vun de Kanner aus der Primärschoul, also aus dem Cycle 2-4. Et si Leit u mech erugetrueden an hu gefrot: Firwat sinn déi Container iwwerhaapt an den Haff gestallt ginn an net op dee Cul de sac an der Strooss virdrun? Dat hätt e puer Parkplaze kascht, mee da wär den Haff net hypothekéiert ginn. Ech weess net, ob mer dat iwwerhaapt eng Kéier an Erwägung gezunn hunn. Mee et ass eng pertinent Fro an et kann e vläicht kuerz do nach eng Kéier eng Äntwert vum Schäfferot kréien, firwat elo d'Decisioun geholl ginn ass, dass mer carrement Container, wat jo awer eng länger Zäit ass, net nëmme fir ee Joer, dass mer déi an den Haff setzen an net op dee Cul de sac do, wou een e puer Parkplaze geopfert hätt an awer hätt kënne vläicht eng Schoul histellen. Wat och an der Schoulkommissioun diskutéiert war, wat och vläicht net onwichteg ass, dass mer iwwert de Spillplazereglement geschwat hunn, iwwert d'Ouvertureszäite vun de Schoulhäff. Well déi flottste Spillplazen, déi hu mer nun eemol an eise Schoulhäff. An do war eng Diskussioun, wéi geet et wärend der Schoulzäit, wéi geet et wärend de Vakanzen, wann d'Maison Relaisen awer an de Schoulgebaier täteg sinn? Wéi maache mer et do mat deenen anere Kanner? Däerfen déi och déi Spillplaze benotzen?

Also mir vun der CSV, mir sinn der Meenung, dass all Kand muss kënnen op eng Spillplaz goen, ob elo eng Maison Relais an deem Haff do spillt oder net. Well ech mengen, do musse mer awer oppassen, dass mer keng Diskriminatioun maache vun deene Kanner, déi doheem versuergt gi vis-à-vis vun de Maison Relais Kanner. Mee natierlech muss ee kucken, wéi een dat richteg reglementéiert. Eis Propos, oder et war jo net eis Propos, mee d'Propos an der Schoulkommissiounssitzung war, dass een awer e Panneau opriicht, wou dann och kloer steet, dass de Betrib Schoul respektiv Maison Relais net däerf perturbéiert ginn an dass een dat awer och kloer an däitlech schreift. Well ech mengen et ass lo net de grousse Problem, wa Kanner am Schoulalter dohinner ginn, mee och virun allem et sinn heiansdo Jugendlecher, déi keng Plaz fannen, wou se sech kënnen ophalen, an déi sech dann awer heiansdo sech an de Schoulhäff ophalen an heiansdo och Fester feieren. An dann, mir hunn dat och gelies am PEP. Dass dann am Quartier Italien heiansdo d'Leit net ganz frou sinn, dass déi Jugendlech oft feieren ënnert dem Preau, ënnert dem Virdaach, an och hir Saachen net ewechraumen. Do muss ee kucke wéi een dat reegelt. Mee ech denken net, dass een däerf Schoulkanner verbidden an e Schoulhaff ze goen an de Vakanzen, nëmme just well eng Maison Relais grad dee Moment do ass do.

Do denken ech, dat muss een och ganz kloer definéieren a reglementéieren, dass dat awer muss erlaabt sinn. Zu der Schoul ass nach ze soen, zu der Waldschoul ass

dat ze begréissen, dass d'Personal opgestockt gëtt, dat ass effektiv e ganz flotte Projet. Dass mer och nach en Educateur wëllen astellen, ech mengen, do kann een och nach méi wäit goen. Aner Gemengen hunn z.B. och carrement eng Bëschspillschoul, déi wierklech nëmmen am Bësch ass. A wa mer do héieren, dass do en Ënnerdaach och geschaf gëtt, do kéint een da wierklech an eng aner Richtung goen. Net nëmmen eis Klassen 1x pro Trimester an d'Waldschoul schnuppere loosse goen, wat d'Naturpedagogik ubelaangt, mee dass een dat och nach méi konsequent ausbreet. Mir sinn natierlech och immens frou, dass och am LSAP-Programm fir déi nächst Legislaturperiod drasteet, dass eng richteg Bëschcrèche soll geschaf ginn am Bësch. An ech denken och do ass et wichteg mat engem Ënnerdach, wou déi kleng Butze sech awer och kënnen ophalen. A wann ech elo héieren am Areal vun der Waldschoul ass dat méiglech, da muss dat jo och sécher och op anere Plaze méiglech sinn. Zur Schoul wollt ech och nach soen, also zu den AIBSen, dat sinn déi nei Assistants en classe. Dat ass eng DAP-Formatioun, an do ass ugeduecht, dass och länger Sicht all Schoul een AIBS soll kréien. Dat sinn Assistantes pour élèves à besoins spécifiques, an déi solle mat den IEBSen, dat sinn Instituteurs spécialisés dans la scolarisation, zesummeschaffen.

Et muss ee scho gesinn, dass ganz vill Bedarf do ass, fir dem Schoulmeeschter erëm seng Aufgab ze gi vum Schoul halen. An dat ass jo eng Problematik, déi mer ëmmer schonn ugeschwat hunn, dass Kanner, déi e bësse verhalenskreativ sinn, dass déi et oft schwéier hunn, sech an enger Klass z'integréieren. An do ass jo bei IEBS schonn en éischte Schrëtt gemaach ginn an elo nach mam AIBS, AEBS. Da misst jo dann och erëm eng Kéier de Schoulmeeschterberuff rëm méi attraktiv ginn, wann e virun allem och erëm sech méi ka konzentréieren op d'Schoul hale wéi op dat Soziaalt oder dat Pedagogescht oder dat, wat ronderëm ass. Dann ass elo meng Fro: Déi AEBSen, déi hu jo awer eng bësse méi liicht Formatioun. Dat ass „just" en DAP Education. Kënnen déi dann och autonom eleng mat engem Schüler schaffen? Wéi ass dat gereegelt? Dat ass vläicht ganz interessant, dat awer ze wëssen. Och wa mer momentan just ee kritt hu fir d'Direktioun. Mee dat soll jo awer ausgebaut ginn. Nach eng Kéier zu der Maison Relais. Do ass gesot ginn, et sinn och ganz vill Kanner, déi sech an de SEA aschreiwen. Jo, natierlech, et ass eeben eng Realitéit, dass zwee Eltere schaffe ginn an dass d'Leit eng Betreiung brauchen. An d'CSV, déi huet dat ëmmer gesot gehat: Wa mer de Succès vum Precoce ausbaue wëllen, da musse mer deenen e Mëttesdësch ubidden. An d'Realitéit gëtt eis jo och Recht. Vun den 144 Kanner déi an de Precoce ginn hunn der 101 eng Demande gemaach fir an der Maison Relais opgeholl ze ginn. An ech hoffe jo och, dass déi kleng Liste d'attente, dass där och nach ka Rechnung gedroe ginn.

Et muss ee jo och soen, d'Maison Relais, wann ech dat richteg weess, ass fir d'Precoce-Kanner net gratis. An d'Populatioun ass sech bewosst, dass awer eng Maison Relais en Plus-value ass fir d'Kanner. Och fir vill net-Lëtzebuerger, si fannen et ganz wichteg, dass hiert Kand sou fréi wéi méiglech mam Lëtzebuergesche konfrontéiert gëtt. An ausser eise kommunale Crèchen, et muss ee jo och sou der Realitéit an d'A kucken, ass an deene private Crèchen, och wann et vum Ministère virgeschriwwen ass, dass se misste bilingue sinn, awer meeschtens d'Langue véhiculaire d'Franséischt. An et sinn awer och vill Leit, déi sech hei wëllen nidderloossen, och eeben net-Lëtzebuerger Leit, déi eebe frou sinn, wann d'Kanner fréi mat der lëtzebuergescher Sprooch a Kontakt kommen an natierlech appreciéiere se och dat pedagogescht Konzept vum Precoce. An doriwwer si mer ganz frou. An och, dass déi Offer do ass a gutt ausgebaut gouf iwwert déi lescht 2 Legislaturperioden, dass d'Kanner vum Precoce och an der Maison Relais kënnen eng Plaz fannen.

Da si mer bei der gratis Maison Relais. Jo, an de Vakanzen, dat wësse vläicht vill Leit net, do bezuelen d'Elteren, do ass d'Maison Relais net gratis. A mir haten eng grouss Diskussioun doriwwer, wéi geet dat lo weider? Warscheinlech ass et lo sou hat den Erni Hoffmann gemengt, dass d'Summeraktivitéiten e bëssen iwwerlaf wäerte ginn, well dat eeben en aneren Tarif ass wéi d'Maison Relais d'ganz Vakanz. Do muss ee vläicht awer mol eng Kéier kucken, dass een och den Elteren e bësse méi no bréngt, dass och si eng wäertvoll Zäit mat hire Kanner solle verbrénge wa si Congé hunn a si an der Vakanz sinn, wa si am Congé parental sinn, wa si vläicht och fir en 2. Geschwësterchen am Congé parental sinn. Dass een do vläicht muss op de Wee goen, de Kanner erëm d'Méiglechkeet ze ginn, méi Zäit an hirer Famill ze verbréngen. Dass et net ëmmer ass, fir de Kanner Fremdbetreuung unzebidden. Ech mengen do ass eng Sensibiliséierung vun den Eltere vläicht awer och ubruecht.

Da kommen ech zum PEP allgemeng. Ganz flott ass de PEP duerchzeliesen. Merci och dem Erni, deen huet dat e bësse gestrafft, méi koherent gemaach. Dat ass ganz flott. Dem Erni Hoffmann an och do senger ganzer Ekipp e grousse Merci. A wann een et duerchliest, wat immens wichteg ass, dat ass dat, wat mir och ëmmer gesot hunn, d'Zesummenaarbecht Schoul/Maison Relais. Do liest een an all Schoul-PEP an all Maison Relais-PEP Concertatioun, Kommunikatioun, Echange, Kollaboratioun. Wourop vill Wäert geluecht gëtt, dat ass, dass Fester gefeiert ginn, an dat ass och gutt esou. A wat och ëmmer méi kënnt, dat ass déi Interaktioun Maison Relais/Schoul ganz konkret. Dass z.B. a verschidde Schoulen d'Educateure mat op den Ausfluch ginn, dass d'Maison Relaisen z.B. wann d'Schoul ugeet eng Porte ouverte maache fir deene klenge Kanner d'Maison Relais och virzestellen. Dat ass ganz wichteg. A mir hunn iwwert de Reseaustravail geschwat. Wat ganz wichteg ass ass eeben och d'Schoulmedezin. An d'Josiane Di Bartolomeo huet et lo grad gesot gehat. Mir sinn immens stolz, dass mer e kommunale Schoulmedezinservice hunn. Mir sinn eng vun deene wéinege Gemengen, déi dat maachen, déi eis dat och gäre kaschte loossen. Well dat niewent dem Weien, Moossen, Ënnersiche vun de Kanner awer eeben och Projete beinhalt wéi de Wibbel mat Kanner mat Iwwergewiicht, d'Education santé, a mir sinn och ganz frou, dass do soll ëmmer méi mat de Schoule geschafft ginn a mat de Maison Relaise geschafft ginn.

Ech wëll nach eng Kéier onbedéngt drop hiweisen, wéi wäertvoll dat ass, dass mir do zwou Assistantes so-

ciales an Assistantes d'hygiène sociale hunn. Do ass och wichteg, dass och vläicht eis Leit an der Direktioun wëssen, wéi no déi Leit um Terrain sinn. Wéi no déi bei de Kanner sinn, wéi no déi bei de Famille sinn. Déi kënnen oft schonn d'Geschwëster, déi kennen d'Elteren. Déi hunn e gudde Kontakt. Et ass ëmmer onkompliziéiert, onbürokratesch gehandelt ginn. Wa Problemer waren, da si se bei d'Leit schelle gaangen, dann hu se eng Taass Kaffi kritt an dann hu se gesot: Hei lauschter, dat an dat klappt net sou gutt. Probéiert mol mat Ärem Kand a mat der Schoul méi zesummenzeschaffen. Ech denke mir däerfen eis déi Chance net entgoe loossen, dass mer déi Leit hunn, déi, wéi gesot, hei zu Diddeleng verwuerzelt sinn, scho laang hei schaffen an e flotte Lien kënne maachen. Da kann ee vill Problemer och schonn am direkte Kontakt méi einfach léisen. Da brauch een net bei all Kand en Dossier opzemaachen a bei den ONE an de SCAS direkt ze schreiwen. Ech denken, do ass nach e bësse Kollaboratiounsaarbecht, wéi dat kann ausgebaut ginn. Ech krut déi Doleancen och zougedroen, dofir erlaben ech mir, dat och hei nach eng Kéier ze soen. Et ass vill gutt Zesummenaarbecht do, mee et kéint nach an eisen an an hiren Aen nach eng Kéir besser ginn.

Mee wéi gesot, denkt un eist schoulmedezinescht Personal. Si sinn do fir eis Kanner a si maachen eng exzellent Aarbecht. Ech hunn awer elo eng Fro: dee Responsable à l'inclusion, dat ass eng Persoun fir déi ganz Direktioun an onse Schoulen. Do ass meng Fro, wéi eng Aarbecht dee Responsabel ganz genau huet? A mir hunn een, wéi gesot, fir all eis Schoulen. Dat ass mer nach e bëssen onkloer, wat genau dat ass. En anere Punkt, kuerz erausgegraff aus dem PEP. Den Airtramp. Do ass eng Demande vu Butschebuerg, déi wëllen dat léinen. Mir hunn awer och eng aner Propos gemaach, dass de Ribeschpont, dee geet an eng Crèche op den Airtramp. Do ass meng Fro: Firwat geet Butschebuerg net och op en Airtramp an enger Crèche? Dat ass vläicht méi eng praktesch Fro.

Ganz flott ass och den Elterecafé. Gaffelt wëll dat ausbauen. Lenkeschléi huet een. Souwäit ech héieren hu leeft dat och, an dat fanne mer och ganz flott. Wat och flott ass vun der Interaktioun, do ass och dass verschidden Educateuren op der Lenkeschléi, wou eng ganz enk Zesummenaarbecht besteet tëscht der Maison Relais an der Lenkeschléi an der Schoul. Dat war jo och e Wonsch, souwuel vun eis, vum Gemengerot, wéi och vun hinnen, vun där ganzer Ekipp. Dass do och eemol an der Woch fir zwou Stonnen den Educateur a seng Klass geet, well den Educateur, deen ass Référent vun enger Klass, dat heescht, deen ass enger Klass zougesprach. An dee geet och do an der Woch dohinner, fir net nëmmen e Projet mat de Kanner ze maachen oder eng Aktivitéit ze maachen, mee awer och fir dat Relationellt nach e bëssen ze verdéiwen, souwuel mat senge Kanner, déi en an der Maison Relais déi Zäit huet, mee awer och mam Schoulmeeschter. Dat fanne mer extrem wichteg.

Och an déi selwecht Richtung geet, dass och a verschidde Schoulen dat edukatiivt Personal vum Precoce och scho moies de 15. September mat an d'Klass geet, fir de Kanner ëm 09:30 schonn ze soen: „Hei Kanner, mir huelen iech hei lo herno mat, dat gitt der mat eis an d'Kantin." Ech denken do ass deen Iwwergang an déi Zesummenaarbecht extrem wichteg.

Mer schwätzen iwwer Zesummenaarbecht, mer schwätzen iwwer Gebailechkeeten deelen an och d'Aarbecht deelen an och de Kontakt mat de Kanner deelen. Op Lenkeschléi, do leeft dat, do steet kurz und bündig: Toutes les pièces et matériaux sont utilisés par tout le monde. Sou soll et sinn, sou stelle mir eis dat och vir. An dat klappt jo och am Wolkeschdall, dat klappt jo och am Balzeng, an deene klenge Schoulen ass dat jo och sou. An eis Fro ass awer: Firwat klappt et net um Strutzbierg? Do ass zweemol d'Propos gemaach ginn, fir z.B. ee Sall, deen als Mëttesdësch benotzt gëtt fir Kanner vun der Gaffelt, déi riwwerkommen an de Strutzbierg, fir dee Sall och ze kréien, fir do definitiv eng Klass dran ze maachen. Dat heescht, dat geet net. Bon, onlogesch ass, dass dat net sollt goen, well et jo an deenen anere Gebaier geet. Dann heescht et ëmmer, dee Sall ass awer elo affektéiert fir de SEA. Also ech denken, wa mer wëlle méi landeswäit och dat Zesummeschweesse vu Schoul a Maison Relais fërderen, da misst dat doten awer och machbar sinn. Do ënnerstëtzen ech awer och déi Demande vum Strutzbierg, dass mer dat nach eng Kéier sollen op de Leescht huelen. Well soss muss eng Klass ganz isoléiert vun hirem Team, vun deenen anere Klassen aus deem selwechte Cycle schaffen, wat e bëssen onglécklech ass.

Da wollt ech nach just nofroen, mir haten an enger viregter Gemengerotssitzung en extrat Reglement geschaf fir d'Lenkeschléi, well do ass et drëm gaange fir den Accueil moies. Do war eng Demande, well e Wee knaschteg war laanscht d'Schoul. Normalerweis sinn d'Kanner hannen zum Schoulhaff rausgaangen. Do war eng Demande vum Elterecomité an och vu verschiddenen Elteren, dass déi Kanner sollen och däerfe vir eragoen. Do ass extra en Accueil organiséiert ginn. Angeblech ass et just e Grapp voll Kanner, déi vir era ginn. A meng Fro ass natierlech awer elo: Wéi steet et mam Wee? Wéini gëtt e fäerdeg gemaach? Ass dann am September dat extra Sonderreglement hifälleg? Wat och eng Belaaschtung ass fir d'Personal. Dat ass jo awer opwenneg, wa se zwee Acueille mussen organiséieren. Dofir, wéi gesot, do nach eng Kéier meng Fro.

Flott Projete si Schoulgaart, flott d'Projeten ass d'Charlotte, d'Charlotte ass den Hond, deen am Precoce an Italien ass, an dee geet mat de Kanner an de Bësch, an dee soll och mat der Maison Relais zesummeschaffen. Dat fanne mer och eng ganz flott Saach.
Flott ass, dass de Comité, z.B. op der Lenkeschléi aus Enseignanten a Responsabele Maison Relais besteet. D'Zesummenaarbecht soll ëmmer méi enk ginn, dat ass ganz wichteg. Wéi gesot, et ass am Fong alles flott. A mir sinn immens frou. Wat ech ëmmer erëm betounen, a wat nach laang net iwwerall de Fall ass, dass éischtens mol déi 6 Schoulen, déi 6 Schoulpresidente mat hiren Teams sech zesummesetze fir eise Contingent opzedeelen. Dass se kucken, wie brauch e puer Stonne méi? Wat kënne mer iergend engem nach zoukomme loossen? Maache mer dann einfach eng Klass méi grouss? Dat ass einfach exzeptionell an do eng grouss Felicitatioun un d'Direktioun an un d'Presidenten an all-

eguerten d'Enseignanten, déi wierklech Loscht hunn, dass Diddeleng gutt fonctionéiert. An och eng Felicitatioun un d'Personal an d'Direktioun vun de SEAen, vun de Maison Relaisen. Dass do och Wäert drop geluecht gëtt, dass déi Kollaboratioun ëmmer méi intensiv gëtt. Mir sinn och eng vun deene wéinege Gemengen, déi sech dat och eppes kaschte loossen, well et sinn der ganz vill, déi de SEA outsourcen, wou dann aner, sief et d'Caritas oder Arcus, oder wéi se all heeschen, d'Maison Relais bedéngen. A mir sinn awer der Meenung, dass dat a Gemengenhand soll bleiwen an do si mer och ganz frou driwwer. A mir wënschen hinnen alleguerten e flott Enn vun der Schoulzäit, nach vill flott Fester, eng gutt Vakanz an dass se erëm genau sou motivéiert am September starten. Merci.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Ech maachen et vill méi kuerz, soss gi mer net fäerdeg bis de Mëtte wann d'Aweiung ass. Merci der Schoulschäffin fir déi interessant Presentatioun vum ganze Service Enseignement. Dem Service vum SEA, de Comitéen a Schoulpresidenten a – presidentinnen, der Direktioun an der Médecine scolaire, an ech hoffen, ech hunn elo kee vergiess. Mir hunn dat an der Schoulkommissioun virgestallt kritt. Erfreelech ass, datt d'Aschreiwungen am Precoce no uewe weisen an datt déi Klasse schonn zimmlech gefëllt sinn. A verschidde Quartiere méi wéi an aner. An de Versuch, et ass jo lo och gesot ginn, fir de Leit eng aner Quartiersschoul ze proposéieren, ass net wierklech gelong. Well verständlecherweis wëllen d'Leit an hirem Ëmfeld bleiwen an och net méi e laange Schoulwee musse maachen.
Ech hat an der Schoulkommissioun proposéiert, well Butschebuerg, do war jo mol eng Precoce, an do hätt ee jo dann nach vläicht d'Méiglechkeet, wa wierklech nach d'Zuele géifen an d'Luucht goen. Do kéint ee vläicht dann och nach en Deel vun der Gaffelt op Butschebuerg drainéieren, dat ass jo dann awer vläicht net sou wäit.

Eng Neiegkeet an dëser Schoulorganisatioun ass méi eng flott visuell an iwwersiichtlech Presentatioun vun de verschidde Plans d'encadrement scolaire. Merci dofir. An och de Schoulcomitéë fir de räichen Inhalt. Ech ginn elo net weider do drop an. Just nach op d'Wildnispädagogik, dass déi lo nach ka méi ausgebaut ginn, dat begréissen Déi Gréng natierlech ausdrécklech. Firwat net an der Blockhütt eng Blockflütt schnitzen, dann hätte mer och eppes fir d'Blosinstrumenter gemaach.
Dat neit Reglement, datt d'Hënn an der Léngt musse sinn, mécht natierlech och Sënn, wann ee bedenkt, dass jo d'Kanner an deem Deel vun der Le'h och mol däerfen do trëppelen. An dann huet een och eng Handhab, wann do Hënn lafe gelooss ginn. An der Schoulkommissioun hat d'Schoulschäffin och den Avis gefrot fir eeben déi Ännerung vum Spillplazereglement a besonnesch den Zougäng zu de Schoulhäff, déi eeben och vum SEA benotzt ginn. Bon, dat Reglement ass elo haut net um Ordre du jour. Ech weess och net, ob dat an enger Schoulkommissioun oder an enger Familljekommissioun nach eng Kéier diskutéiert gëtt.

Mir haten an eiser Fraktioun och kuerz doriwwer geschwat. A fir eis ass et kloer, datt de Schoulhaff awer soll fir all Kand zougänglech bleiwen, och wann de SEA do ass. An och wann elo de Problem an der Mëttesstonn ass an d'Eltere mengen, d'Kanner wäre jo dann do och surveilléiert vun den Educateuren, wat jo awer net de Fall ass fir déi, déi net ageschriwwe sinn. Do misste vläicht d'Elteren eng Kéier kloer matgedeelt kréien, dass d'Surveillance just 10 Minutte virdrun an 10 Minutten duerno ass. Eebe vun den Enseignanten dann. An als Propos vun eis kéint ee jo op d'Schëld schreiwen: Les consignes du personnel de la commune sont à respecter. Well d'Educateuren an d'Educatricë vum SEA, déi musse jo och fir d'Sécherheet vun hire Kanner, déi se an hirer Obhut hunn, suergen. An déi dierfen dann och emol eppes zu deenen anere Kanner da soen. An dann hätt ee vläicht dat iergendwéi gereegelt. Bon, ech mengen et ass och e landeswäite Phenomen, deen net nëmmen hei zu Diddeleng ass. Voilà. Ech mengen dann hunn ech schonn alles gesot, wat ech wollt soen. Also Merci nach eng Kéier.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Merci Här Buergermeeschter, fir d'éischt emol e Merci un d'Josiane Di Bartolomeo-Ries fir déi Presentatioun, mee awer och emol e grousse Luef fir Däin immenst Engagement fir Schoul a SEA a Maison Relais déi lescht Joren. Merci och dem Erni Ferrari a senge Mataarbechter, dem Joël Michaux, dem Direkter a senge Leit vun der Direktioun, de Presidentinnen a Presidenten, de Comitéë wéi och den Enseignante vun deenen 8 Schoulen, bref, all deenen, déi un der Ausaarbechtung vun dëser provisorescher Schoulorganisatioun bedeelegt waren. Wéi d'lescht Joer schonn, an dat schéngt jo lo an Zukunft sou ze bleiwen, huet d'Schoulorganisatioun virun Ouschtere misse stoen. Dat ass immens fréi, an natierlech gëtt et zu deem Zäitpunkt vun der Ausaarbechtung nach ganz vill Inconnuen. Dat hu mer jo och gutt gesinn. Mir haten eng Schoulkommissiounssitzung den 23. Mäerz, also ganz fréi, nach 10 Deeg méi fréi wéi 2020. 2022 hu mer déi éischt Ébauche presentéiert kritt. Dono hate mer nach eng Schoulkommissioun den 10. Mee. Do hu mer scho gesinn, de klengen Zäitintervall vun deene 14 Deeg, wéi vill Chiffere scho geännert haten. Beispillsweis déi vum Precoce. Den 23. Mäerz ware mer nach e bëssen ënnert dem Seuil vun den Aschreiwunge vun 2022 an elo, 10 Deeg drop, 14 Deeg drop, wéi d'Auswäertung dann och bis gemeet war, do si mer dann effektiv op 144 gelant. Also e liichte Plus vis-à-vis vum leschte Schouljoer. Fir dat ze beweisen, wéi vill Inconnuën dass kommen. Dat do war lo ee Beispill. Et sinn der natierlech och vill anerer geschitt, mir hunn dat och gesi bei eenzele Klassen, wou schonn aneschters opgedeelt gi sinn. Dofir also e grousse Luef un eise Presi an hir Comitéë fir zu deem fréien Zäitraum eng dach equilibréiert Schoulorganisatioun ze presentéieren.

E puer Remarken nach vu menger Säit zum Contingent, deen am Mäerz vum MENJE festgeluecht gëtt. No e puer Joer fänke mer, wann och mat engem ganz liichten, Plus vu 5 Leçonen un. D'Zuel vun de Schüler geet also sensibel rop par rapport zum Juni 2022. A voir, wat sech bis Enn Juni/Uganks Juli deet, an ob et, wéi scho sou oft, zu enger weiderer Hausse vum Contingent kënnt. Éischt Tendenze weisen an déi Richtung. Hors Contingent fält awer op, dass mer 2 voll Poste Cours d'accueil bäikruten, grad wéi zousätzlech 5 Stonnen IEBS. A last but not least huet de MENJE eis och nach

23 Stonne fir de Projet Wildnispädagogik accordéiert, also eng ganz Tâche, wouropper ech wéilt nach eng Kéier e bësse méi spéit zréckkommen. Da wäerten ab der Rentrée och déi éischt AEBSen, Assistants pour élèves à besoins spécifiques, u verschidde Schoulen uechtert d'Land affektéiert ginn. An den nächste Jore soll da jidder Schoul sou en AEBS kréien, deen den IEBS assistéiert. Eng wierklech gutt Saach.

Zum Precoce. D'Zuel vun den Aschreiwungen ass wéi gesot e bësse eropgaangen op 144 Kanner. Wat awer effektiv opfält ass, dass dëst Joer vill méi Elteren hiert Kand an den E-Grupp, dat heescht d'Ganzdagesbetreiung, déi och vill Virdeeler bitt an a Konkurrenz mat de private Crèchë steet, ageschriwwen hunn. 101 Aschreiwungen, ech hat gemengt, et wären der 107 gewiescht. Soit. E Plus vun 28 Kanner jiddefals par rapport zu dësem Schouljoer sinn et. 94 Kanner kënne vum SEA ugeholl ginn, well mer, wéi gesot, eisen Agrement musse respektéieren. 9 Kanner sinn op der Waardelëscht. Déi erfëllen net all Konditiounen, soit, dass d'Demande net skomplett war/ass, soit dass een Elterendeel doheem ass, oder, oder, oder. Déi 94 Kanner sinn awer lo net an all Prestatioune vun der Maison Relais ageschriwwen, och net fir d'Restauratioun, wou d'Moyenne bei ongeféier 85 läit. Op där anerer Säit sinn da just nach 37 Kanner an de Gruppen A a B ugemellt, e Minus vun 20 Aschreiwunge par rapport zu 2022/2023. D'Zuele vun de Kanner pro Plage ginn an d'Luucht. An zwar op 15,7. Moyennë mat méi wéi 16 Kanner si souzesoen an alle Klassen, ausser Brill, Lenkeschléi a Ribeschpont. A voir op effektiv d'nächst Joer de Butschebuerger Precoce nees muss aktivéiert ginn. Mir hu jo lo nach ee Grupp fräi. Et ass nach ervirzehiewen, dass de Service et awer fäerdegbruecht huet, e puer Elteren ze motivéieren, d'Kand an eng aner Quartiersschoul anzeschreiwen, fir eeben dann awer an de Genoss vun de Prestatioune vun der Ganzdagsbetreiung ze kommen. Et ass gesot ginn, d'Elteren doe sech schwéier, fir dat ze maachen, mee op déi aner Manéier muss ech awer och soen, ob een d'Kand elo effektiv an eng Crèche féiert oder an en anere Quartier, oder an eng aner Quartiersschoul, wou eng Maison Relais ass, also wou nach Plazen an engem Precoce fräi sinn, schéngt mer lo awer net dat gréisste Hindernis ze sinn.

Zu den Cyclen 1-4 allgemeng komme beim Cycle 1 Kanner bäi. 21 Stéck. Dat sinn der jo relativ vill. D'Zuel vun de Klasse geet deemno ëm 3 Unitéiten iwwer Diddeleng vu 27 op 30 Klassen erop. Doduerch fält d'Moyenne awer pro Klass op 15 Schüler, a well se also ënner 16 läit, ginn dann och d'Joer 2023/2024 erëm eng Kéier 24 Appui-Stonne verluer. Änlech gesäit et am Cycle 2-4 aus. Do gëtt et netto eng Klass manner. D'Moyenne pro Klass bleift awer ënner 16, sou dass et och hei zu engem Minus vu 24 Appui-Stonne kënnt. Ech soen et all Joers erëm: wann Appui-Stonnen ewechfalen, dann deet dat wéi. Wéi an der Vergaangenheet ass d'Verdeelung vun den Appui-Stonne tëscht de Presien awer fair an an engem gesonde Geescht mat Bléck fir dat Ganzt gutt ofgaangen. Dëst weist sech um Beispill vun der Schoul Brill. Ech war zwar iwwerrascht, wou de Cycle 1 ganzer 23 Stonnen Appui verléiert. Warscheinlech zu Recht, well se warscheinlech es ze vill haten, fir sou d'Appui-Stonnen iwwer Diddeleng ze equilibréieren. Wann ech déi eenzel Gebaier kucken, Butschebuerg, do begréisse mer dass am 4.1. en Team-Teacher fir d'Haaptfächer agesat gëtt. Vu dass den aktuellen 3.2. mat 22 Kanner e schwieregt Joer duerchlieft huet, wou et bei méi wéi engem Schüler zu schoulesche Retarde komm ass.

Um Däich ass d'Alphabetiséierung op Franséisch, déi lo ufänkt am Cycle 2.1. Do war meng Fro am Fong geholl, d'Eltere si jo gutt informéiert ginn am Virfeld fir sech ze entscheeden, ob se d'Alphabetiséierung op Däitsch oder op Franséisch maachen. D'Fro ass einfach, wéi vill Kanner sinn et da lo schlussendlech, déi déi franséisch Alphabetiséierung maachen? Do war ech och iwwerrascht, dass de Projet CASE, dee wierklech e bëssen de Projet-phare war vum Däich, leider agestallt gëtt. Eng Fro, déi sech am Fong erüübregt: War kee méi ze iwwerzeegen, dee Projet weiderzeféieren oder gëtt et do en anere Grond, Joël? Du kanns eis dat bestëmmt herno soen.

Bäi Gaffelt komme mer an deen alen, ech wëll net soen ale Rhythmus zréck. D'Gaffelt huet fréier ëmmer d'Kanner vum Dr. Colling a Mertens-Haus empfaangen. An herno si jo duerch Mangel u Personal an deene Foyeren, d'Formule gewielt, fir léiwer an ee Gebai ze goen. An dat war an där Zäit op der Gaffelt net méiglech. Dofir si se dann op de Strutzbierg gaangen. Mir empfänken an der Gaffelt, also „mir" soen ech, ech hunn dat nach ëmmer do sëtzen, no 35, 36 Joer Gaffelter Schoul. Also d'Schoul Gaffelt iwwerhëlt eng Partie Kanner aus den neie Gruppe vum Foyer ProFamilia fir d'Schoul Strutzbierg sou ze entlaaschten. Um Ribeschpont gëtt weidergefuer mat 2 Precocen, sou datt eng zousätzlech Klass am C.1. et noutwendeg mécht, dass eng Klass vum C.2.4. an dat neit Gebai muss plënneren. Hei hu mer dann och e Beispill als kleng Replik zur Madame Kayser, wou virdru gesot hat, um Strutzbierg misst eng Klass dann eraus goen an en anert Gebai, fir dann op eng Kéier à part vum Cycle ze schaffen. Hei ass et dann och esou. Also ech mengen, et kann een net alles maachen, et muss ee vu Joer zu Joer kucken, dass een et iergendwéi gebéit kritt.

Bon, zum Schwamme wollt ech awer och nach soen, dass mir et als Fraktioun begréissen, dass eisen C.1 ëmmer nach wärend der Bauphas vun där neier Schwämm um Strutzbierg trotzdeem 10 bis 12 mol am Joer Schwammunterricht am Hartmann kritt. Ab dësem Joer muss dann all Enseignant, deen och en Turnposte wielt, e Schwammbrevet hunn, dee vun eisem Service des sports unerkannt gëtt. Ze begréissen ass och d'Zesummenaarbecht mat den Elteren, wéi gesot am Projet Balzeng, wou d'Leit dann och kënne bei der Planung vun deem neie Schoulgebai mat assistéieren. Ech wollt awer do och nach begréissen dass de Projet „Sécher Schoul", wou mer am 5. Schouljoer méi wäit am Projet sinn, déi aner zéien no, gudden Uklang fënnt. Voilà, da wéilt ech och nach e puer Wuert zum PEP soen. Dat ass een Deel vun der Schoulorganisatioun, wéi d'Josiane gesot huet. Jo, och dem Erni Hoffmann a senger Ekipp en décke Merci fir d'alljärleche Plan d'encadrement périscolaire. De PEP besteet aus 2 Deeler. Opgedeelt an en éischter administrativen Deel mat der Opzielung vun den Infrastrukturen an dem ganze Personal, wat jo mëttlerweil immens gewuess ass. An awer

och aus engem pedagogeschen Deel. An hei gefält mir besonnesch déi eenheetlech Presentatioun ganz gutt ronderëm déi 6 Aktiounsfelder. D'Aktivitéiten SEA/Schoul an d'Aktivitéiten SEA/Kanner an Elteren, Entwécklung a Kompetenzen, Infrastrukturen a pedagogescht Material, professionellen Austausch a Reseausaustausch mat de Servicer. Dat liest sech da gutt an et kann een och da ganz liicht e bësselche Maison Relais mat Maison Relais vergläichen.

Fir dass e PEP gutt fonctionéiert, gutt fonctionéiere kann, ass et e Must, dass d'Zesummenaarbecht tëschent Schoul an SEA gutt fonctionéiert. Dofir ass et extrem wichteg, dass d'Kommunikatioun stëmmt. Vu dass mer vill Wiesselen am SEA haten an och nach heiansdo hunn, ass dat net ëmmer sou einfach, fir dat duerchzezéien. An ëmmer wann nei Leit komme muss erëm e frësche Prozess duerchlaf ginn. Den Erni huet an Aussiicht gestalt, en aktualiséierte PEP am Oktober ze presentéieren, grad wéi och e Bilan vum Joer virdrun. Dat ass eng immens gutt Iddi. Well effektiv gesi mer ëmmer vill Iddien a Projeten, awer hu kee Feedback vun deem wat realiséiert gëtt a wéi et ofgelaf ass a wou et Schwieregkeete ginn huet. Ech fannen dat eng ganz luewenswäert Saach. Ech wëll net op all déi Aktiounen agoen, déi am PEP stinn, dat sinn der immens vill, et sinn der och vill, déi erëmkommen, an et sinn der och vill, déi effektiv kloer definéiert sinn, also déi mussen erëmkommen. Dat ass e Prozess, dee weidergeet de PEP. Dat ass net, dass de vu Joer zu Joer carrement am weesentleche géif änneren.
Ech wëll dann nach eng Kéier op de Projet Wildnispädagogik zréckkommen. De Projet ass immens interessant. D'Josiane an de Walter an ech haten eis den 23. September 2022 fir d'Presentatioun ageschriwwen, op engem Samschdeg Moien. Et war e ganz flotten Dag mat interessanten Aktivitéiten, déi mer natierlech wéi och d'Leit aus der Direktioun, déi deen Dag do waren, alles matgemaach hunn. Vu Bastelen, vu Schnëtzen, vu Kachen, et war wierklech flott. Et huet een dat flott vermëttelt kritt. Also selwer war een herno ganz ausgeglach a ganz relaxed. Also wéi gesot, an der frëscher Loft, dat mécht immens vill aus. Wierklech ganz flott.

De Projet huet och groussen Uklang bei de Schoulen an de Maison Relaisen direkt fonnt, sou dass gläich nom Ufank vum Schouljoer 2022/2023 no kuerzer Zäit alles ausgebucht war. Ervirzehiewen ass, dass d'Presidente schonn d'lescht Joer eng 7 Stonne vun den Appui-Stonne fir de Projet hierginn hunn. Sou dass déi zwou Léierinnen d'Méiglechkeet haten, eng hallef Tâche am Projet ze schaffen. Zesumme mam Ben Wutz, dem Educateur vun der Gemeng, konnte si 22 Klasse 4x ee bis annerhallwen Dag an dësem Schouljoer empfänken. Dëst Joer kommen also gläich 23 Stonnen hors contingent vum MENJE bäi. Dëst nodeem den Här Meisch sech selwer och vun deem Projet iwwerzeege komm ass. Do musse mer dem Joël Merci soen, dass hien en iwwerriet kritt huet, fir heihinner ze kommen an och d'Josiane natierlech. D'Presidenten hunn och dëst Joer nees 7 Stonne fir de Projet hierginn. Dat wëll ech awer och nach eng Kéier ervirsträichen, well dat ass net sou richteg rauskomm. Sou dass déi zwou Léierinnen elo 15 Stonnen hunn, fir am Projet ze schaffen. Dat heescht, si kënne sech anescht organiséieren, mee et feelt erëm iergendwou den Educateur fir effektiv kënne Saachen ze dedoubléieren. An ech mengen do lafe jo och Gespréicher, fir sech nei ze orientéieren. Dat muss ee kucken. Warscheinlech ginn elo méi Klassen a méi Maison Relais-Gruppen do kënnen empfaange ginn. Ech wéilt ofschléissend awer och nach eng Kéier der ganzer Ekipp vun der Santé scolaire an dem Myriam Keller Merci soen.

Dëst well an der Schoulkommissiounssitzung vum 25. Januar hire Rapport vun 2021/2022 presentéiert gouf, nodeems et am Hierscht 2021 erëm lassgaange war mat de verschiddenen Examen. Mee net nëmme medezinesch Exame vun de Kanner si gemeet ginn, mee och 42 PAIe - Plan d'accueil individualisé - fir d'Maison Relais. Dann ass Sozialaarbecht ganz héich op der Lee an Éducation à la santé. A vu dass eenzel Atelieren nach deemools net konnte stattfannen nach deemools waren op Initiativ vum Myriam zesumme mam Service des sports Vëlosatelieren organiséiert gi fir all Klasse vum Fondamental an den interesséierte Maison Relaisen. D'Manon huet eemol pro Woch deemools Yoga-Coursen offréiert. Si hunn och de Projet Wibbel mat enger méi klenger Zuel vu Kanner weidergefouert. Heiansdo mat där enger oder aner Ënnerbriechung duerch de Covid nach déi Zäit. Bravo am nachhinein fir den Engagement, fir déi exzellent Aarbecht, déi dëse Service geleescht hat, awer och nach ëmmer weiderhi leescht.

Voilà, dat waren dozou meng puer Bemierkungen. Merci. Hei hunn ech nach eppes gesinn. Dat war zu där Geschicht mat de Schoulhäff als Spillplazen. Ech wollt just nach déi Remark lassginn, dass dat deemools am Fong geholl net einfach sou agefouert gi war fir d'Schoulhäff zouzemaache fir d'Kanner, déi net an der Maison Relais ageschriwwe sinn. Dat huet seng Virgeschicht gehat, a mir hunn eis dat deemools och laang iwwerluecht. Dat war zu menger Zäit nach geschitt, muss ech éierlech soen, a wierklech am Interessi vun der Sécherheet. Dir musst Iech dat virstellen, ech huele lo einfach erëm eng Kéier de berüümte Schoulhaff Gaffelt, dat ass en Duerchgangsschoulhaff gewiescht. Dat heescht, do sinn ëm 14:20 d'Kanner aus dem Nic Biever uewe vum Alliance-Terrain, déi sinn dann dohinner komm. Näischt géint näischt, mee wéi gesot, si hu Stunk gemaach. Dat heescht d'Kanner, net nëmmen eleng déi, déi do gespillt hunn, mee och d'Kanner vum SEA oft belästegt . Et ass virdru gesot ginn, da maache mer e Schëld, wou mer dropschreiwen, dass d'Personal och deenen eppes ze soen huet. Mee dat geet net sou einfach. Ech muss Iech dat ganz éierlech soen. Also dofir muss een och an där Hisiicht ganz gutt nodenken, ob een dat wierklech net op eng gewëssen Zäit begrenzt, well et ass net einfach, wann der e Grupp hutt vu 50 Kanner an der Maison Relais. An dann op eng Kéier sinn 10, 15 Kanner dertëschent, déi sech dertëschent mëschen. Dat ka ganz gutt sinn, dat kënne ganz léif Kanner sinn, mee dat kënnen och een, zwee Kanner, Jugendlecher dobäi sinn, déi Stunk maachen an déi effektiv déi aner Kanner mat a Gefor bréngen. A gleeft mer et, do kann en Educateur, eng Educatrice soe wat se wëll, dat gëtt net sou akzeptéiert.

Dofir ass dat komm, dass op eng Kéier gesot ginn ass, komm mir maachen d'Schoulhäff wärend der SEA-Zäit zou. Si mussen net bis zum Schluss zougemeet ginn. Et

gi jo och vill Kanner, déi ginn ab 17:00 schonn ofgeholl. Ech denken dass et do ganz gutt méiglech wär, fir do rëm opzemaachen. An der Vakanz gesinn ech och vläicht manner Problemer, well do souwisou e bësse méi Mouvement ass an deem Ganzen. Och d'Gruppe vum SEA, déi e bësse méi doruechter op aner Sitte ginn. Et muss een dat iwwerleeën. Et däerf een dat net einfach sou soen „Mir hätten dat gären" a „Mir sinn awer der Meenung dass". Wann engem Kand, dat dann net am SEA ass oder engem Kand, dat dohinner geet, eppes geschitt, da werfe mer dat Ganzt erëm eng Kéier frësch op. An dofir muss een dat nach eng Kéier ganz grëndlech duerchdenken. Et war net fir näischt gemeet ginn. Merci.

THESSY ERPELDING (DÉI LENK): Jo, Merci fir d'Wuert. Merci Madame Di Bartolomeo, Josiane, Merci fir all Deng vill Erklärungen, déi mer hei am Gemengerot an och ëmmer an der Schoulkommissioun kréien. Och do stécht vill Aarbecht dran. Merci dem administrative Staff vum Schoulservice, dem SEA, der Schoulmedezin, der Direktioun an den Enseignanten. An ech hoffen, ech hu kee vergiess. Dir maacht all eng super Aarbecht. Do stieche vill Stonnen dran. A wéi ech scho gesot hu bei der Museksschoul éineschter war dëst Joer och nach alles e bëssen éischter, wat dann och vill erfuerdert.
Jo, et ass elo scho souvill gesot a gefrot ginn. Wann d'Madame Kayser, den Här Zuang an d'Madame Heinen hei bis geschwat hunn, dat sinn allen dräi quasi Experten am Fach duerch hir Aarbecht, ech mengen do huet et kee Wäert, dass ech elo nach vill derbäisetzen. Ech mengen et ass praktesch alles erwäänt ginn. Et huet och kee Wäert, dass ech elo widderhuelen an Zuelen zitéieren. Och e groussen Deel vu menge Froe si scho gestallt ginn. Ech kucken op d'Auer, an ech mengen net, dass dat e Wäert huet, dass ech hei Widderhuelunge maachen. Ech hale mech dofir ganz kuerz. Ech hunn natierlech och alles am Detail gekuckt, a mir haten déi Dokumenter jo och an der Schoulkommissioun virgestallt kritt. Dat ass iwwregens eng Kommissioun, déi wierklech ganz lieweg ass, wou vill diskutéiert gëtt an een dann och als net direkt Betraffenen e gudden Abléck a verschidde Sujete kritt. Diddeleng ass, dat kann ee roueg sou soen, allgemeng relativ gutt opgestallt wat d'Schoulen ugeet. Ech mengen do gëtt et net ze vill ze kritiséieren. Et leeft gutt. Mir hu gesinn, de Klassekontingent ass relativ kleng, ënner 16 hu mer gesot kritt a gesi mer an de Klassen.

Zum Sujet Balzeng, jo do waarde mer drop. Dat ass schonn e puer Mol gesot ginn, do si mer natierlech virwëtzeg, wat mer do presentéiert kréien eng Kéier, mir oder aner Vertrieder hei. De Sujet vum Zougang zou de Schoulhäff. Jo eigentlech si mer och do der Meenung, dass een dat net ka verspären. Mee den Här Zuang huet awer d'Diskussioun opgeworf a wierklech och fir méi wäit ze kucken, ass dat effektiv e schwierege Sujet, an do geet et ëm Responsabilitéiten. A sou laang, wéi alles gutt leeft, ass kee Problem. Déi éischte Kéier, wou eppes geschitt stellt sech natierlech d'Fro, do muss een dat effektiv wäit iwwerleeën, an ech fäerten do gëtt et keng richteg gutt Léisung fir jiddereen. Da just eng Fro zou der Schoul Brill. D'Container stinn. Ass do alles färdeg geplangt? Am Prinzip, wann ech do de richtegen Timing am Kapp hunn, dat sollt et am September lassgoen, wou d'Klassen dann an de Container ginn. Do wollt ech einfach just froen, ob dat scho geplangt ass? Mer begréissen dann natierlech och de Pilotprojet fir d'Alphabetisatioun op Franséisch. Ech si gespaant wéi et do weidergeet, wéi et iwwerhaapt uleeft a wéi et da weidergeet. Wéi den Här Zuang och gefrot huet, wier och meng Fro gewiecht wéi vill Schüler schlussendlech do ageschriwwe sinn. Wat d'Waldschoul ugeet, och dat hate mer an der Kommissioun beschwat, dat ass wierklech richteg flott, dass do de Kontingent eropgesat gëtt. Merci och deene Presidenten, déi do Stonnen ofginn. Zum PEP: Déi nei Opmaachung - och den Här Zuang ass am Detail drop agaangen - ass wierklech richteg flott, iwwersiichtlech an et huet eigentlech richteg Spaass gemaach, sou en Dokument ze liesen. Wann eng Opmaachung flott ass an agedeelt ass, dann ass et sécher méi interessant et ze liesen, wéi wann et en dréchenen Text ass. Voilà, dat war eigentlech alles, wat ech ze soen hat an ech soe Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci och der Madame Erpelding fir hier Stellungnam. Ech mengen dann hätte mer d'Ronn hei vun de Fraktioune färdeg. E puer Stellungname komme säitens vun eise Kolleegen hei, nodeems jo hei och Froe gestallt goufen. Da géif ech fir d'éischt dem Joël Michaux d'Wuert ginn a villäicht och dem Erni. Joël?

JOËL MICHAUX (DIREKTIOUN VUM ENSEIGNEMENT FONDAMENTAL): Merci Här Buergermeeschter, Merci Dan. Wéi all Joer fir d'éischt emol e grousse Merci un déi, déi net hei kënne sinn. Dat sinn d'Enseignanten an d'Leit aus dem SEA Beräich, déi elo bei de Kanner sinn. Dat sinn am Fong déi déi all Dag de Kapp dohinner halen an dat ganz gutt maachen. Ech wollt vläicht chronologesch op déi eenzel Punkten agoen. Et ass scho gesot ginn, et koum relativ vill elo. Vläicht fir d'éischt zu den IEBSen: Et ass elo net sou, dass mer einfach fënnef Stonne bäikruten. Dat ass eng Majoratioun déi eng Madame ugefrot huet, déi net ganz geschafft huet, déi opgestockt gouf op 100%. Dat ass d'Madame Fourné an et ass do, wou déi Stonnen hierkommen. Dat heescht mir hunn am Moment do nach e Sputt vun enger hallwer Tâche um Däich. Wat leider net sou einfach ze fëllen ass dat Lach, well déi mannste Leit eeben nëmme hallef wëlle schaffen. Do schaffe mer all Joer drun mee et geléngt eis net.

Da vläicht direkt zu den AEBSen well dat nach eng e bësse méi grouss Inconnue ass. Dat ass den Avantprojet de Loi 8169. En ass laascht de Staatsrot, dierft also gläich gestëmmt ginn. D'Tâche ass festgehalen, wat déi Leit solle maachen. Wat elo eis Aufgab ass, ass éischter - wat mer scho gemaach hunn, ass e Listing eraginn am Ministère, wou mir d'Prioritéite gesinn - well se an Tranchë vun 3 Joer agestallt ginn, wat net esou einfach war. Mir hunn dat gemaach. Elo musse mer kucken, wéi mer mam Rekrutement ëmginn, well se ginn an d'Schoulen affektéiert. Se sollen ënnert der Tutelle vum IEBS funktionéieren. Dat heescht et ass un eis, d'Schnëttstellen ze definéieren. Mir wäerten dat zesumme mam Comité mat dem jeeweilegen IEBS maachen. Déi Tâche ass net déi einfachst, mee et ass eng déi mer zënter Joren als Kolléisch vun den Direkter an ech notamment froen a mir hu se lo kritt. Ech men-

gen dat ass gutt. Dat wäert eng wäertvoll Hëllef fir d'Schoule ginn. An dann ass et un eis, eis esou opzestellen, dass et duerno och bei de Kanner ukënnt. Dat dauert elo nach e puer Wochen, mee ech kann net méi Detailer dozou ginn.

D'Museksschoul - Josiane, Du has dat gefrot: Ech hat eng Entrevue virun enger Rei vu Méint mam Bob, dee virdrun hei war a mer haten - ech weess net, ob hien virdrunner eppes dozou gesot hat - den 1. Projet gemaach, wou et einfach drëms gaangen ass, dass d'Diddelenger Kanner d'Instrumenter kenneléieren. Do hate mer Full House OpderSchmelz an dat war wierklech e rise Succès. An ech war och virun enger Rei Méint an der Stad invitéiert mam Minister. Do huet d'Museksschoul - also de Conservatoire am Fong geholl mat der Hollerecher Schoul owes e Spektakel opgefouert. Dat war wierklech richteg flott. Ech hu lo eng Reunioun mam Bob wou mir zesumme kucke fir villäicht eppes Änleches zu Diddeleng ze entaméieren, mee d'Detailer feelen. Mee mir wollten an déi selwecht Richtung goen. En plus ass eng Circulaire komm vum Lacours Gilles a mir wäerten do eppes maachen och zu Diddeleng. A voir.

Ech mengen da wäre mer schonn eigentlech beim Michèle senge Froen. Du has et ugeschwat: D'Etüd vum LUSET punkto Precoce. Ganz gutt! Déi Schlussfolgerungen, déi do rauskommen, spillen eis och an d'Kaarten. D'autant plus well mer nach eng 2. Etüd um lafen hunn, déi awer europäesch ugesidelt ass - Pioneered - déi eng änlech Ënnersichung mécht an der Kollaboratioun SEA. An ech mengen dass mer do hei als Gemeng zënter Joren op deem richtege Wee sinn, fir souwuel dat Eent wéi och dat Anert ze ënnerstëtzen. Well do kënnt ganz kloer eraus, dass Kanner, wou Kollaboratioun SEA/ Schoul ass, och schoulesch besser ofschneiden, wat awer ganz interessant ass. Dofir gëtt et kee Grond dat net weider esou ze maachen, wéi mer am gaange sinn.
Bon, dass d'Zuele geklomme sinn - Erni, ech weess net ob's du dozou eppes duerno wollts soen? Dat ass net elo zu Diddeleng eleng de Fall. Mir hunn en änleche Phänomen zu Keel. Dat schéngt e bësse flächendeckend esou ze sinn. Ech wëll awer dozou och nach präziséieren - du has déi éischt 1000 Deeg ugeschwat - mir dechargéieren nach eng Persoun, net nëmmen an d'Waldschoul Stonnen, mee d'Madame Olinger bei den ONE, dee mam Eltereforum zesummen ebe genau dat doten ausschafft: Wéi begleede mer d'Elteren déi éischt 3 Joer, ier se mol an de Precoce ginn? Dat ass och eng Diddelenger Mataarbechterin, déi dat mécht.

De Projet Alphabetisatioun: Natierlech e groussen Dada bei mir och, well mer dee schonn eigentlech viru 15 Joer bei der Virgängerin vum Minister gefrot haten. Do war et e bëssen an den Diskussiounen ënnergaangen. Romain, Du has gefrot no den Zuelen: Et sinn 13 Kanner. Dat fannen ech ass ganz gutt. Mir hunn awer och e groussen Invest gemaach, wat einfach weist, dass ganz vill Inconnuen do sinn, an ech mengen och dass dat legitim ass bei den Elteren. Mir haten eng éischt Soirée, wou souwuel d'Josiane wéi och den Dan dobäi waren. Do hate mer awer e Public-cible, dee mer eis net erwaart haten. Mer hate ganz vill Leit do aus dem serbokroatesche Raum, ukrainesch... Mir haten éischter mat franséischsproochegem, maghrebineschem, portugiseschem Hannergrond gerechent, sou dass mer eeben op d'Enseignanten gezielt hunn, déi an den Bilansgespréicher am Dezember et fir d'éischt ugeschwat haten an dann an engem ganz opwännegen Portfoliosowend virun Ouschteren dat nach eng Kéier wollten dokumentéieren, wat déi richteg Richtung ass a mir hunn do awer och eng zweet Soirée um Däich selwer an der Klass nach eng Kéier organiséiert. An ech mengen dat war den Declic. Do hunn d'Eltere wierklech adheréiert. Dat war den Opwand wäert.

Ech mengen, dass dat ganz gutt wäert ulafen. D'Schoul ass ganz gutt opgestallt. Mir hu ganz vill Reuniounen natierlech, mee et gëtt sech ganz vill Gedanke gemaach, notamment iwwer Material, iwwer Bicher natierlech och, mee iwwer sënnvoll Aktivitéite virun allem, wéi een déi Sprooch soll un d'Kanner bréngen. An ech woen elo schonn ze prognostizéieren, dass et och Repercussiounen op d'Däitsch wäert hunn. Well och do wäert eng Kéier en Ëmdenke kommen am Däitsch Spracherwerb. Mee dat ass dann à voir.

Michèle, Du has gefrot nom nationalen, nom Futur. Ech menge mir hu lo mol e Projet drop. Och do hu mer de LUCET hannendrun, dee seng Etüd wäert drop setzen. Éischt Repercussiounen a Schlussfolgerungen wäert do rausfannen an och zéien. Wann ech sou d'Demanden duerch d'ganzt Land kucken an och d'Gespréicher - den Inhalt vum Discours - schéngt et mir schwiereg ze sinn, do nach eng Kéier e Schratt no hannen ze maachen. A mer schwätze jo hei lo vun 13 Kanner, Diddeleng. D'Chiffere sinn iwwregens änlech op deenen dräi Projeten, wat jo och interessant ass. Dat heescht dass mer net sou e rop an erof hunn. Wann een d'Gesamtpopulatioun zu Lëtzebuerg kuckt, déi kéinten dovunner profitéieren - mee bon, dat ass un enger nächster Regierung natierlech elo ze kucken, mee ech menge schonn dass mer do déi richteg Conclusioune wäerten zéien, déi eis och an aner Méiglechkeete wäerte bréngen, wat de Futur vun deene Kanner ugeet. Et muss een natierlech och soen, do hänkt de Lycée hannendrun. Och do si mer hei zu Diddeleng gutt opgestallt, well de Schmartzen Yves, mäi Confrère do matschafft, an elo schonn denkt, wat mat där Kohort kënnt, déi iergendwann an de Lycée. A voir wann nach aner Projete komme lénks a riets, mee ech mengen dass mer dat hikréien an déi néideg Plazen fir d'Kanner fannen, déi elo bei eis am Fondamental sinn.
De Sallproblem ass och geléist, Josiane. Merci dofir. Mir hunn am Däich - an dat ass och wichteg - mir hunn um Däich dee Sall dobäigesat. Dat ass beim Här Schrottner laanschtgaangen. Dat heescht mir hunn do den Accord fir um Späicher, wou den alen psycho-mot Sall war, deen als Klassesall kënnen ze notzen, en vue vum Ausbau vum Däich souwisou, wou dann och nach zousätzlech Säll kommen, wann dat an den 3 duerno weidergeet, wou vläicht méi Gruppen och nach entstinn, well mer elo nach net wëssen, wéi d'Adherence am nächste Joer vun de Kanner ass, déi elo an den 1.2. kommen. Dat ass dann ze kucken.

Schoulmupp: Mir hunn der zwee. Mir hunn och den Dylan an der Gaffelt-Klass. Schmitz. Ech verstoppen hei net, dass ech dat e bësse mitigéiert ufanks gesinn hunn, mee ech gi mer déi Saachen da jo och ukucken an dat ass schonn eng Plus-value, well an där Klass

ass och e Kand wat net esou en einfachen Alldag huet an et ass scho bewonnerenswäert, wéi roueg dat dann ofleeft. Dat huet scho seng Plus-valuen, wann et net d'Iwwerhand hëlt. Michèle, hunn ech Deng Froe beäntwert plus minus? Jo, zwee Mol. Mir hunn e ganze Vademecum ausgeschafft, de Cloosse Philippe an ech, also notamment d'Simone an och d'Adjointe bei him, déi geet elo och national duerch de Kolléisch. Mir maachen do eng ganz propper Saach. Dat ass och mam Camille Strottner kloer ofgekläert. Dat ass net dass mer einfach Muppen do an d'Schoul lafe loossen. Dat ass scho relativ opwänneg, wat een do muss maachen, fir dat iwwerhaapt, souwuel vun der Gemeng, wéi och vun eis, duerchgewonk ze kréien.

CASE war eng Fro. Effektiv fënnt deen elo net méi statt. Et war - jo - e Bestriewe vun deem, deen dat gemaach huet, och rëm eng Kéier eng aner Tâche kënnen ze maachen. Et war net den Haaptgrond. D'Schoul ass am gaange sou gutt opgestallt ze sinn am Léisungsteam, wou et net op de Schëllere vun engem läit, mee gedeelt ass mam SEA zesummen deelweis, virun allem mat der ESA zesummen, dass de CASE - e wär ëmmer néideg gewiescht, mee dat hei ass besser fir de Gesamtpackage, well et net vun Engem ofhängeg ass. An dat ass a mengen Aen eng gutt Entwécklung an ech si frou dass déi fënnef Schoulen, mat méi oder manner staarker Entwécklung, dat ass jo och normal. Ech mengen et ass eng déi als éischt ugefaangen huet, déi aner zéien no, am gaangen ass, sech op den nämmlechte Level ze bréngen. De Strutzbierg, do ass et signifikant, wat mir do manner Meldungen hunn a Parquetsmeldungen. Där sinn der do, mee et ass net méi esou, wéi et viru 4 Joer war, wou bal net méi u Schoulhalen ze denke war. Also dat huet scho seng Plus-value mat sech bruecht.

D'staatlech Kannerheemer goufen och ugeschwat. Romain, ech mengen dat waars du. Mertenshaus has De gesot, gell? Ech wëll och just do soen, dass mer elo eng Entrevue wäerten hunn awer nach eng Kéier mat hinnen, fir d'Iwwergäng déi beim Michèle do ganz gutt funktionéieren, fir dat ëmmer rëm ze peaufinéieren. Et geet schonn domat un: Wéini bréngen mer d'Kanner an d'Klass? D'Josiane ka villäicht eppes dozou soen. Bleiwe se all um Strutzbierg? Huele mer d'Gaffelt dobäi? Se sinn am permanente Reajustement. Dat ass jo och gutt esou. Ausser d'Waldschoul, déi bei mir batter Spueren hannerlooss huet, well den Här Buergermeeschter an den Här Minister besser schnëtze konnte wéi ech. Mee ech mengen, dass et eng gutt Saach ass, dass mer do Stonne bäikruten an och e grousse Merci de Presidenten, dass et 7 Stonnen dobäigoufen. Dat erlaabt emol an enger éischter Phas, dass hir Horairë kënnen iwwerlappen. Virdrunner war et vill méi schwéier sech ofzeschwätzen. Dat heescht et ass um gudde Wee. Den Educateur, do musse mer ofwaarden. Ech krut do nach kee Retour. Mir haten - just fir ze präziséieren - net nëmmen déi Stonnen Enseignement ugefrot, mee och e ganzen Educateur. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Da soen ech vun dëser Plaz aus dem Joël Michaux Merci a ginn d'Wuert weider un den Erni Hoffmann fir de Volet SEA.

ERNEST HOFFMANN (SERVICE ÉDUCATION ET ACCUEIL): Bon, ech hat elo als Haapttheme fir eis elo zréckbehalen, nieft deenen aneren Themen, déi natierlech ëmmer iwwerschneidend sinn, e grousse Merci nach eng Kéier a mengem Service un alleguerten déi Leit, mat deene mer däerfen deeglech zesummeschaffen, wéi och hei am Haus. Den Erni Ferrari mat sengem Service, wéi och de Joël Michaux mat senger Direktioun, den Enseignanten natierlech och. A virun allem och eisem Schäfferot, deen eis ëmmer ënnerstëtzt. Dat ass e flott Schaffen. Haaptpunkten, dat ass natierlech de Precoce. Dat ass eng enorm Aarbecht. Wann ee vun enger 100 – 120 Kanner schwätzt, par rapport zu deenen aneren 1800, dat mengt een net, wat dat fir en Opwand ass. An do sinn eis Mataarbechter, déi ganz staark agebonne sinn, hin an hir ze spillen, fir dass een och e Maximum vun de Kanner och an déi Ganzdagsbetreiung kritt. An do zum Gléck, heiansdo ass et e Virdeel, an herno ass et fir d'Elteren eeben net méi sou, kann een nach e bëssen an de Quartieren hin an hier manövréieren. Do ass et scho flott fir déi Zuel vu Kanner, déi mer do kënnen accueilléieren. Dat ass eng ganz flott Saach. Vläicht eng kleng Parenthèse zur Gratuité/Non-Gratuité. Jo, wann een an eng Crèche geet, da muss een de ganzen Dag bezuelen. Wann een en Auto huet an et däerf een an de Precoce goen, huet een dee klenge finanziellen Avantage, dass een déi Schoulstonnen net bezilt, mee d'Maison Relais schonn. Mee ech mengen déi ganz Plus-value par rapport zu der Entwécklung vum Kand ass jo wierklech méi schwéierweiend, an et ass genau dat, wat ee muss eraushiewe wat wichteg ass.

Wa mer scho bei der Gratuitéit oder beim Bezuele sinn. Jo, mir haten an der Schoulkommissioun gesot, mir kucke wat dat lo gëtt mat eise Summeraktivitéiten, well déi jo wärend deenen 3 Wochen eng aner Tarifikatioun hu wéi de Rescht vun all de Vakanzen. Fir d'Elteren, wéi gesot, nach eng Kéier kuerz widderhuelen: Nei dëst Joer d'Gratuitéit fir déi schoulflichteg Kanner. Precoce net, wat d'Schoulwochen ubetrëfft an d'Iessen. Zu Diddeleng awer, well mer schonn ëm 06:30 op sinn, och nach eng kleng Parenthèse, do muss ee wëssen 06:30 bis 07:00 muss bezuelt ginn. Vum Gesetz hir ass d'Gratuitéit nëmme vun 07:00 bis 19:00 an de Schoulwochen. Dat ass awer kee Problem. Mir hunn do einfach déi Plage horaire schonn opgespléckt an der Inscriptioun. A mir gesinn och en netten Ënnerscheed tëschent dem 06:30 – 07:00 an dem 07:00 – 07:45/07:50. Dat ass déi eng Saach. Bei den Inscriptiounen huet dat elo net déi Repercussioune gehat. Wann een och wëllt vun de Summeraktivitéite profitéieren oder bewosst d'Kanner mol do aschreiwen, wou eng aner Tarifikatioun ass. Dat heescht, 3 Stonne den Dag nëmmen zu bezuelen, par rapport zu deenen anere Schoulwochen am Joer, also Vakanzewochen am Joer, wou ee ganz bezilt. Et muss ee lo soen, d'Aschreiwungen, dass een dat elo net sou spiert.

Mir si bei deene 500 Kanner, déi mer och schonn d'lescht Joer hate fir déi 3 Woche Summeraktivitéiten. Déi Zuelen hu mer jo frësch säit enger Woch. Do war den Delai. Dat heescht, et muss ee jo och säi Congé kënne steieren, wann ee wëll dovunner profitéieren, dat ka vläicht och net all Aarbechtneemer, dat ass nach eng aner Saach. Mir mussen awer vläicht mol zwee Joer

erëmgoe loossen, fir ganz konkret e Bilan iwwer Schoulvakanzen, Gratuitéit / Non-Gratuitéit mol ze maachen. An dësem Joer wäerte mer scho sécher ee maachen, well mir haten eis jo och sou opgestallt, an do ware mer jo och dankbar, dass mer fir dëst Joer 40 Studente fir d'Summeraktivitéite konnte kréien. Dat ass jo och eng duebel Saach. Dass mer engersäits Jonker un de Beruff e bëssen eruféieren an hinnen dee weisen a vläicht schmackhaft maachen, a se kënnen éischt Experienze maachen. A mir hunn e puer Hänn méi, fir mat de Kanner flott Saachen ze erliewen. Da war nach zur Rentrée des classes, déi scho mam PEP e bëssen ugeschwat gouf par rapport zu den Iwwergäng. Jo, déi gestalte sech sécherlech vu Gebai zu Gebai heiansdo aneschters. Et geet vill mat de Mënschen. Mir si ganz, ganz dankbar, dass mer och vun der Säit vun den Enseignanten eng grouss Ouverture hunn an och eis Leit déi Zesummenaarbecht wëllen.

Et gesäit een et e bëssen am PEP, déi verschidden Aarte vun Zesummenaarbecht. Tür und Angel, Iwwergäng, Kanner an d'Schoul siche goen, Feedback ginn „Wéi war et?", mir kréie Feedback wéi d'Kanner moies drop sinn, mir gi vläicht een zréck, wéi se aus der Mëttesstonn erauskommen. Dann d'Constatatiounen natierlech an och souguer bis an d'Bilane mat eran, wou mer dierfen dobäi sinn. Dat preparéiert sech alles, dat mécht sech och net, wann een eng Kéier schnippt mat de Fangeren an dat ass vill Opwand. A souwisou, bei der Rentrée gi mer jo och an d'Klassen eis virstellen an dat ass och e ganz wichtege Moment, zemools bei Kanner, déi elo vläicht nei sinn. Awer och fir déi aner. Do fänkt ee scho mat den Iwwergäng un, éier iwwerhaapt d'Schoul oder d'Schouljoer ugaangen ass. Mir haten anerwäerts nach dat Thema, dat war e bëssen ugeklongen, Responsable à l'inclusion. Also dat ass e Posten, deen ass beim SEA. Dee gouf schonn hei am Gemengerot matgestëmmt, kreéiert an och déi Persoun hei gestëmmt. Dat ass e Profil, dat ass schonn e bëssen hir, dat ass u sech en Travail en réseau, wou mer wollten nach méi ukuerbelen. Mir hunn an eisen Haiser RPIen, dat heescht de Référent pédagogique à l'inclusion, dee vum Gesetz jo obligatoresch ass, an déi jo och zesumme mussen Echangen hunn. An d'Madame Tomasini féiert déi ëmmer erëm an den Aarbechtsgruppen zesummen. An do ass et och ganz wichteg, déi Projets individuels ze entwéckelen. Dat léiert sech, dat mussen och ganz Ekippe léieren, dee ganze koordinativen Deel. D'Madame Tomasini, déi ass och PLK mat Participant an de Reuniounen. Dat ass och ganz wichteg, wa mir geschwat hunn, déi selwecht Sprooch schwätzen an e roude Fuedem duerch déi Entitéiten.

Well fir d'Kand, ob et elo Schoul ass oder Maison Relais, an déi hätte ganz kontradiktoresch Messagen, dat wär net gesond. An och do gëtt et vill Interfacen. A sech déi ganz Implementatioun vun der inklusiver Pedagogik an eist Handelen um Terrain ass dat Wichtegt. Natierlech, mir haten dëst Joer CAGen, de Concept d'Action Général ze iwwerschaffen, dat ass eng Part d'Inclusion. Wa mer dann nach eng Expert hunn, dee kann nach d'Ekippen ënnerstëtzen, dat nach méi propper a méi Terrain no ze verfaassen. Well de CAG ass net nëmmen e Konzept, mee do solle wierklech reell eis Aktiounen um Terrain beschriwwe ginn, wéi mer dat wëlle maachen. An net zulescht d'Ufro vum Renfort temporaire. Dat ass wa mer Kanner hunn, déi e bësse méi iwwert den inklusiven Esprit, iwwert de Personalschlëssel aus, Betreiung brauchen. Dat musse mer extra ufroe beim Ministère. Och all déi Demanden, dat leeft dann och zesummen an der Direktioun. Ech si ganz, ganz frou, dass mer vill Luef krute fir de PEP, fir déi Opmaachung. Et ass engersäits, an dat däerf een net vergiessen, mol eng fantastesch Zesummenaarbecht vun de Leit um Terrain, well och e PEP, quitt dass vläicht e SEA elo verfaasst ass, mee à l'origine och eng Zesummenaarbecht tëschent dem Schoulcomitépresident an all den Enseignante mat de SEAs-Leit, de Responsabelen an den Haiser an den Ekippen. An anerwäerts d'Opmaachung. Do muss schonn een d'Iddi hunn. Well fir dat dote Produkt ze hunn, do waren der vill, vill méi impliziéiert a mir huelen dat gäre mat fir déi Leit.

ERNI FERRARI (CHEF VUM SERVICE ENSEIGNEMENT): Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Vill hunn ech u sech elo net méi bäizedroen. Just eeben nach vläicht 2,3 Zuelen. Ech hunn elo hei viru mir nach d'Zuele vum Precoce leien. 2020 hate mer u sech nëmmen 112 Aschreiwungen, lo si mer bei 144. Et gesäit een, wéi d'Saach sech weiderentwéckelt. An der Tëschenzäit hu mer jo och eng 8. Precoce-Klass, fir d'éischt provisoresch, elo definitiv accordéiert kritt. Et muss een natierlech am A behalen, wéi dat sech elo d'nächst Joer weiderentwéckelt. Zu der Waldschoul. Do hänken ech mech och nach eng Kéier an déi Diskussioun an. D'lescht Joer hate mer vum Ministère 15 Stonnen accordéiert kritt an dat u sech nëmme fir dëst Schouljoer. Et stoung och do preziséiert am Bréif, dass mer ab nächstem Schouljoer mat eisen eegene Stonne missten eens ginn. An déi an der Waldschoul, déi hu jo awer dann eng super Aarbecht geleescht an de Minister och iwwerzeegt kritt, dass et derwäert ass fir do net nëmmen dat Ganzt mat Stonnen ze ënnerstëtzen, mee dass mer do och nach Stonne bäikruten. Vu 15 op 23 dann. Also denken ech schonn, dass dat eng ganz flott Saach ass, déi et derwäert ass, fir ënnerstëtzt ze ginn. Dann ass praktesch alles gesot gi scho virdrun an och vum Joël Michaux a vum Erni. Ech wéilt dann ofschléissen, dass ech dann nach dem Joël Michaux a senger Ekipp, dem Erni a senger Ekipp, all de Presidenten, d'Schoulcomitéë wierklech Merci soe fir déi Zesummenaarbecht. Et gëtt vu Joer zu Joer ëmmer e bësse méi kompliziéiert. Och dem Josiane fir déi Ënnerstëtzung, déi eise Service huet an natierlech och dem ganze Gemengerot. Déi sti jo och dohannert, fir dass eis Schoule super fonctionéieren an alle Beräicher. Merci vun eis.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Merci. Ech géif dann nach just op déi Saachen agoen, ob déi elo kee geäntwert huet. Dat ware vun der Madame Kayser nach Froen zu deem Sall um Strutzbierg an der Schoul an am SEA. Do hat elo keen drop geäntwert.
Do wëll ech awer soen: wa mir der Schoul dee Sall ginn an der Maison Relais, dann hu mer d'office 20 Kanner manner, déi mer kënne ranhuelen. An de Moment ass et awer sou, datt der ganz vill aus der Gaffelt eriwwerginn an et ass eigentlech organisatoresch iwwerhaapt net méi méiglech, fir dee Sall hierzeginn. Dat war een Argument. An dat zweet Argument, wat ech awer wëll soen: De Strutzbierg huet fräi Säll, och wann déi an

engem anere Gebai leien. Et sinn ëmmer Kanner. Et ass ëmmer déi selwecht Schoul. Also ech weess elo net, ob dat dramatesch ass, wann déi Kanner als eenzel Klass an deem Gebai niewendru sinn. Fir mech ass dat lo eigentlech déi richteg Léisung. Ausser mir sinn elo hei der Meenung, datt mer 20 Kanner solle soen: Neen, mir hu keng Plaz an der Maison Relais. Ech mengen, dat ass och kee gudde Message.

Dann, Airtramp Butschebuerg. Dat ass einfach eng temporär Saach. Si wëllen deen temporär do hunn. Natierlech, wann d'Crèche Plazen huet, da kënne si dohinner goen. Mee mir wäerten awer och den Airtramp an der Crèche plënneren. Mir wäerten dee méi wéi warscheinlech an d'Lenkeschléi maachen, well dat awer méi op ass. D'Crèche ass ganz komplizéiert. Si brauche vill Plaz och emol heiansdo fir d'Kanner. An dann deen Airtramp, wann deen de ganze Sall blockéiert, dat geet dat net.

De Wee bei der Schoul Lenkeschléi. Et sinn der net vill, déi dovu profitéieren. Jo, ech mengen awer, datt déi wou dann dovu profitéiere ganz zefridde sinn. Ech mengen dat war d'Léisung. Dat war jo och de Wonsch, datt hei jiddereen zefridde wär. De Wee hate mer gesot, dee maache mer d'nächst Joer frësch, deen hate mer jo net budgetiséiert. Dat hu si och esou matgedeelt kritt. Precoce, dat war d'Madame Heinen, ob ee vläicht rëm soll eng Klass zu Butschebuerg maachen? Jo, a sech sprécht jo näischt dogéint, mir haten eng do. Et misst ee rëm eng do maachen. Mee dëst Joer war et nach net noutwenneg. D'nächst Joer musse mer da kucken. Wuelwëssend datt de Moment duerch den Agrément déi Klass de Büro ass vum SEA a vum Schoulpersonal. Dat heescht, mir huelen deen erëm ewech an da verléiere mer Plazen an der Maison Relais, well einfach de SEA säi Büro rëm ënnenan huet. Mee do wäerte mer eng Léisung fannen. Mir maachen do eist Bescht.

Da Pro Familia, dat hat den Här Michaux schonn ugeschwat. Mir hate Reunioune mat Pro Familia, dat ass ganz flott gelaf a mir sinn och do op eng gutt Léisung komm. Ech mengen den éischte Grupp, do geet en Deel an d'Gaffelt an och en Deel ass schonn um Strutzbierg, also och do ware mer ganz gutt eens ginn. Dann d'Presentatioun Balzeng. Do hate mer awer an der Schoulkommissioun driwwer geschwat, datt mer dat géifen den 13. Juli der Schoulkommissioun presentéieren. Also och dat ass en Datum, deen ass festgehalen. Dann d'Containeren am Brill. Jo an Neen. Et ass am Fong net dru geduecht gi fir et an d'Strooss ze setze vu datt d'Klassesäll eigentlech ëmmer an enger Enceinte clos solle sinn an net am Rond-point, wou da ronderëm alles op ass. Dat heescht, mir missten och alles do clôturéieren. An d'Héicht vum Gebai, do weess ech awer elo net, ob d'Noperen elo terribel frou wäre wann do op eemol sou e risege Block virun hirer Nues géing stoen. Ech muss awer soen, datt de Schoulhaff grouss genuch ass. A mir probéieren do aner Saachen ze amenagéiere fir datt déi Kanner och genuch Plaz hunn.

An dann dat Lescht, dat ass dat Spillplazereglement. Jo, ech hat dat scho matgeholl an d'Schoulkommissioun, fir einfach och den Avis vun de Presidenten an och den Elterevertrieder ze kréien, wat da jiddwereeee mengt. An do geet e vun – bis. Mir sinn eis do net richteg eens ginn. An d'Madame Erpelding soll elo eng Kéier nolauschteren. Ech war mat hir enger Meenung. Also ech hunn déi Propos ganz gutt fonnt. Ech wëll dat awer hei extra betounen. An d'Propos war: eigentlech misst et jo hei iwwerall sou si wéi an Italien, datt d'Kanner an d'SEA an d'Kanner iwwerall mateneen eens ginn. Dat hunn ech als ganz ganz gudde Message empfonnt. Ob dat lo méiglech ass? Mee ech menge mir schaffen eng Propos aus an da komme mer op lech zréck. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci och dem Josiane fir déi doten Erklärungen. Da kéinte mer hei d'Ronn schléissen an zum Vott iwwergoen. Wien ass mat der provisorescher Schoulorganisatioun, sou wéi se hei presentéiert an diskutéiert gouf averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech lech villmools Merci.



# 6. GEMENGEFINANZEN

**6.1. Approbatioun vun de Modifikatiounen am Kapitel XXII – Salles communales – vum allgemengen Taxereglement**

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Mir kënnen dann op den nächste Punkt iwwergoen. Dat sinn d'Gemengefinanzen. Dat ass d'Approbatioun Salles communales. Do geet et ëm den Hall polyvalent, well et war jo Porte ouverte leschte Samschden, an da musse mir dat natierlech och hei reegelen. De Prinzip ass wéi mat alleguerten eise Säll, déi mir hunn, dass mer se fir d'Associatiounen, A.s.b.l.en, déi hire Sëtz hei zu Diddeleng hunn, respektiv wann et Federatiounen oder Associatiounen, déi e karitative Charakter hunn, dass déi keng Locatioun brauchen ze bezuelen. Wat den Hall polyvalent ugeet - selwechte Prinzip. an och de selwechte Prinzip, wéi bei den anere Gebailechkeeten. Mir alignéieren eis do. Wa Veräiner et ufroen, déi ausserhalb vun Diddeleng sinn, da froe mer 400€ wa se keen Droit d'entrée froen, 800€ mat engem Droit d'entrée. Wann et Privatpersoune loune wëllen, sinn et 300€. Wann eng staatlech Administratioun loune wëll, 500€ a wann eng Société commerciale et loune wëll, 1000€. An um Niveau den Demanden hunn eis Diddelenger Veräiner natierlech ëmmer Prioritéit. Voilà, dat ass am Fong d'Erklärung, respektiv den Ajout dee mer maachen am Taxereglement. D'Diskussioun ass op, wa Froe sinn.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Kann een och als politesch Partei do e Sall lounen, also de Sall benotzen? Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Jo, natierlech! Et ass en Hall polyvalent. Also natierlech, absolut! Déi gëtt da betruecht ënnert de Statutten als Veräin. Mir hunn dat net drageschriwwen, «Partis politiques», mee da gëss de behandelt wéi e lokale Veräin. Ma Här Gangler, Dir kritt e Subside. Iwwer d'Parteifinanzéierungsgesetz kréien d'Parteien e Subside.
Soss nach Froen? Neen, dat ass net de Fall.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass mat deem Taxereglement averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci.

**6.2. Approbatioun vu 5 Accorde mat der lëtzebuerger Croix-Rouge fir d'Mise à dispositioun vu Lokaler an dem Gebai 37, Rue du Commerce fir den Accueil vu geflüchtete Persounen aus der Ukrain**

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Da gi mer op den nächste Punkt iwwer. Dat sinn am Fong fënnef Kontrakter, fënnef Mises à disposition vun de Lokaler 37, Rue du Commerce un d'Croix-Rouge. Dat hate mer schonn e puer mol ernimmt. Do ass am Fong an der Rue du Commerce d'Appartement vu 70m2 an déi Chambre individuelle vun 10m2, wou mer - sou wéi mer dat och schonn zu Tattebuerg gemeet hunn - op 73, respektiv déi fréier Epicerie, déi mer jo och der Croix-Rouge zur Verfügung gestallt hunn. Hei am Fong dee selwechten Prinzip. Dat ass effektiv dann fir 12 Méint. Et leeft den 1. Mee 2023 un. Kann natierlech och prolongéiert ginn, de commun accord. Déi Mise à disposition, wéi gesot den nämmlechte Prinzip wéi déi aner Gebailechkeeten, à titre gratuit. An natierlech ass hei d'Prise en charge vun den ukrainesche Flüchtlingen, déi gëtt hei assuréiert vun der Croix-Rouge a si mussen dann natierlech och als Locataire déi néideg Assurancen iwwerhuelen fir de Risque locatif. Ech mengen dat sinn déi selwecht Prinzippien fir dat éischt Appartement, respektiv déi véier Zëmmeren, déi mer zur Verfügung stellen an och weider eis international Solidaritéit spille loossen. Dat zu den Erklärungen, déi ech heizou wollt ginn.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. Just e puer Froen. Ech mengen mir stëmmen dat souwisou ëmmer unanime mat. Dat ass wierklech eng immens gutt Aktioun, déi mir hei maachen. Mir hunn eis just gefrot: Wat geschitt no deem enge Joer? Well et ass jo e Kontrakt op ee Joer. Wat geschitt duerno? Hutt Dir do schonn eng Iddi? Wësst Dir vläicht - Dir schwätzt jo vläicht mat deene Leit oder mat der Croix-Rouge - ob déi Leit Wëlles hunn no sou enger laanger Zäit zu Lëtzebuerg ze bleiwen oder wëlle se wann de Krich eriwwer ass, rëm zréckgoen? Einfach déi sozial Situatioun vun de Leit... An ech wëll heivunner profitéieren fir nach eng Kéier ze soen, datt et immens wichteg ass, dass eis Gemeng - mir si jo eng grouss Gemeng - datt mer awer Logements d'urgencen hunn a Logements de transition. Ech mengen ech maachen elo d'Faass hei net op mam Logement, mee dat sinn zwee Logementsmodeller, déi eis nach feelen hei zu Diddeleng. Mir haten och de Budget spécial gestëmmt vu 500.000€. Do wier vläicht eis Fro gewiescht: Wou si mer do drun? Hu mer villäicht nach Budget op, fir nach weider esou Wunneenheeten unzelounen, fir déi weider ze verlounen oder weider ze ginn einfach? Eng weider Fro ass: Mir schwätze vu Restauratioun an deem Budget. Wat versteet ee genau ënner «Restauration»? Souwäit ech weess, ginn déi Leit awer schaffen. Dat heescht kréie si vun eis och Suen, fir datt se awer kënnen akafe goen? An dorunner direkt ugehaangen, déi nächst Fro: Wou kënne se da kachen? Dat wier et am Fong. Merci.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, Merci fir d'Wuert. Merci Här Buergermeeschter. Ech hat och nach mer erlaabt, eng Kéier nozekucken. Mir hu jo eng Konventioun hei, wat d'CARAMUTAS-Haus ubelaangt, mam Ministère de Logement, an do steet explizitt dran - et

war mer nämlech net ganz kloer, ob mir och däerften engem aneren Prestataire dat zur Verfügung stellen - dat steet awer explizitt dran, dass dat ok ass, datt mir dat entweder selwer weidervermëttelen oder dass mer iwwert en anere Prestataire fueren. Dat ass jo dann hei ginn. Meng Fro ass: Natierlech ënnerstëtze mir all Aktioun, déi mer hei an der Gemeng geholl hunn an déi mer leider och nach wäerte mussen huelen, fir eis ukrainesch Flüchtlingen hei sou gutt wéi méiglech ze ënnerstëtzen, hinnen d'Liewen sou gutt wéi méiglech ze vereinfachen. D'Fro ass just: Dat hei si jo da virun allem déi véier Zëmmeren. Dat si jo Chambres individuelles, dat ass jo fir eng Persoun. Mir hate jo d'leschte Kéier nogefrot, wéi vill Leit iwwerhaapt am Cottage sinn. Mir hate jo lo nach vum Här Bausch - Merci - nogeschoss kritt, dass dat 36 Persoune sinn «dont 20 adultes et 16 personnes» an dovunner véier Menagë mat «4 adultes et 4 enfants». Lo ass meng Fro: Si sou vill elengreesend Leit oder Erwuessener do, déi mer an dës Lokaler kënne setzen? E bëssen - et däerf een dat elo wierklech net falsch verstoen – e Bémol ass, dass mer einfach dat Haus - hei war jo virgesinn fir zwee Appartementer an 10 eenzel Zëmmeren ze hunn, fir an eise Pool des Locations à bon marché oder sozial Wunnengslogementer dorausser ze maachen. Ech weess dass ee Logement, een Appartement, dat hu mer un eng Famill hei an Diddeleng weidervermëttelt. Lo bleiwen nach déi sechs Zëmmeren. Dat ass e bësse manner, wéi mer am Ufank geduecht hunn, dass mer fir d'Leit, déi op der Waardeléscht am Service Logement, fir dass mer deenen eng Méiglechkeet ginn. Ech weess awer dass do momentan awer eng grouss Demande nach ass.

De Service Logement - ech hat wéinst enger anerer Saach mat der Madame Theis vum Office Social geschwat, déi mer immens léif all déi Informatioune gëtt déi ee wëll. Merci och nach eng Kéier hier, fir hiert grousst Engagement an der Cellule sociale. A si huet mer awer gesot, mer hunn 180 Familen, déi op der Lëscht stinn. An do hat ech och nach gefrot, wéi maache mer dat elo mat den Eenzelzëmmeren? Do hat si gesot, do wéisst een nach net sou richteg, do wier nach keng richteg Guideline eraus, wien déi Zëmmere sollt kréien. Ech fannen dat och ganz lobenswäert, dass mer dat net iwwerhasten an net einfach iergendeppes do maachen. Dass mer eis dat och gutt iwwerleeën an ech fannen et och gutt, dass dat hei elo eng Tëscheléisung ass. Ech denken, dat ass och déi Geschicht mat deem enge Joer. Fannen ech ganz gutt, dass elo déi Zëmmeren awer mol ee Joer vun ukrainesche Flüchtlinge besat sinn, wou mer wëssen dass do de Suivi och garantéiert ass vun der Caritas. Ass et d'Caritas? D'Croix-Rouge, pardon! Vun der Croix-Rouge. Dat fanne mer ganz gutt. Mee do musse mer eis dat nach eng Kéier op de Leescht huelen, wéi mer dat herno maachen oder ob mer et dann reaffektéieren an eise Service Logement, an eis Cellule Logement, oder ob mer et - natierlech, wann de Besoin do ass - den ukrainesche Flüchtlingen zur Verfügung stellen. Mee wéi gesot, d'Haaptfro ass: Sinn do sou vill eenzelreesend Flüchtlingen do, déi mer an dës Locatioune kënne sëtzen?

An ech hat mer och d'Fro gestallt mat der Restauratioun. Wann d'Leit am Hotel sinn, do hate mer gesot, do gëtt d'Iesse jo plus minus iwwerholl. Wéi leeft dat elo hei bei dëse Leit, déi jo awer eng kleng Kitchenette hunn an deenen Eenzelzëmmeren hunn oder eng gemeinsam Kichen? Wéi geet dat do mat deene Leit, wéi déi sech versuergen, wat d'Alimentatioun ubelaangt? Well am Cottage kréien se et jo awer plus ou moins gratis an hei mussen se et selwer bezuelen. An dann: Mir maachen elo eng Mise à disposition gratuite, wann ech dat verstanen hunn. Dat heescht, mir kréien do kee Loyer ran, wéi dat ugeduecht war wa mer dat iwwert de Service Logement oder Cellule Logement verlount hätten. Ech mengen awer d'Croix Rouge, déi wäert awer wéi ech dat unhuelen, déi lafend Fraisen awer bezuelen, wat Gas, Waasser an Elektrescht ubelaangt. Ass dat esou ugeduecht, dass awer och vläicht d'Croix-Rouge nach en Apport mécht fir d'Restauratioun vun deene Leit? Wéi ass dat ugeduecht? Do sinn e puer sou Saachen, déi net ganz kloer sinn. Natierlech stëmme mir dat heiten awer mat. Mir hunn och gesot, Solidaritéit mat Leit déi an engem Land wunnen, wat iwwerfall gëtt, dat däerft keng Fro sinn, dat soll eng Selbstverständlechkeet sinn a mer stinn natierlech nach ëmmer do dohannert.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Ech wollt just eng kleng Prezisioun ginn. Ech weess net wéini si mat der Madame Theis geschwat hat, mee jiddefalls war scho bei der Aweiung gesot ginn, dass den Office social déi 10 Chambres meubléeë bedreiwe wäert, an zwar fir de Logement Jeune actif. Déi zwee Appartementer, dat ass ganz kloer, déi ginn an de Portefeuille vun der Gemeng an de Service Logement. Voilà. Dat wollt ech awer nach präziséieren. Dann: Restauratioun an deem Haus ass méiglech. Mir hunn zwou Kichen do. An all Appartement ass souwisou eng. Awer och an de Chambres meubléeën, do hu mer zwee Stäck, an op deenen zwee Stäck ass eng Kichen, sou dass déi Leit aus de Chambres meubléeë kënne hir Moolzecht do virbereeden.

THESSY ERPELDING (DÉI LENK): Jo just ganz kuerz. Also mir begréissen dës Mesure. Ech hat iergend eng Kéier, ech weess net méi wéini, hei an engem änleche Kontext gesot «Diddeleng mécht vill, kéint nach méi maachen». Voilà, hei maache mer méi, mir stellen nach eng Kéier fënnef Zëmmeren zur Verfügung. Ech mengen, dat ass nëmmen ze begréissen. Déi Leit sinn am Misär an et ass scho schlëmm genuch, wann een net kann heem. Dann ass et wichteg, dass Stied, Gemenge wéi Diddeleng, net all Gemeng hëlt do hir Verantwortung leider, mee Diddeleng hëlt seng Verantwortung. De Problem vum Logement, deen ass do, dat wësse mer all an ech ginn do och net an den Detail an. Natierlech si lo aner Leit vläicht, déi soen «Lo waarden ech sou laang op eng Wunneng a lo kréie si eng», mee ech mengen dat do ass eng Urgence, dat ass en Noutfall. Ech fannen et ganz gutt, dass mer do eis Verantwortung iwwerhuelen. Wat elo d'Iessen ugeet, kéint ech mer virstellen, dass awer och Leit frou sinn, dat se kënne selwer fir sech kachen. Déi am Hotel si vläicht och net frou, datt se déi Méiglechkeet net hunn. Et ass ëmmer e bëssen ofzeweien. Et kann ee soen «Déi eng kréie gekacht, an déi do musse selwer kachen», mee déi sinn awer vläicht frou driwwer.

D'Fro ass natierlech pertinent: Wéi vill eenzel Leit sinn do? Mee ech ginn dovun aus, et ass mat der Croix-Rouge geschwat ginn. D'Croix-Rouge kennt de Besoin an déi

géifen net do en Accord maache fir Zëmmeren, wa se do net Leit hätte fir dranzesetzen. Voilà, natierlech si mer ganz d'Accord mat deem heite. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Madame Erpelding. Nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall. Da géif ech Iech virop emol Merci soe fir déi positiv Stellungnamen. Wéi dat Gebai an der Rue du Commerce fäerdeg gestallt gouf, do gouf ganz kloer gesot, dass e Projet géif gemeet gi fir Jonker, déi an enger méi schwiereger Situatioun sinn, respektiv dann och en Deel vum Gebai ukrainesche Flüchtlingen, via d'Croix-Rouge zur Verfügung gestallt gëtt. Déi Diskussioun hate mer och scho méi wéi eng Kéier am Gemengerot. Dat wat mer der Croix-Rouge zur Verfügung stellen, dat ass 1:1 dee selwechte Prinzip - dofir hat ech dat virdru gesot - wéi mer dat zu Tattebierg gemeet hunn, respektiv am Quartier Italien bei der Epicerie, déi mer ëmgewandelt hunn. Dat heescht et ass am Fong 1:1 identesch, dee selwechte Prinzip. Et gesäit ee jo och an de Kontrakter. Si als Croix-Rouge, si iwwerhuelen alles wat Poubellestaxen, Frais de l'assurance, Frais de téléphone, Raccordement TV, Raccordement internet, Entretien alentours/trottoir ass. Wéi gesot, dat musse si da geréieren. Et ass fir ee Joer gesat. Hei d'selwecht, well mer jo net wësse wéi laang dass de Krich dauert. Klassesch wär dat heite jo en Appartement, respektiv en Zëmmer am Kader vum Logement abordable, wou e klassesche Contrat de bail géif gemeet ginn.

Mir wësse vu Leit och wou se dat op anere Plazen hunn, wou och de Loyer en fonction vum Revenu gerechent gëtt vum Service Logement. Hei maache mer eng Mise à disposition vun engem Joer, wëssen net wéi laang de Krich dauert. An no engem Joer komme mer vläicht zur Conclusioun, dass d'Croix-Rouge déi net méi brauch, wat mer jo hoffen, well de Krich entretemps fäerdeg ass an déi Leit, entweeder bleiwe se hei oder kënnen op eng aner Plaz higoen oder zréck an hiert Land ginn, wa se gäre wëllen mathëllefen d'Land opbauen, wat och nach e schwierege Prozess wäert ginn. Da kréie mer rëm déi Wunnengen. An da kënne mer se effektiv och aneschters affektéieren. Dofir ee Joer, an dann eben «renouvelable de commun accord». A wa mer e Renouvellement maachen, da komme mer souwisou nach eng Kéier hei an de Gemengerot, wou een da kuckt, wat deementspriechend d'Durée ass. Op de Volet vun der Restauratioun brauch ech net anzegoen. Ech mengen op der Plaz ass eng Kitchenette wou d'Leit da kënnen och kachen.

Och en fonction vun der Gréisst vun den Zëmmeren wäert d'Croix-Rouge - a mer wësse jo, dass Demanden do sinn - wäert d'Croix-Rouge do och de Choix maachen, wie se dohinner setzen, well se och de Suivi maachen. Et ass kloer, dass an en Zëmmer vun 10 m2, well et net méiglech ass, keng Famill kënnt mat fënnef Leit. Ech mengen et ass eng méi kleng Unitéit an et weess ee jo och insgesamt um nationale Plang, wat déi ukrainesch Flüchtlingen ugeet, dass dat oft ganz wéineg Famille sinn, dass dat oft Frae sinn mat engem Kand oder och emol e Mineur non-accompagné. Et ass an deem Parage wou dat sech effektiv erëmspigelt.

Eech hat probéiert op alleguerten d'Froen anzegoen a géif proposéieren, dass mer vläicht déi fënnef Mises à disposition en bloc stëmmen. Wier dat ok fir iech?
Wien ass domadder averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech iech villmools Merci.

### 6.3. Approbatioun vum Contrat de bail mat der Societéit Gymnase Group s.à.r.l. fir d'Exploitatioun vun der Buvette an der offener Schwämm

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Da komme mer op den nächste Punkt. Dat ass de Contrat de bail mat der Société Gymnase Group s.à.r.l fir d'Buvette an der oppener Schwämm an do ginn ech dem Loris Spina d'Wuert.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Merci Här Buergermeeschter. Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schäffen- a Gemengerot. Mir spieren et och heibannen: D'Schwämmesaison steet virun der Dier. Deementspriechend ass et rëm un der Zäit, déi Konventioun fir d'Buvette z'exploitéieren, hei op den Ordre de jour ze huelen. Ech wëll Iech awer och net virenthalen, dass et wierklech net einfach war fir een ze fannen, dee sech där Aufgab géing unhuelen. Mir hunn zwee Mol missen ausschreiwen. Et sinn eng Rei vun Interessente gewiescht, déi si sech de Site ukucke komm, mee mir hunn do awer keng Offer kritt, bzw. et huet kee sech gemellt fir matzemaachen, bis eeben elo nach ebe kuerz viru Schluss, do huet dann do den neie Cafetier, dee mer hei zu Diddeleng hunn, de Gymnase Group sech gemellt, nodeems mer am Austausch mat eisem Service waren, fir sech der Aufgab dëse Summer unzehuelen.

De Kontrakt dee mer virleien hunn, de Contrat de bail, ass 1:1 quasi deen, dee mer och mat deem leschte Bedreiwer haten. Dir wësst dass dat den Här Pietro Buttiglione war. An deementspriechend hu mer elo eben dat hei mat der neier Sociétéit Gymnase Group ugesat. Wat mer e bësse geännert hunn, dat ass d'Durée vun deem Kontrakt. Mir hu lo net déi klassesch 3-6-9 Durée eragesat, mee ee Joer, well et och fir de Bedreiwer wichteg war, fir mol seng éischt Experienz ze maachen an och fir eis fir ze kucken, wéi leeft dat elo mam neie Bedreiwer. An da zéie mer zesummen eng Konklusioun a kucken, wéi et duerno viru geet. Voilà, dat gesot, ass d'Diskussiounsronn op.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Jo, ech wollt just eppes nofroen. Ech si mer awer och net ganz sécher mat deem, wat ech elo nofroen, mee ech froen et mol einfach. Wou mer de Contrat de bail haten mat dem Amacord an der Kantin, stoung do och dran a wéi eng Richtung hiert Angebot soll goen. Dat sollt e bësse regional, saisonal, lokal oder aus fairem Handel sinn. Wat ech eebe lo net weess ass, ob deen heite Locataire, ob déi u Kontrakter gebonne si mat Fournisseuren oder Brauereien oder Depositaire. Vläicht maache si dat och vu sech aus, datt se an déi Richtung ginn.

Et wär awer scho gutt, wann och d'Offere vun de Buvetten, wou dann awer d'Gemeng Proprietär ass, och am Park oder lo hei an der Piscine, e bëssen an eng nohalteg Richtung géif goen. Ech mengen Mëttlerweil gëtt et Äppeljus vun hei, Bioglacë vu Käerjeng, et gëtt

Lëtzebuerger Cola souguer elo. Dat wier jo flott, wa mer do e bëssen och méi lokal Produiten kéinten ubidden. Merci.

THESSY ERPELDING (DÉI LENK): Merci. Ech hu just och kleng Froen zum Loyer. Am Bail steet d'Loyer ass fir déi ganz Saison berechent. Et ass net präziséiert, wéi laang d'Saison ass. Ech weess net, ob dat misst am Kontrakt stoen. An de Loyer baséiert op Zuele vun de Visiteuren an der Schwämm. Heescht dat dann dass réischt um Enn vun der Saison de Loyer fälleg gëtt, oder gëtt dotëscht de Minimum scho bezuelt an duerno e Supplement verrechent? An zu der Dauer vum Kontrakt hunn ech just eng Fro, firwat en ob e ganzt Joer gemaach gëtt? Vu dass mer jo wëssen, dass déi oppe Schwämm ausser am Summer - normalerweis op alle Fall - zou ass. Oder ass dat just fir dass en duerno kann ouni Paus weiderlafen? Voilà, just kleng Froen. Merci.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Merci fir Är Stellungnamen. Also mir sinn am Austausch mam Gynmase Group, wou mer e bësse probéieren, déi verschidde Messagen, déi mer eis zu Diddeleng ginn am nohaltegen Catering, op de Wee ze ginn, wollten dat awer nach net an de Kontrakt schreiwen, well mer extrem frou sinn, dass mer ee fonnt hunn, dee sech där Saach unhëlt a mat eis op déi Aventure geet. Do muss natierlech och d'Rechnung herno opgoen. Do sinn net nëmmen Bio a lokal Prämissen, déi fir si zielen. An awer hu se do eng gewëssen Ouverture mat op de Wee geholl. Dofir och dat eent Joer fir ze kucken, wat mécht Sënn a wat mécht kee Sënn. Well déi maachen dat jo net nëmmen, well se wëllen e bësse brong ginn iwwert de Summer, mee déi wëlle jo e bësse Geld do verdéngen. Deementspriechend musse mir eis och e bëssen upassen. Mee de Message ass ganz kloer mat op de Wee ginn. Mir géifen och - fir dann ze enchainéieren mat der nächster Fro - en Decompte no der Saison maachen, wou da gekuckt gëtt, wéi vill Loyer fir déi Period ufält. Dat mam Datum ass ëmmer e bësse sou eng Saach. Et hänkt och e bësse vum Wieder of, wéi laang sech d'Saison elo hinzitt. Do probéiere mer eng gewësse Flexibilitéit mat eranzebréngen. Wann Ufank September d'Wieder nach gutt ass, dann hänke mer villäicht nach déi eng oder aner Woch drun. Dat geschitt ëmmer am Austausch. Et gëtt iwwert e Joer gemaach, fir net eeben herno an eng Contrainte mam Datum ze kommen. Dass een déi Flexibilitéit huet. Voilà, Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci. Dëst gesot, géif ech proposéieren dass mer zum Vote iwwerginn. Wien ass mat dësem Contrat de bail averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soe mer lech villmools Merci.

### 6.4. Approbatioun vun engem Contrat de bail de sous-location mat der Societéit Wildhops s.à.r.l. fir d'Locatioun vun engem Deel vum Geschäftslokal op 77, Avenue Grand-Duchesse Charlotte

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Da géife mer op den nächste Punkt iwwergoen. Dat ass «Contrat de bail de sous-location» mat de Société Wildshops sàrl, tëscht der Stad Diddeleng an dem Här Da Cunha. Dat sinn déi 50 m². Dat ass am Kader vum Pop-Up Store. Dat sinn am Fong dräi Méint a leeft da bis den 30. Juni 2023. Wann Der scho laanscht gaange sidd, hutt Der gesinn, dass do dann effektiv T-Shirten, Kleeder, Kapen, et ass eng Reboundsmark, Produiten also och, déi an Europa gemeet ginn. Wou mer och ganz positiv Echoen bis elo kréien, engersäits vun de Clienten awer och vum Sous-locataire selwer. Vun den Echoen déi een och selwer vun Diddelenger kritt. An et handelt sech jo och hei ëm eege Eegekreatioun. Rebounce ass eng Eegekreatioun vum Här Da Cunha an huet och do Prinzippien, déi lokale, regionale Charakter hunn, well déi Produiten och hei an Europa produzéiert ginn. An et ass e Stil dee ganz fesch, ganz peppeg, ganz jugendlech, voilà, mol eng Kéier eppes aneschters wéi wat mir bis elo do haten. Dat waren déi Ausféierungen, déi ech zu dësem Pop-Up wollt ginn. D'Diskussioun ass op.

THESSY ERPELDING (DÉI LENK): Merci. Ech si ganz domat averstanen. Dat Eenzegt wat ech wollt froen: Mir ass opgefall, dass am Contrat de Bail op dëser Plaz bei der «Destination des lieux» just steet «Exploitation commerciale de courte durée» a bei all deenen anere Kontrakter war ëmmer méi präziséiert, wat se verkafen. Ech wollt einfach nëmme froen, ob et do eng Ursaach gëtt, well villäicht alles sou grouss ass. Et hätt ee jo kéinten «Vêtements» draschreiwen. Dat ass einfach nëmmen eng Fro déi mer opgefall ass. Merci.

CLAUDE MARTINI (CSV): Ech war och schonn eng Kéier do ra kucken an et ass e ganz flott Geschäft a mer wënschen deene Leit do vill Succès fir déi nächst dräi Méint. Ech hoffen, dass dat och rullt. A vläicht wëlle se jo eng Kéier verlängeren an e bësse méi laang bleiwen. Dat wär jo dann och mol eng flott Nouvelle.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci. An dat bréngt mech drop ze soen, dat ech vergiess hat ze soen, wat mer vu Loyer froen. Dat si 500.- €. Et ass awer net onwichteg am mëndlechen am Gemengerot, quitt dass et hei steet. «Courte durée». Bon, et ass e Pop-Up Store. Ob do lo «courte durée» drasteet oder net, et ass jo ëmmer op 3 Méint. Hei ass den Datum wou et ufänkt an den Datum wou et ophält. Et ka just villäicht eng Saach vu Wording sinn, mee et ass e Pop-Up, dat ass ëmmer vu courte durée - wann et dat ass, wat Dir mengt.

THESSY ERPELDING (DÉI LENK): Well deen net detailléiert ass, d'Exploitation commerciale, hat ech einfach gefrot, ob et do eng Ursaach gëtt? Dat ass ëmmer präziséiert gewiescht an deenen anere Kontrakter.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Ah ok. Effektiv, dass ee weess a wéi eng Richtung dass et geet. Jo. Merci fir d'Remark. Dat kann een eisem City Manager weiderginn bei den nächste Pop-Up Storen, déi nach kommen. Gutt, ass de Gemengerot mat dësem Contrat de bail averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech lech villmools Merci.

**6.5. Approbatioun vun engem Contrat de fermage mam Här Nicolas Peter a senger Fra Madame Sandy Hoffmann betreffend eng Parzell vun Akerland um Flouernumm „Bei Ribeschpontergriecht“**

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Da komme mer op den nächsten. Dat ass e Contrat de fermage tëscht der Gemeng an dem Här Peter an der Madame Hoffmann. Dat sinn am Fong 26,10 Ar. Dat ass baséiert op eng - Dir kënnt Iech erënneren, d'lescht Joer am Abrëll hate mer bei der Madame Bertemes en Terrain ofkaaft am Kader vun der Erweiderung vun de Gemengenatelieren, déi effektiv frësch gebaut ginn. Dat ass den Terrain niewendrun. A mam aktuelle PAG ass deen Terrain do an enger BEP-Zon. Do gëtt also drop gebaut. Wéi gesot, net direkt. Am Moment si mer jo am Gaangen dat administratiivt Gebai ze bauen, wat am Gemengerot gestëmmt gëtt. A wéi mer dat doten kaaft hunn, do war och de Kontakt tëscht der Gemeng an dem Här Wegener, deen ugefrot hat, ob een dat dote kéint da bei der Gemeng déi Zäit wou een et net brauch ulounen, fir e Contrat de fermage do ze maachen.
Dir wësst alleguerten hei bannen, dass leider an der Tëschenzäit den Här Wegener vun eis gaangen ass an dann d'Famill hei un eis erugetrueden ass an gefrot huet, ob een dat kann awer oprecht erhalen, wat d'initial Demande war. Dat ass natierlech kee Problem. Da maache mer e Contrat de fermage mat hinnen - ech wollt awer e bëssen den Historique maachen vun dem Ganzen, dass Dir och wësst wisou mir dat elo mam Här Peter a mat der Madame Hoffmann maachen, wou mer hinnen dat doten zur Verfügung ginn, gratis. An natierlech musse si et och liberéieren, soubal mir et erëm brauchen. An natierlech dass se näischt dorobber dierfe bauen. Et ass jo eng BEP-Zon. Reng theoretesch dierft ee jo eppes drop bauen, mee et muss am d'Interêt public sinn. Mee op alle Fall dierfe si näischt drop bauen a wa se géifen eng Demande maachen, géife se och keng Autorisatioun kréie vu Buergermeeschter. Dann ass dat och kloer. Dat war et. Dat leeft vum 1. Juni 2023 bis den 31. Mee 2024 a ka fir ee Joer verlängert ginn, selon besoin. Madame Heinen?

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Also jo, eis Fro war emol: Vu wiem ass déi Demande ausgaangen? Dat hu mer jo elo erkläert kritt. Dat heescht ech huelen un, dass den Här Wegener, dass deen dat Feld wat niewendrun ass, bewirtschaft. An ech war mer déi Saach ukucken. Ech si och net richteg eens ginn. Do ass jo dee Wee an da kommen Hecken a Beem an da kënnt een Deel, do wiisst alles wëll. An da kënnt d'Feld wat bewirtschaft gëtt. An deen Deel wou alles wëll wiisst, deen ass e bësse méi héich. Ech mengen, dat war jo och fir de Kanal ënnendrënner ze leen. An ech war mer et ukucken, well et war awer ee Saz an deem Kontrakt, dee mech e bëssen erféiert huet, nämlech: «Le preneur s'engage à tenir la parcelle dans un état de propreté impeccable». Et handelt sech jo awer ëm e Feld, ëm Akerland. A mengem Kapp war dunn elo mécht deen Tue herbe do iwwerall, fir dat propper ze halen. Dofir wollte mir dat awer elo nofroen. Mir hu jo awer och den Naturpakt an SICONA. Also wann et dat Stéck ass, wou alles wëll wiisst, do si lo schéi Blummen a Kraider an dat ass jo awer e Paradäis fir Aartevillfalt. Also mir si bësse besuergt, dass dat elo, wann et wierklech dat Stéck ass, wou ech mer elo net sécher sinn, also mir wieren awer frou, wann dat géif an deem Zoustand bleiwen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci. Nach weider Froen? Neen, ech mengen hei hu mer d'Demande vun agesiessenen Diddelenger Baueren. Mir wëssen, wéi se hei zu Diddeleng Agrikultur maachen a wéi se wirtschaften. Et ass mer op alle Fall, muss ech vun dëser Plaz aus soen, net baang, dass se dat maachen, wéi se dat all déi lescht Joren an Diddeleng gemaach hunn. Dir wësst, wéi eng Felder dass se exploitéieren an Dir wësst och alleguer a wéi engem Zoustand dass se sinn. Dofir deelen ech déi Ängschten, déi Dir hei sot, absolut guer net, well se dat awer...

ROMAIN ZUANG (LSAP): Just nach ee Wuert: Ech briechen elo keng Lanz hei fir d'Famill Peter. Si maache jiddefalls bei Projeten vu SICONA mat. An ech ka mer vläicht virstellen - ech weess et elo net, wéi gesot, ech hunn et elo net nogefrot - dass dat do eng vun deene Mesuren ass.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Wéi gesot, ech kennen déi Famill ganz gutt. Ech sinn deelweis Client bei deenen. Et ass einfach an deem Kontrakt dee Wuertlaut «état de propreté impeccable». Ech konnt näischt domadder ufänken. Ech war mer d'Saach op d'Plaz ukucken. Ech gesinn do eng schéi Wiss. Da froen ech: Wat ass do dann knaschteg? Krut d'Gemeng Reklamatiounen, dass do ee reklaméiert huet, do wier eppes knaschteg? Et ass vläicht lo einfach... Näischt géint den Här Wegener an näischt géint den Här Peter, näischt och géint dee Kontrakt, awer et war einfach dee Wuertlaut, dee mech e bëssen do awer stutzeg gemaach huet. An dofir wollt ech dat nofroen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Also et ass net knaschteg gemeet ginn. Et ass einfach eng Dispositioun, déi een drasetzt. Och wann een dat néidegt Vertrauen huet - dat hu mer - dass einfach de Kader gewäert ass punkto Exploitatioun. Ech maache mer do keng Gedenken, dass dat - sou wéi mir déi Famill kennen - en Depot géif ginn, fir et emol sou auszedrécken.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Gutt, da géife mer driwwer ofstëmmen. Ass de Gemengerot mat deem Contrat de fermage averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech iech villmools Merci.

**6.6. Acquisitioun vun Emprisen – Approbatioun vun Actes de vente notariés**

*6.6.1. Bestuete Koppel Charles Strock an Jessica Classen, Terrain an der Butschebuergerstrooss*

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Déi éischt Emprise ass an der Butschebuerger Strooss: Madame Classen an Här Strock. Dat si 50.- €. Dat ass de minimale Forfait dee mer ginn. Et sinn 0,03 Ar. Dir wësst, dass mir 700€ bezuele pro Ar. Dat ass «But d'utilité publique». Dat heescht et ass d'Integratioun vun der Parzell an d'Voirie publique. Dat ass an der Butschebuerger Strooss.

*6.6.2. Här Nijaz Kalac, Terrain an der Wuelmerengerstrooss*

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Da gi mer an d'Wuelmerenger Strooss op d'Nummer 47. Dat ass den Här Kalac. Do bezuele mer 140.- €. Dat sinn 0,20 Ar. Am Kader vun engem Bauprojet, wou déi dote Parzell dann integréiert gëtt an d'Voirie publque.

*6.6.3. Société en Nom collectif „TOP MC", Terrain an der Rue de la Libération*

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Da bleiwe mer an deem dote Quartier, gi mer op 143 bis 149 - Rue de la Libération. Do sinn et 175€ déi mer fir d'Emprise bezuelen. Dat ass TOP MC hei, vertrueden duerch den Här Chuciara an d'Madame Fillali. Dat sinn am Fong zwou Parzellen: 0,09 Ar an 0,16 Ar. An et ass och d'Integratioun vun der Parzell an d'Voirie publique.

*6.6.4. Madame Marie-Paule Wilhelm, Terrain an der Rue Alphonse Benoît*

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Da gi mer an d'125, Rue Alphonse Benoît. Dat ass mat der Madame Marie-Paule Wilhelm, wou mer dat ofkafen. Dat sinn 0,48 Ar zu engem Präis vun 336€ an och Utilité publique, dat heescht och do ass d'Integratioun an d'Voirie publique.

*6.6.5. Här Jean Paul Marie Wallenborn, Terrain op der Route de Burange*

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Dann ass 175, Route de Burange mam Här Wallenborn. Dat sinn 0,19 Ar zu engem Präis vun 133€. An och do gëtt déi Parzell integréiert an d'Voirie publique.

*6.6.6. Co-Proprietäre Braquet, Terrain an der Rue Jean Friedrich*

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Da komme mer 23-25 Rue Jean Friedrich. Do sinn et eng Rei Co-Proprietären. Dat sinn déi Häre Braquet an d'Madame Schalz. Dat sinn 0,14 Ar. Dat ass 101€ an och do gëtt dat integréiert an d'Voirie publique.

*6.6.7. Co-Proprietären Madame Marlyse Sartorius, Madame Alice Schmit, déi bestuete Koppel Anne Schmit an Gustave Hippert, Madame Marlyse Sartorius, Madame Alice Schmit, déi bestuete Koppel Anne Schmit an Gustave Hippert, Madame Danielle Schmit, déi bestuete Koppel Isabelle Schmit an Nicolas Brettner, déi bestuete Koppel Jean Claude Schmit a Mady Schram, déi bestuete Koppel Joseph Schmit a Jacqueline Schoenhofen an d'Madame Marie Claire Schmit, fir en Terrain an der Näerzengerstrooss*

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Da bleiwe mer bei Co-Proprietären: D'Co-Proprietären Sartorius, Schmit, Hippert, Brettner, Schram, Schoenhofen, wou eng Acquisitioun dann och gemeet gëtt vun 2,05 Ar. Dat ass op 61-63 an der Näerzengerstroose. Dat sinn 1535€. An och do ass eng Parzell déi mer kréien, wou dann effektiv d'Integratioun an d'Voirie publique och gemeet gëtt. Dat wär et elo mol par rapport zu dësen Emprisen. Ech géif elo mol hei ophalen, well da komme mer bei den Echange.

Ass de Gemengerot mat dësen Akten, mat dësen Emprisen averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech iech villmools Merci.

**6.7. Echange vun Terraine mam Här Stefano Gigante**

*6.7.1. + 6.7.2. Reclassement vun den Terrainen vun der Gemeng aus dem Domaine communal public an den Domaine communal privé en vue vun hirem Echange + Approbatioun vun engem Acte notarié d'Echange de terrains mam Här Stefano Gigante fir Parzellen an der Rue du Commerce an an der Rue de la Libération am Tosch mat Parzellen an der Rue de la Libération*

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Dat ass en Acte d'échange tëscht dem Här Gigante an der Stad Diddeleng. Dat ass op 36-38, Rue de la Liberation. Do ass et esou, dass den Här Gigante Proprietär ass vun zwou Parzellen an mir Proprietär sinn vun deem Stéck, wou am Fong an der Rue du Commerce respektiv der Rue de la Liberation, den Eck wou och ëmmer déi Dudelmange Projet drop war, déi Beeter, am Kader vun enger Demande - dat hate mer och schonn an der Bautekommissioun - fir do en neie Bauprojet ze maachen, wou mer och de Projet verworf hunn, well laut PAG e puer Saachen hu misse geännert ginn, mee virun allem awer well déi Echangen net konnte gemaach ginn, ass et esou, dass engersäits dann den Echange hei nach net konnte gemaach ginn tëscht deenen zwou Parzellen an dass mir awer en Contrepartie och eng Soulte kréien. Dat heescht, d'Gemengekeess kritt do de Montant 22.276€.

Dat eent ass also zwou Parzellen déi mer kréien, déi an d'Voirie publique integréiert ginn, wou mir Proprietär ginn, an dat anert Stéck, wou dann effektiv den Här Gigante kritt, fir säi Projet. Voilà, dat sinn am Fong déi Erklärungen, firwat dass mer deen Echange hei maachen mat där Soulte en Faveur vun der Gemeng. A wéi dat klassesch ass, wann dat dote gemeet gëtt, muss als éischt e Reklassement gemeet gi vum Domaine communal public an den Domaine communal privé. An da kann eréischt en Acte notarié approuvéiert ginn, fir dann vum Domaine communal privé verkaf kënnen ze ginn. Dat sinn déi zwee Momenter, déi hei musse vollzu ginn. Dat hei zu den Erklärungen zu deem dote Projet.

Huet de Gemengerot Froen dozou? Dat ass net de Fall. Ass de Gemengerot mam Reklassement vun den Terrainen vum Domaine communal public an den Domaine communal privé averstanen? ***Dat ass unanime.***

Ass de Gemengerot dann och mam Acte notarié averstanen, mam Echange, respektiv dann och mat der Soulte déi mer kréien als Stad Diddeleng?
***Dat ass och unanime.*** Da soen ech och do villmools Merci.

**6.8. Ordinaire Subside fir lokal Clibb a Veräiner**

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Da komme mer op den nächste Punkt. Dat sinn déi ordinair Subsiden fir d'Diddelenger Veräiner an do ginn ech dem Loris Spina d'Wuert.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Merci Här Buergermeeschter. Dir kennt den Exercice. Dëst Joer verdeele mer 58.700€ un eis verschidden Associatiounen. E klenge Rappell, wéi déi Chifferen bei deenen eenzele Veräiner an Associatiounen zustane kommen: Mer haten do e Schlëssel erstallt, wou engersäits e Basissubsid virgesinn ass, anerersäits awer och e plafonéierte Montant. Da gëtt gekuckt wéi vill aktiv Memberen hunn déi eenzel Associatiounen a Veräiner. A well mer awer och en Akzent par rapport zu der Jugend wëlle setzen, kucke mer och nach wéi vill Jugendmemberen aktiv sinn, an deenen eenzele Veräiner an da gëtt den Encadranten nach Rechnung gedroen an eeben och, ob se beim Cortège vun der Gemeng, en Event um Virowend vun Nationalfeierdag, matmaachen. Mir hunn nach agesat déi leschte Joren: Dir wësst, Dir kënnt Iech bestëmmt drun erënneren, dass mer en Delta vun 20% par rapport zum leschte Joer ëmmer mat agebaut hunn, fir dass d'Veräiner awer och eng gewëssen Planungssécherheet behalen.

Dës Weideren ass dat agedeelt an eis Sportsveräiner, Soziales am Allgemengen, de Scoutism, Kultur a Konscht, Natur an Ëmwelt an och allgemeng Loisirs. Dat sinn e bëssen déi Kategorien, déi mer zréckbehalen haten. Do donieft, dir wësst et, am Budgetsdokument stinn och nach eng Rei Associatiounen a Veräiner, déi e fixe Montant kréien. Déi si lo  an deem heiten Tableau net mat dran, well se eeben am Budgetsdokument virgesi sinn. Wat kann een soen zu dëse Chifferen? Dir gesitt d'Chifferen: Déi grouss Veräiner, déi komme reegelméisseg un dee Plaffong, dee mer de Moment nach hunn. Et ass awer och flott, dass een zréckbehale kann, dass d'Veräiner am Fong geholl méi aktiv Memberen erëm hunn. Dat heescht, déi Period déi ganz schwiereg war wärend der Pandemie, wou een e bëssen Angscht hat ëm eis Veräinswelt, déi huet een e bëssen hannert sech gelooss. Se sinn am gaangen erëm richteg bei de Memberen eropzekommen, wat jo am Fong geholl gutt ass a wat deenen eenzele Veräiner och ze gutt kënnt. Dat gesot, ass d'Diskussioun wéi ëmmer op.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Mir stëmmen dat mat an ech wollt just nofroen: Déi Subventioun, déi de Syndicat d'Initiative kritt, déi 32.000€, si si jo e bëssen den Daachverband vun de Veräiner. Déi ginn am Tourisme verbucht am Ordinaire. Ech war dat nokucken an de Budget. An ech wollt nofroen, ob reegelméisseg bekannt gemaach gëtt, datt Veräiner eebe kënne e Patronage ufroe beim Syndicat an do nach eng Kéier finanziell ënnerstëtzt ginn fir aussergewéinlech Veranstaltungen. An da wollt ech awer och nach, wou mer bei de Veräiner sinn, soen, dass jo elo déi Veräiner déi Charte ënnerschriwwen hunn am Environnement, Climat an Energie an dat fanne mir ganz gutt. Merci.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter. Ech wollt grad eeben do anhake bei där Charte Environnement, Climat et Energie. Wann ech dat richteg an Erënnerung hunn, da war eng Kéier viru Joren, wou mer dovu geschwat hunn, gesot ginn, et géif och dann eventuell e Subsid gi fir Veräiner, déi di Charta ënnerschreiwen. Ech huelen un, dat ech dat richteg verstanen hat? Do koum et dann den 9. Januar zu enger Presentatioun vun där Charte, wou awer e bësse schued war, dass net all impliziéiert Veräiner - an do gesinn ech Veräiner, déi vun der Gemeng iergend eppes kréien - invitéiert waren. Do gëtt et z.B. Veräiner - et waren der op d'mannst zwee - déi hunn zwar hir eege Lokalitéiten, mee bezéie awer vun der Gemeng Waasser, Stroum, Gas, Elektresch an och d'Chargë fir Müll a sou. An déi waren net invitéiert ginn, waren awer trotzdeem do an hunn Engagement gewisen a gesot «Majo, mir wëllen eis och engagéieren fir Energie ze spueren, well mer kréie se jo vun der Gemeng gestallt» an do hu se sech dunn agedroen op enger Lëscht, fir d'nächste Kéier kontaktéiert ze ginn.Do koum et de 16. Mee um 10:00 moies, eng immens Zäit fir Leit déi schaffen, zu der Signature vun där Charte. An erëm eng Kéier waren déi Veräiner do net geruff ginn. Wat ech e bësse schued fannen. Déi weisen en immensen Engagement. Anerersäits ass do ee Veräin dobäi, deen elo am Juni säi grousst Fest ënnert dem Label vun de Green Events mécht, wat, fannen ech, och eng immens Leeschtung ass, wat och an der Charta steet, dass een dat soll promouvéieren, dass d'Veräiner dat maachen.

Elo war awer ee klenge Knackpunkt an der éischter Versammlung vum 9. Januar. Wann ech dat richteg matkritt hunn, dann hat den Här Schäffen Manderscheid ugedeit, op eng Fro hi vun engem Veräin deen do war, «Wat geschitt mat engem Veräin, deen déi Charta net anhält?» Do hat ech gemengt - do wier de Wuertlaut vläicht net genee deen, mee d'Iddi dohannert wier: Oh do musse mer kucken, ob mer do net eppes um Niveau vun hire Subsiden änneren… An ech mengen, duerno huet de Schäffe Spina dat e bësse redresséiert a gesot «Neen, et ass am Fong esou geduecht, déi Charta soll en Ureiz si fir d'Leit, fir matzehëllefen». Lo si scho Veräiner, déi soen «Oh mer hunn eppes héieren. Du kriss no 2 Joer 2000.- € oder sou, wann s de se anhäls». An dofir geet et mer lo hei just drëms, fir eng Kloerstellung ze hunn vu Saachen, déi ech sou opgefaangen hunn. Ech war selwer an der 1. Versammlung vum 9. Januar. Do si Saachen, wou schonn eng gewëss Wourecht awer drun ass, quitt dat ech awer villäicht a mengem Alter a mat mengem Gehéierproblem net méi grad alles richteg op d'Rei kréien, an dofir geet et mer just drëm, dass dat elo hei wierklech kloergestallt ass. War do ëmmer e Subsid an Aussiicht gestallt? An ass do eppes drun, dass ee kéint sanktionéiert ginn, wann een et net géif anhalen? An drëttens: Firwat bréngе mer et net fäerdeg déi Veräiner, déi sech wëllen engagéieren, mat an déi Saach do ze huelen? A firwat maache mer eng Versammlung moies um 10h donneschdes, wann d'office net jidderee kann dohinner goen, fir se ënnerschreiwen ze loossen? Merci.

BOB CLAUDE (LSAP): Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Et ass dëst Joer fir déi 10. Kéier, datt de Gemengerot iwwert d'Verdeelung vun den ordinaire Subsiden fir eis Veräiner an Associatiounen debattéiert. De Verdeelungsschlëssel mat de Krittäre, war jo ab 2012

vum deemolegen Aarbechtsgrupp ausgeschafft ginn. Wéi déi Jore virdrun bleiwe mir bei eiser Meenung, datt déi Verdeelung transparent a gerecht ass. Vergläicht ee mam Tableau vum leschte Joer, da stellt ee fest, datt quasi déi selwecht Bäiträg ausbezuelt gi sinn. Dës Subside sollen eng Motivatioun si fir déi wichteg Sozialiséierungs- an Integratiounsaarbecht an eiser Gesellschaft weiderzeféieren. Et ass evident dass déi infrastrukturell, materiell a logistesch Ënnerstëtzung vu Säiten vun eiser Gemeng och weiderhi wäert bestoe bleiwen. An deem Sënn ass och ervirzehiewen, dass de leschte Samschdeg deen hei Hall Polyvalent ageweit ginn ass. Do kann eis Veräinswelt hir Versammlungen, Schoulungen, Konferenzen, Ausstellungen a Fester organiséieren. D'LSAP-Fraktioun stëmmt der Subsideverdeelung fir d'Joer 2022 zou.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. 2021 hate mer eng informell, interfraktionell Sëtzung fir iwwert de Verdeelungsschlëssel vun de Subsiden ze diskutéieren. Dat war eng flott Iddi vum Schäfferot, sech och mat der Oppositioun ze concertéieren. Sou soll et jo och ëmmer sinn. Participativ Demokratie fänkt an eisen A jo am Gemengerot un. Awer weder d'lescht Joer nach dëst Joer hate mer esou eng informell interfraktionell Sëtzung, wat mer absolut bedaueren. Dir wësst dass d'CSV säit Joren de Subsideschlëssel net matstëmmt, net well mer de Veräiner de Subside net gënnen, net wëll mer mengen d'Somme globale misst wesentlech eropgesat ginn, mee well mer de Verdeelungsschlëssel ganz ontransparent fannen an dat ass net richteg. An dofir si mir net averstane mat der Subsideverdeelung. D'Veräiner fëlle brav hier Demande aus. Si schreiwe ganz kloer dran, wéi vill jonk Membere se hunn, wéi eng Qualifikatioun hir Trainer, Moniteure, Cheffen hunn, an der Hoffnung, dass dëst Engagement och en Impakt op de Montant vum Subsid huet. Deem ass awer net esou. Et ass net komplizéiert, dës Qualifikatiounen ze berücksichtegen, wéi de Schäfferot et behaapt.

Ëmmerhin ginn déi national Subside jo och no klorem Ranking vun de Formatioune vun den Encadranten bestëmmt, respektiv déi kloer Denominatioun vun de Formateure am Sport ginn nom Reglement vun der INOPS festgehalen. Gutt forméiert Encadranten fir eis Jugend, dat soll an eisen Ae belount ginn. Ech denke wa lo och nach eng Evaluatioun kënnt vun enger nohalteger Charta, da muss jo souwisou nach eng Kéier gekuckt ginn, wéi dat an d'Subsiden afléisst an do ass eng Transparenz ganz wichteg. An do widderhuelen ech nach eng Kéier eng Demande déi mer säit Jore soen: Firwat wiert de Schäfferot sech fir, sief et an engem informelle Gemengerot oder an enger interfraktioneller Sëtzung oder an enger Sportskommissioun oder an enger Subsidekommissioun, déi ronn - et sinn ëmmerhin nëmme 65 Dossieren déi ragereecht gi vun de Veräiner - oppenzeleeën an a voller Transparenz d'Subsiden ze verdeelen? Mir fannen dat ganz schued. Et sinn och rëm wéi all Joer Variatiounen dran, wou ee sech dann heiansdo freet, wou déi hierkommen. Deen ee kritt 15.- € manner, deen anere kritt 15.- € méi. Et ass net ëmmer ganz evident. Et ass awer gutt, wéi den Här Spina et gesot huet, dass ee gesäit dass bei deeene meeschte Veräiner d'Montanten an d'Luucht ginn, well effektiv och d'Memberen zouhuelen. Ech wëll just betounen: Mir hunn e Scoutsgrupp hei, deen a sengem Verband, dee gréissten aus dem Land ass, an dat soll och sou sinn. Dofir e grousse Respekt vis-à-vis vun deene Leit, déi sech do engagéieren.

Wéinst dëser Intransparenz, wéi gesot, vun der Attributioun vun de Subsiden droe mir dat hei net mat. Dat heescht absolut net, dass mir eis Veräiner wëlle strofen. Au contraire! Mir beluewe si fir hiren Asaz iwwert dat ganzt Joer a mir soe villmools Merci, dass si och zur Attraktivitéit vun eiser Stad bäidroen. Dat ass ganz wichteg ze soen. Mir soe Merci, dass si hir Encadranten a Formatioune schécken. Mir soe Merci, dass si de Formulaire fir d'Demande fir e Subside esou gewëssenhaft ausfëllen an eleng aus Respekt hinne géintiwwer, wënsche mir eis och eng transparent Kommunikatioun no baussen, no wéi enge Krittären de Verdeelungsschlëssel ugewannt gëtt. Dat wier korrekt, dat wier fair an dat wier och fair vis à vis vun de Veräiner. Mir bedaueren, dass de Schäfferot awer un hirer Devise festhält «Dat lescht Wuert huet de Schäfferot». Do si mir net ganz frou driwwer. An dofir wéi gesot: Wéi all Joer, och säit éiwege Zäiten, enthale mer eis bei der Verdeelung vun de Subsiden. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci Madame Kayser. Soss nach Stellungnamen? Dat ass net de Fall. Da géifen engersäits de René Manderscheid an duerno de Loris Spina nach op e puer Punkten agoen.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – SCHÄFFEN): Meng Interventioun beschränkt sech eleng op d'Charte. Effektiv hate mer am Januar all déi Veräiner ugeschriwwen, déi vun der Gemeng eng Lokalitéit zur Verfügung gestallt kréien. An do waren och eng Rëtsch Veräiner dobäi. Do waren effektiv déi zwee Veräiner, déi net esou à la lettre op dat gepasst hunn. Do hu mer natierlech déi Interventioun gemaach. Wann déi net méi invitéiert gi sinn am Juli, dann ass dat en Oubli vun eisem Service iwwert deen ech mech dann och wäert hei an aller Form entschëllegen. Mir wäerten dat och nohuelen. An zweetens: Firwat mueres um 10 Auer? Ma eis Erfarungswäerter sinn et dass wann ee mueres d'Press rifft da kommen se éischter, wéi wann ee se am spéiden Nomëtten hëlt. Dat ass d'Ursaach gewiescht. An ech muss och soen, et ware méi Leit do ëm 10 Auer déi zweete Kéier, fir ze ënnerschreiwen, wéi am Januar owes fir ze presentéieren. Dat nëmmen a Klammeren.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Ech hat gemengt, den Här Manderscheid géif nach e bësse schwätzen. Entschëllegt. Fir op d'Interventioun vun der Madame Heinen zréckzekommen: Jo, effektiv, de Syndicat d'Initiative, deen ass bei de Subsides fixen an eisem Budgetsdokument virgesinn an dofir stinn déi elo hei net dran. Mir als Gemeng, effektiv, wa mer op de Generalversammlunge sinn, soe mer dat och ëmmer. An et sinn och vill Veräiner, déi op de Syndicat zréckgräifen, fir e Patronage oder eng Coupe gesponsert ze kréien. An och: De Syndicat ass awer reegelméisseg present op deenen eenzele Generalversammlungen an deen hëlt dat och ëmmer mat dohinner. Ech stelle fest, dass mer eis, trotzdeem dass mer an der ganzer Mandatsperiod

vill diskutéiert hunn, eis vill getraff hunn, awer net zu 100% eens sinn. Dann ass dat esou. Mir hu probéiert als Schäfferot an deem Austausch wou mer haten, ugefaangen mam Aarbechtsgrupp, wou alleguerten d'Parteie vertruede waren, och aktiv matgeschafft hunn, bis eeben elo déi Transparenz un den Dag ze leeën. Ech hat gemengt, dat wär eis gelongen, well et ass awer déi Formel, déi ech virdrun erläutert hunn, ass awer kloer an erkläert och, firwat deen ee Veräin vläicht - wéi d'Madame Kayser gesot huet – 15€ méi oder manner kritt huet wéi d'lescht Joer.

Dat huet eebe mat där Formel ze dinn. Wa se dëst Joer manner Encadranten hunn wéi d'lescht Joer zum Beispill oder vläicht déi eng oder aner Lizenz manner, da kann et sinn dass de e bësse manner kriss. Am Géigendeel, wann s de dann awer méi Lizenzen hues, dass de dann e bësse méi als Subside kriss. Dat ass eben déi Variabel, déi sou eng Formel mat sech bréngt. Fir de Recht mengen ech si mer eis effektiv eens: Mir si frou, dass mer sou vill a ganz gutt Veräiner hei zu Diddeleng hunn. Dat bréngt Liewen an d'Bud. Nieft dem Subsid, deen d'Veräiner kréien - Dir wësst et - ënnerstëtze mir als Gemeng se och anerwäerts op ganz ville Punkten. Mir hunn natierlech déi ganz Rei vun Infrastrukturen, déi mer deelweis nei bauen, bezéiungsweis renovéieren an ënnerhalen. An awer och an Punkto Logistik, wann et op- an ofriichte geet, wann Transporter ze organiséiere sinn. Och dat ass ganz ganz wichteg a punkto Ënnerstëtzung vun eiser Veräinswelt. An dann awer e Merci all deenen déi et matstëmmen.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Domat ass meng Fro nach net beäntwert. Déi Veräiner, déi net konnten op déi Charte do komme fir ze ënnerschreiwe well se keng Invitatioun kritt hunn: Mussen déi elo Sanktioune fäerten? Wéi gëtt hiren Engagement honoréiert? Kréien se eng Chance, fir d'Charte nach nodréiglech ze ënnerschreiwen? A wéi ass dat mat deen Subside, deen eng Kéier an Aussiicht gestallt war? Ech wollt am Fong do eng Kloerstellung hunn.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – SCHÄFFEN): Ech mengen, do gëtt eppes duercherneen gehäit. Mir hu jo zwou Charten. Déi eng Charte ass jo déi mat den Energiespuermoossnamen an déi aner war jo dat mat de Zero Waste, mat dem Null Plastik. Dat waren déi zwou Charten. A mer hu gesot gehat, bei der 1. Charte mam Zero Waste, do kréien d'Veräiner e Subsid vun der Gemeng dobäi, wa se d'Konditiounen erfëllen. Dat hu mer jo och gemeet. Wann der de Label «Mir engagéieren eis», respektiv de «Green Label» ufrot, do leet d'Gemeng jo sou vill bäi par rapport zum Subsid vum Staat. Déi 2. Charta ass e rengt moralescht Engagement, wou d'Veräiner no guddem Wëssen a Gewësse solle matschaffen, fir Energie ze spueren. Do gëtt et kee Subside.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Och déi Prezisiounen net onwichteg. Da kënne mer zum Vott iwwergoen.

***Wien ass hei mat den Subsiden averstanen? Dat sinn déi Gréng an d'LSAP an déi Lénk. Wien ass dogéint? Wien enthält sech? Dat ass d'CSV.*** Merci.



## 7. AMÉNAGEMENT COMMUNAL

**Approbatioun vun engem Projet fir e Lotissement/ Morcellement zu Butschebuerg presentéiert vun der Societéit TERRA G.O. fir d'Societéit Active Invest**

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Da géife mer op den nächste Punkt iwwergoen. Dat ass den Aménagement communal. Dat ass am Kader vum Morcellement. Dat ass net deen éischten an net dee leschten, dee mer hei am Gemengerot hunn. Dat ass op 57-59, Route de Noertzange. Do ass e Morcellement vun 20,74 Ar a 7,24 an 12,8 Ar.

Dat ass e Projet, dee mer an der Bautekommissioun haten, wou och do virgestallt gouf a wou och dann der Société Active Invest geschriwwen gouf, dass e Morcellement muss gemeet ginn, fir dass de Projet ka geneemegt ginn. De Projet ass geneemegungsfäeg a sou wéi den neie PAG et jo och virgesäit, mussen dann och déi Autorisatiounen fir d'Lotissement oder d'Morcellement hei duerch de Gemengerot goen. Voilà, dat waren d'Erklärungen zu deem heite Projet.

Ass de Gemengerot domadder averstanen? ***Jo, en unanimité des membres présents.*** Da soen ech lech Merci.





## 8. PERSONAL

**8.1. Kreatiopun vun dräi Poste fir Employés communaux a Vollzäit, Groupe d'indemnité C1, éducatif et psycho-social fir de Service Education et Accueil**

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Hei sinn d'Création de postes vun Aides-éducateurs am Service Education et Accueil. Dat sinn dräi Stéck am C1 an déi missten fir Lenkeschléi, Ripeschpont a Strutzbierg sinn. Dat ass den éischte Punkt. Ass de Gemengerot domadder averstanen? ***Dat ass unanime.***

**8.2. Kreatiopun vun engem Poste fir Employé communal a Vollzäit, Groupe d'indemnité B1, éducatif et psycho-social fir de Service Education et Accueil**

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): An de zweete Punkt, dat ass am Fong e B1, en Diplomé, och fir de Service Education et Accueil. An och dat ass fir op de Strutzbierg.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Ass de Gemengerot domadder averstanen? ***Jo, dat ass unanime.*** Gutt, villmools Merci!

## 9. FROEN UN DE SCHÄFFEROT

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Da komme mer un d'Froen. Déi éischt Fro war vun der CSV. Ech gesinn awer, dass d'Autrice vun der Fro net do ass. Da géif ech villäicht waarden, bis se rëm ass, an da géife mer déi aner Froen elo virzéien. Dat war dann normalerweis d'Fro vun deene Gréngen.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Villmools Merci. Mir krute Froe ra vun deene Gréngen, vun der Madame Heinen an der Madame Semiray. Ech gi se eenzel duerch. Ech liesen ëmmer Ären Text, an da ginn ech Iech direkt op d'Fro eng Äntwert. Do ass et esou, datt déi Gréng am Fong eis bieden Stellung ze huelen an däser Sëtzung. De ganze Gemengerot huet jo e Bréif kritt. De Personalbüro an de President vun der Delegatioun, mir kruten dee Bréif den 19. Mee vun zwou Educatricen aus dem Jugendhaus, an deem si hir Grënn fir hir Kënnegung matdeelen. Ee vun de Grënn wier d'Ännerung an der Hierarchie. An dann ass d'Fro: Wéi war d'Hierarchie bis elo gereegelt innerhalb vum edukative Personal am Jugendhaus an dem Projet Outreach? Aus wéi engen Ursaachen kommen d'Ännerungen, ob mir Iech do kënnen Erklärunge ginn?

Ech ginn Iech do Erklärungen dozou. Grënn fir d'Ännerungen: Mir hunn ee Volet «Jugendhaus», also Maison des jeunes mat hiren Aktivitéiten am Haus an do muss ee Gradué drop sinn. Dat ass och esou vum Ministère virgeschriwwen. Dir wësst, mir si konventionéiert. Si schreiwen eis am Fong vir, mir missten e Gradué drop hunn. Mir hunn och zwee Diploméeën am Jugendhaus a mir hunn elo en drëtten am Fong elo nach zougesprach kritt, dee mer awer elo nach net besat hunn. Mir hunn en elo mol zougesprach kritt. Dann ass et awer och esou, dass de Projet Outreach, dat ass en Deel à part - och wann en an d'Jugendhaus integréiert ass mëttlerweil, well et gutt Zesummenaarbecht ass, déi Sënn mécht, déi zwee Voleten. Och do muss en Educateur gradué drop sinn. Sou ass d'Hierarchie am Fong am Haus gereegelt. Dat heescht et huet een fir de Volet Jugendhaus e Gradué a vu datt den Outreach eleng ass, ass hie säin eegene Virgesetzten eben.

Wéini ass et zu deenen Ännerunge komm an aus wat fir engen Ursaachen? Ma ech kann do kuerz drop agoen. 2019 wéi eise Gradué fortgaangen ass, do hu mer en Educateur diplomé, deem hu mer d'Méiglechkeet accordéiert fir da Responsabel vum Volet Jugendhaus ze ginn, ënnert der Konditioun awer - dat war ganz kloer vun der Gemeng an awer och vum Ministère esou gefuerdert -

datt e seng Schoul géif maachen als Gradué dann eben. Do ass et awer elo sou, datt déi Ännerungen, déi elo geschitt sinn, déi sinn am Fong komm, well mer no dräi Joer festgestallt hunn, dass den Diplomé deen en place war als Responsabel, nach ëmmer keng Punkten op der Uni konnt virweisen a mir net woussten, ob déi Formatioun am gaange wier oder iwwerhaapt ugefaange wier.

Da ginn ech virun: Haten déi zwou Educatricen éier se gekënnegt hunn, ëm Hëllef gefrot, eng Mediatioun ugefrot (Psycholog, Personalbüro oder Delegatioun) oder beim Service à l'Egalité des chances? Do kann ech och ganz kloer drop äntweren. Hei war et esou, dass eigentlech dat ganzt Team no Hëllef gefrot huet an net nëmmen déi zwou Educatricen. Dat Ganzt ass eigentlech schonn am September 2022 ugaangen an do ware ganz vill Reuniounen, sief et mam Här Bausch, sief et och mam Här Nosbusch oder mat der Psychologin. An enger vun de Reuniounen wou ech elo dobäi war, do ass et da sou gewiescht ,datt mer eigentlech d'Equipe iwwert den neie Responsabelen informéiert hunn, vu que datt den ancien Responsable jo eigentlech fräiwëlleg op säi Poste verzicht huet. Ech selwer hat eigentlech just een eenzegt Gespréich mat der fréierer Responsabel eleng, wou ech proposéiert hunn Hëllef unzebidden an et och bei d'Psychologin geschéckt hunn. Den Här Bausch, den Här Nosbusch an d'Madame Marques hunn ëmmer weider Gespréicher gefouert a si hunn se och reegelméisseg gesinn.

An dann war Är Fro: Gi reegelméisseg Supervisioune gemaach am Jugendhaus? Vu wiem? Do ass et esou, dass mer elo eng Supervisioun intern gemaach hu mat der Madame Marques a mam ganzen Team. An dann ass awer och eng zweet Supervisioun ugelaf, nodeem déi mat der Madame Marques ofgeschloss war, an dat war eng extern Firma, déi sech dann dorëm gekëmmert huet. An dann: «Reegelméisseg» gefrot. Jo, «reegelméisseg» - herno ass een ëmmer méi schlau. Et misst een et eigentlech reegelméisseg maachen. Dat hu mer bis elo net gemaach. Et kann een awer virgesinn, datt een dat e bësse méi reegelméisseg mécht. War déi Supervisioun ugefrot gi fir déi beschriwwe Problemer beim Personal ze analyséieren? Jo, déi Supervisioun war effektiv ugefrot ginn, fir déi ganz Situatioun ze analyséieren. Elo ass et awer esou, datt Leit fortgaange sinn, zwee Stéck. Mir konnten déi Supervisioun, déi extern, net viru féieren. Mee si begleet awer elo déi ganz nei Ekipp komplett vun Ufank un, fir do de ganz neien Opbau ze maachen, sou datt mer kee Feedback hu vu virdrun, mee elo eigentlech an d'Zukunft kucken.

An dann hutt Dir gefrot: Kann d'Jugendhaus de Projet Outreach mat 50% manner Personal normal weider fonctionéieren a kann de Jugendsummer organiséiert ginn wéi all Joer? An do kann ech Iech soen: majo de Projet Outreach - déi Persoun, déi de Projet Outreach virdru gemaach huet, ass nach ëmmer am Haus, ass nach ëmmer uspriechbar, och wa se lo dee Posten net méi mécht. Mee ech mengen dat ass awer kee Problem. Si ass nach ëmmer fir Jonker do an hëlleft och bei der Begleedung. Dann: Kann de Jugendsummer organiséiert ginn? Jo. Ech mengen de Jugendsummer ass ëmmer eng vun eise Prioritéite gewiescht. Dee steet. Ech wäert dann an der nächster Fro nach eng Kéier drop zréckkommen. Ech mengen do steet awer de ganze Programm. Voilà.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci dem Josiane. Iwwert de Jugendsummer ass jo och eng Fro komm vun der CSV. D'Madame Di Bartolomeo-Ries wäert drop äntweren.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Jo, ech äntweren dorop. Voilà, dann hu mer och eng Fro kritt vun der CSV. Och si hunn eis gebieden iwwer verschidde Saachen Stellungnam ze huelen. An do steet op Grond vun der Demissioun vun zwou Educatricen aus dem Jugendhaus an op Nofro vun e puer Jonker, stelle mer eis follgend Froen: Wou sti mer an de Preparatioune vum Jugendsummer 2023? An do ass ganz kloer: De Jugendsummer, dee steet. D'Aktivitéiten sinn esou gutt wéi organiséiert. Ech mengen et ware ganz vill Echangë mat de Jonken dës Kéier, fir emol ze kucken: Wat sinn hir Choixen? Wat hätte si gär? Zwee grouss Voleten ass Konscht a Sport, déi eng ganz Woch wäerten daueren. An och do sinn eng ganz Rei Aktivitéite geplangt. Ganz wichteg awer och Aktivitéite an Zesummenaarbecht mam SNJ si geplangt, well dat e ganz wichtege Partner ass iwwerhaapt, och fir d'Gemengen. Dat eenzegt wat net gemaach ass, sinn natierlech d'Buchungen: D'Reservatioune vu Busser, Camionnetten, asw.

Da gëtt nach gefrot: Gëtt nach eng Jugendkommissioun aberuff, fir iwwert de Jugendsummer ze diskutéieren?
Ech wëll lo einfach ganz kloer soen: D'Kommissioun - mir hunn eigentlech ëmmer och flott zesummen diskutéiert an der Kommissioun, mee mir hu keng Jugendkommissioun gemaach. Firwat? Well éischtens de Sekretär demissionéiert huet. Ech wëll dat emol ganz kloer soen. An dat Team, déi zwee déi elo nach en place sinn, déi hunn dat Ganzt eleng missten op d'Been stellen. Lo deenen nach ze soen «Komm mir ginn och nach an d'Jugendkommissioun a mir fänken nach eng Kéier un». Mir ware wierklech frou, datt si de ganze Volet do op d'Bee gestallt hunn. Ech maachen awer ganz gär nach eng Kéier eng. Wéi gesot, d'Brochür ass fäerdeg. Mir hu flott Aktivitéite geplangt mat deene Jonken zesummen. Ech kann awer ganz gären nach eng maachen wann Dir wëllt. Mee sorry, dat ass effektiv e bëssen elo an deem Ganzen ënnergaangen.

Dann hutt Dir gefrot: Sinn d'Animateuren oder d'Animatricen scho fir de Jugendsummer rekrutéiert? Jo, ech mengen déi si rekrutéiert. Do sinn et der de Moment véier Stéck, dovunner sinn der dräi Stéck, déi sinn an der Ausbildung op der Uni fir Sozialaarbecht. An déi hunn awer de Brevet 1. An dann ass et esou datt mer eng Animatrice geholl hunn, an dat ass eng Schülerin vun enger 13ème SO.

Dann d'Fro: Wéi vill Personal gëtt gebraucht, fir de Jugendsummer an d'Aktivitéiten am Kader vum Jugendsummer ze assuréieren? Kënne mir d'Aktivitéiten mat der aktueller Zuel garantéieren? An do ass et esou: Eigentlech, déi Jore virdrun hunn d'Animateuren oder d'Animatricen, wa se da komm sinn, ganz vill nach matgeschafft un der Organisatioun. Elo ass et awer esou, dass de Programm steet. Déi Animatioun ass komplett organiséiert, ausser Busser a Camionnetten nach net

bestallt. A si komme lo reng wierklech nëmmen nach fir um Terrain ze schaffen. Dat war scho festgehale ginn d'lescht Joer nom Jugendsummer. Dat ass dëst Joer dann och ëmgesat ginn. Mat siwe Leit am Encadrement mengen ech, datt mer dat ganz gutt hikréien.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, dem Josiane, fir déi doten Äntwerten. An da kommen ech op d'Fro vun der Madame Kayser, also vun der CSV, par rapport zum VeWa- a Lokomotivatelier. Gutt dass déi Fro gestallt gouf zum VeWa, well et gëtt engem d'Méiglechkeet nach eng Kéier kloer ze soen, wat de VeWa ass, respektiv wat de VeWa net ass. Madame Kayser, ech ginn eng Kéier kuerz op d'Fro an. E seet, dass en a Kontakt war mam DKollektiv. Et ass sou dass de VeWa sech eng Charte des valeurs ginn huet, iwwert d'Aktivitéiten déi am VeWa dierfe stattfannen. Et gouf matgedeelt, dass dës Charte am Accord mam Buergermeeschter an 1. Schäffen opgesat gouf. D'Fro ass: Ass dës Charta vum Schäfferot ënnerschriwwen an deementspriechend a Kraaft? Hätt een dës Charta net missen dem Gemengerot virstellen? Hei steet och dran, dass e Comité de Co-Gestion gegrënnt gouf an dass lo och e Kontakt besteet mam Service culturel. Ob d'Gemeng am Comité vertrueden ass, wat d'Finanzéierung vun de kulturellen Aktivitéite vum VeWa ugeet? Ob de Budget vum Service culturel vun der Gemeng iwwerholl gëtt? Ob d'Gemengepersonal explizitt dem VEWA zougeschwat ass? Et schwätzt ee vun engem «Responsable de programmation et de coordination». Dee gëtt an der Charta erwäänt. Ass dës Persoun schonn noméiert? Gëtt dëse Responsabele vun der Stad Diddeleng agestallt? Et gëtt de Comité de Gérance och ernimmt. Wéi setzt deen sech zesummen? An dann déi allerwichtegst Fro: Wéi eng Méiglechkeet gëtt et fir Diddelenger Veräiner de VaWa ze notzen, fir e Floumaart, Repair Café, e Museksfest oder en Charity Event? Dat ass d'Fro, déi gestallt gouf.

Ech hu virdru gesot: Gutt dass een déi Fro stellt. Et gëtt engem d'Méiglechkeet ze soen, wat de VeWa ass, respektiv wat de VeWa net ass. Dir kënnt jo och op den Internetsite goe vum VEWA an do fënnt een d'Statute vum VeWa. Do fënnt een och de Règlement d'ordre intérieur, respektiv d'Charte. De VeWa huet sech jo Statute gi Mëtt Mee 2023. Do gesäit ee jo och dran, wie Member ass vun där ASBL. Dofir si jo Statute gutt an och asiichtbar. Dat ass de Centre pour la promotion des arts, de SEPA, d'Summerakademie, den DKollektiv, d'Fondatioun Thierry Van Werveke, Interaction an Urban Garden. D'Stad Diddeleng ass, wéi Dir dann raushéieren hutt, net Member vum VeWa. Firwat soen ech dat? Well de Projet vum VeWa jo an d'Liewe geruff gouf mam DKollektiv, respektiv och mat der Oeuvre Grande-Duchesse Charlotte am Kader vun der Kulturhaaptstad 2023. Dat soll jo en Tiers-lieu culturel sinn. Dat heescht d'Essenz selwer ass, dass et am Fong en Tiers-lieu culturel ass, wou am fong kee politesche Responsabelen dran ass. Et soll eng Plaz sinn, wou kreativ geschafft gëtt an et soll net eng Plaz sinn, déi institutionaliséiert ass, kulturell sou wéi z.B. de Centre culturel régional OpderSchmelz. Dofir mengen ech, dee Kontakt dee mir mat de Responsabelen hate vum DKollektiv, fir dass si effektiv eng Kéier mam Loris Spina a mat mir selwer zesummekomm sinn, well se e Rotschlo gefrot hunn, well se keng Kenntnisser haten, wéi een eng ASBL zesummestellt. Se hunn eis do e Projet virgestallt. Mir hunn hinnen e puer Rotschléi mat op de Wee ginn an hinnen och gesot, dass se sech solle juristesche Bäistand awer huelen, fir en bonne et due forme eng ASBL ze grënnen.

Mir hunn hinnen och mat op de Wee ginn, dass wann hir Statutte bis am RCS deposéiert sinn, si eis déi och sollen zoukomme loossen, well se jo dann och an de Benefice komme vu Subside vun der Gemeng. A wann ech soen den Esprit vun engem Tiers-lieu culturel, heescht dat d'office, dass am Fong och kee vun der Gemeng am Verwaltungsrot ass. Dat heescht awer och, dass natierlech net déi politesch Responsabel, well d'Politik soll sech do raushalen, mee dass awer z.B. e Service culturel oder e Service Régie, wéi Dir et hei frot, natierlech als Observateur mol ka bei Reuniounen dobäi sinn, wa Froe wären, well mer jo och als Gemeng mat hinnen zesummeschaffen. An déi Charte, dee Règlement d'ordre interne wou si sech ginn hunn, wou si och ganz kloer soen, wat de VeWa ass a wat en net ass, deen hu si selwer, deen huet d'ASBL ausgeschafft. Do huet am Fong de Schäfferot guer net matgewierkt, well mer am Esprit si vun engem Tiers-lieu culturel, well deen net institutionaliséiert ass. Dat ass eng komplett aner Ausrichtung, wéi déi Froestellung déi hei och gemaach gouf. Lo weess ech net, ob Dir falsch informéiert gouft oder d'Verständnis vläicht dovunner feelt, dofir wëll ech och eng Kéier kloerstellen, wat de VeWa ass a wat en net ass. Well si jo och do déi Fräiheet hunn. An dofir ass de VeWa och eng Plaz fir ze schafen an dat maache si iwwert hir Aktivitéiten jo och - dee ganze participative Prozess. De VeWa ass jo och esou entstanen, respektiv déi Aktivitéiten, déi do stattfannen.

Mee et ass net eng Plaz fir ze weisen oder wou een nëmmen Ausstellunge géif maachen. Et ass lo net e Lieu de représentation an et ass och net eng Plaz, wou Eventer gemeet ginn, déi eng politesch, reliéis oder kommerziell Aktivitéit sollen hunn. Dat hu si sech selwer definéiert an hirer Charta an d'Prioritéit hunn am Fong Aktivitéiten, déi am soziokulturelle Beräich sinn an déi e participative Charakter hunn. Bis dato huet d'Gemeng och guer keng Konventioun mat hinnen. Wann eng Kéier eng sollt kommen an iergendenger Form, da gëtt se natierlech och hei am Gemengerot presentéiert. Mee Dir wësst jo, dass d'Mise à disposition un d'ASBL gemeet ass a si am Fong dann den VeWa geréieren. An natierlech, vu dass mir Proprietär sinn, wa Saachen um Gebai ze flécke sinn oder wa si iergendwéi e Rotschlo brauche vun eisem Service culturel fir en Event ze organiséieren, da sti mir natierlech berodend ouni Problem och ganz gären zur Säit. Domadder hunn ech dann och déi Froen déi Dir hei gestallt hutt, beäntwert. Et kënnen natierlech e Floumaart, e Repair Café oder e Museksfest oder Charity Event net do stattfannen. Mee den Hall Polyvalent, wou mer d'lescht Woch jo d'Porte ouverte haten, dee kann da fir sou Eventer genotzt ginn. Hei ass elo wierklech voll d'Autonomie vum VeWa, déi spillt. Et ass am Fong eng Architektur, wou si, de VeWa, zur Verfügung gestallt kréien als ASBL, wou si sech autonom Reegele ginn, wéi se deen geréieren, sou wéi am Fong Tiers-lieuen och deementspriechend am Ausland funktionéieren.

Dat war souguer och eng Conditio sine qua non fir och vun der Oeuvre Grande-Duchesse Charlotte déi néideg Subventionnementer ze kréien an dat war eng Conditio sine qua non vun den Evaluateuren. Et gouf jo och am Kader vun der Kulturhaaptstad 2022 Experten, Evaluateuren aus dem Ausland, déi komm sinn, an déi déi puer Tiers-lieux culturellen, déi et hei zu Lëtzebuerg ginn an déi jo och geschaf goufen, am Kader vun 2022 - notamment och zu Esch - sinn déi natierlech dohinner gaangen a hu gefrot: Wéi fënnt déi ganz Gestioun statt? A si soll deementspriechend och mat engem gewëssenen Detachement stattfannen an dat ass och dat, wat um Terrain vun de Responsabelen och esou ëmgesat gëtt. Ech mengen dass dat och wichteg ass, fir dass och déi Plaz déi Dynamik huet a behält, déi se den Moment och huet. Voilà, dat par rapport zum VeWa. Ech hunn elo zimmlech wäit ausgeholl, mee dat gëtt engem de Kader fir ze wësse wat et ass, respektiv wat et net ass, well et schéngt mer effektiv dann och wichteg ze sinn.

Dann natierlech déi aner Fro, wou Dir gestallt hutt. Dat war e bësse méi eng kleng. Dat war par rapport zu der Lokomotivhal respektiv der Kantin. Do hu mer jo eng Mise à disposition, respektiv e Contrat de bail. Also dat Ganzt gëtt net vun der Gemeng geréiert, mee et gëtt vun enger privater Firma geréiert, déi am gaangen ass d'Demarchen, d'Prozeduren ze maachen, am Kader vun der Ouverture. Dat heescht wann Eventer oder Concerten do organiséiert ginn, da gëtt dann an Ofsprooch mat der Firma gemeet. A si sinn am Fong och am gaangen - dat hu se eis och verséchert - op hirem generellen Internetsite deen se hunn, respektiv Facebook, respektiv Instagram, déi néideg Adaptatiounen ze maachen. Dat ass en cours de finalisation, fir effektiv déi Reservatioune kënnen ze maachen. Sou dee klasseschen Telefon sur place fir ze reservéieren, deen ass net do. Mee se sinn am gaangen déi néideg Dispositiounen ze huelen, fir dat kënnen ze maachen nodeems dann d'Prozeduren ofgeschloss sinn. Dat dann eeben och zum Lokomotivatelier. Dann hu mer och do déi néideg Informatiounen. Voilà, ech mengen da wäre mer alleguerten duerch d'Froen déi gestallt goufen, duerchgaangen. An da géife mer eriwwergoen an de Huis clos. •



# SCHLÉIFT ÄERT KAND OCH WIERKLECH, WANN DIR SCHLOOFT?

Fir datt Äert Kand ongestéiert ka schlofen: Leet genee fest, wou doheem keng Ecranen däerfe benotzt ginn!

Entdeckt eise Guide fir Elteren op ***bee-secure.lu***

BEE SECURE

einfach digital
Zukunftskompetenze fir staark Kanner

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

# ZESUMMEN HANDELEN

## ESOU KËNNE MIR WAASSER SPUEREN



### BESICHT ËFFENTLECH SCHWEMMEN

VERMEIT BE- AN OPFËLLE VU PRIVATE SCHWEMMEN.



### WÄSCHT ÄREN AUTO AN DER WÄSCHANLAG

ZOUE SYSTEMER GEBRAUCHEN D'WAASSER MÉI WÉI EE MOL.



### OPTIMÉIERT ÄR NOTZUNG VUN DER WÄSCHMASCHINN

LOOSST D'MASCHINN RÉISCHT LAFE WANN SE VOLL ASS.

### NÄTZT SOU MANN WÉI MÉIGLECH MAT DRËNKWAASSER

EISE WUESS BRAUCH KEE WAASSER, DEEN ERHËLT SECH RËM SÉIER. NÄTZT BEETER AN JONK PLANZEN NO SONNENËNNERGANG.





### REDUZÉIERT D'BOTZE VUN ÄREN AFAARTE MAT DRËNKWAASSER

GIDD SPUERSAM MAM DRÉNKWAASSER ËM!

### DUSCHT NET ZE LAANG

ENG KUERZ DUSCH GEET DUER FIR SECH ZE ERFRËSCHEN.



MOLOKO

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Administration de la gestion de l'eau

ALUSEAU
association luxembourgeoise des services d'eau

Zesumme fir eist
WAASSER